DIDDELENG
VILLE DE DUDELANGE

06 /// 2015

# GEMENGENINFO

## RAPPORT DU CONSEIL COMMUNAL DU 18.09.2015











EDITEUR: ADMINISTRATION DE LA VILLE DE DUDELANGE

Rétrospective en images ........ 03

Séance du conseil communal du 18 septembre 2015 - en résumé ........ 08

Gemengerotssëtzung vum 18. September 2015 ........ 10

1. Correspondance ........ 11
2. Règlements de circulation ........ 12
3. Nouvelle formation du tableau de préséance des membres du conseil communal ........ 14
4. Aménagement communal et développement urbain ........ 14
5. Finances communales ........ 22
6. Désignation de deux nouveaux membres du groupe de travail 'Gesond Diddeleng' ........ 48
7. Changements dans différentes commissions consultatives communales ........ 48
8. Encadrement du conseil communal pour enfants ........ 49
9. Nomination d'un chef de corps et d'un chef de corps adjoint pour le service d'incendie et de sauvetage ........ 49
10. Personnel communal ........ 50

Editeur responsable:
Collège des bourgmestre et échevins
de la Ville de Dudelange
Textes: Résumé Français: Joseph Schmit
Retranscriptions: Rita Schmit
N° 06 /// 2015
parution JANVIER 2016

Photos: Ville de Dudelange, Michel Brumat, Pulsa, André Weisgerber
Marc Lazzarini, Mike Zenari, David Laurent, Fotolia

# RETROSPECTIVE EN IMAGES



15e Fête des Cultures - 2.-4.10.2015



Présentation de l'exposition des jardins éducatifs Mäerchebësch et cité jardiniére - 05.10.2015



Semaine du goût dans les restaurants scolaires - 12-16.10.2015



PAG workshop mobilité douce - 21.10.2015













Inauguration du Centre sportif R. Hartmann en présence de Romain Schneider, ministre des Sports - 06.11.2015











Weekend portes ouvertes du Centre Sportif René Hartmann - 07. & 08.11.2015











Weekend portes ouvertes du Centre Sportif René Hartmann - 07. & 08.11.2015



Inauguration Vel'ok - 09.11.2015




Etude régionale de trafic Dudelange-Bettembourg en présence de François Bausch, ministre du Développement durable et des Infrastructures - 09.11.2015



PAG workshop stratégie de développement - la suite - 11.11.2015



Alex Bodry nommé bourgmestre honoraire - 13.11.2015

# RAPPORT SOMMAIRE DE LA SÉANCE DU CONSEIL COMMUNAL DU VENDREDI 18 SEPTEMBRE 2015

**Présents :** MM. Dan Biancalana, bourgmestre, René Manderscheid, Loris Spina et Mme Claudia Dall'Agnol, échevins, M. Bob Claude, Mmes Jessica David, Josiane Di Bartolomeo-Ries, MM. Jean-Paul Friedrich, Jean-Paul Gangler, Mmes Romaine Goergen, Nathalie Haas, Michèle Kayser-Wengler, Colette Kutten, MM. Marc Lazzarini, Romy Rech, Mme Brit Schlussnuss, conseillers et M. Joseph Schmit, secrétaire communal
**Absent, excusé:** M. Marc Schiffmann, conseiller

Début de la séance à 08.15 heures.

Avant le début de la séance a eu lieu la prestation de serment de la nouvelle conseillère Jessica David, ceci en remplacement de M. Marc Dany, démissionnaire.

1. Sous le point Correspondance, le bourgmestre a annoncé l'inauguration officielle du nouveau complexe sportif René Hartmann le vendredi 6 novembre 2015 à 17.00 heures, ainsi qu'une réunion d'information concernant l'étude de circulation régionale le lundi 9 novembre 2015 à 19.00 heures, en présence du ministre du Développement durable et des Infrastructures. Il a également informé que le centre de prélèvement sanguin dans la rue Auguste Liesch fonctionne depuis le 1er août 2015 sous l'égide du Centre hospitalier Emile Mayrisch en collaboration avec la société Paramedicus. Une dernière information a concerné le compte provisoire de l'exercice 2014 qui fait ressortir un boni de 8,6 mio d'EUR.

2. Quatre règlements de circulation ont concerné le chantier de redressement de la rue du Nord, la réglementation de la circulation dans la zone industrielle Wolser, un emplacement pour personnes à mobilité réduite dans la rue Antoine Zinnen et les travaux de raccordement dans la rue Mme Mayrisch de Saint-Hubert dans le cadre du projet de lotissement Lenkeschléi.

3. Le conseil a adopté le nouveau tableau de préséance qui fixe l'ordre dans lequel les conseillers communaux remplacent, le cas échéant, les membres du collège des bourgmestre et échevins.

4. En matière d'aménagement communal et de développement urbain, le conseil a approuvé à l'unanimité la modification ponctuelle du plan d'aménagement général, partie écrite et partie graphique, concernant un reclassement relatif au centre d'émission au lieu-dit ‚Ginzebierg', ainsi que le projet d'aménagement particulier concernant des fonds sis au lieu-dit ‚Koibestrachen' pour le compte de LIDL Belgium GmbH & Co KG.

5. En matière de finances communales, le conseil a approuvé l'état des recettes restant à recouvrer à la clôture de l'exercice 2014, au montant total de 1.432.495,86 EUR, les modifications à apporter au budget ordinaire de l'exercice 2015 avec des recettes nouvelles de 529.493,04 EUR et des dépenses nouvelles de 529.260,00 EUR, le taux de l'impôt commercial et les taux communaux en matière d'impôt foncier pour l'année 2016 qui restent inchangés par rapport à 2015, l'acte de droit d'emphytéose et de vente en état futur d'achèvement conclu avec la SNHBM concernant un appartement dans la rue des Champs, l'acte de vente signé avec l'association sans but lucratif ‚Les Amis des Greng Scouten a Guiden' concernant une parcelle de terrain sise au lieu-dit ‚Auf Weich', l'acte de cession gratuite signé avec Monsieur Bob Bemtgen concernant une parcelle de terrain sise au lieu-dit ‚rue du Stade John F. Kennedy', l'acte de cession gratuite signé avec la société anonyme Progetra concernant deux parcelles de terrain sises au lieu-dit ‚rue des Saules', l'acte de cession gratuite signé avec Madame Nicole Engel et Monsieur Joseph Bausch concernant une parcelle de terrain sise au lieu-dit ‚rue Karl Marx', la nouvelle convention conclue avec l'Etat du Grand-Duché de Luxembourg relative à la gestion de l'immeuble abritant le Centre national de l'audiovisuel et le Centre culturel régional ‚opderschmelz', le nouveau règlement communal relatif aux subsides pour études secondaires et postsecondaires, les relevé et rôle supplémentaires de la taxe sur les chiens de l'année 2014, la majoration de la ligne de trésorerie qui sert à financer des besoins de financement temporaires, principalement dus à un déphasage entre les recettes et les dépenses, le devis estimatif et le crédit spécial de 90.000 EUR pour l'installation d'une oeuvre d'art au Centre sportif René Hartmann, la déclaration des recettes non-réglementées de l'exercice 2014 au montant de 111.689,32 EUR, la convention conclue avec le CIGL Esch concernant le projet e-bike, les modifications à apporter au chapitre XIV - Gaz - tarifs d'utilisation du réseau, plusieurs décomptes de travaux extraordinaires ainsi que l'autorisation de contracter un nouvel emprunt de 2.000.000 EUR destiné au financement du nouveau complexe sportif René Hartmann.

6. Un subside extraordinaire de 50 EUR est alloué à l'Amicale sportive des Handicapés Physiques en tant que soutien des activités en 2015.

7. Le conseil a procédé à la nomination de MM. Sven Loscheider et Roby Goergen en tant que nouveaux membres du groupe de travail ‚Gesond Diddeleng'.

8. Mme Christiane Gilson remplace M. Ernest Fisch en tant que déléguée des sociétés de musique de Dudelange et des communes conventionnées dans la commission de surveillance de l'école régionale de musique, et M. Germain Doffing est nommé membre expert dans la commission culturelle, du jumelage et du tourisme.

9. L'indemnité annuelle du personnel d'encadrement du conseil communal pour enfants est fixée à 148,74 EUR (NI100) par personne d'encadrement.

10. M. Henri Glesener est nommé chef de corps et M. Roby Goergen chef de corps adjoint du service d'incendie et de sauvetage pour une nouvelle période de cinq ans.

11. Concernant le personnel communal, le conseil communal a créé deux postes dans la carrière de l'agent municipal, a augmenté de 5 heures la tâche hebdomadaire de Madame Marlène De Azevedo, employée communale dans la carrière de l'aide-éducateur, a créé deux postes dans la carrière de l'éducateur diplômé sous le statut de l'employé communal, un poste dans la carrière de l'éducateur gradué sous le statut de l'employé communal, un poste d'agent administratif dans la carrière C sous le statut de l'employé communal, un poste dans la carrière de l'expéditionnaire administratif sous le statut du fonctionnaire communal, trois postes dans la carrière de l'expéditionnaire technique sous le statut du fonctionnaire communal, a supprimé le service provisoire de Madame Jennifer Geschwind, éducatrice diplômée sous le statut de l'employé communal, a prolongé le service provisoire de Madame Nadine Grein, rédactrice à raison de 40 heures par semaine sous le statut du fonctionnaire communal, a créé deux postes d'instructeur de natation (carrière de l'artisan) sous le statut du fonctionnaire communal, a reconverti un poste dans la carrière du maître d'éducation en poste d'instructeur de natation, a créé un poste dans la carrière du salarié (carrière A – ouvrier), quatorze postes dans la carrière de l'agent de nettoyage (carrière A – ouvrier), deux postes dans la carrière du chauffeur (chauffeur - carrière D), six postes dans la carrière du concierge (carrière A1 - concierge), a supprimé un poste dans la carrière du rédacteur à mi-temps (20 heures par semaine) et a créé un poste dans la carrière du rédacteur à raison de 40 heures par semaine sous le statut du fonctionnaire communal.

12. En séance à huis clos, il a été procédé à l'engagement avec suppression du service provisoire de Mme Melany Batista comme personne d'encadrement dans la carrière de l'aide-éducateur avec une tâche variant de 30 à 40 heures par semaine et à durée indéterminée sous le statut de l'employé communal, à l'engagement de Mme Tamara Davelli comme personne d'encadrement dans la carrière de l'aide-éducateur avec une tâche variant de 30 à 40 heures par semaine et à durée indéterminée sous le statut de l'employé communal, à l'engagement de M. Cédric Moreira Tomé comme employé communal dans la carrière de l'éducateur diplômé avec une tâche variant de 30 à 40 heures par semaine et à durée indéterminée et à la ratification de son contrat de travail à durée déterminée du 1er au 30 septembre 2015, a laissé vacant le poste d'ingénieur technicien (branche génie civil-urbanisme et aménagement du territoire) et le poste d'ingénieur technicien (branche génie civil-construction), a accordé le départ à la retraite de Mme Henriette Schaeffer, employée communale dans la carrière de l'aidante sociale, a engagé M. Tom Scheuer en tant qu'employé communal dans la carrière de l'éducateur diplômé et a ratifié son contrat de travail à durée déterminée du 17 août au 30 septembre 2015, a engagé M. Thierry Steinmetz comme aide-éducateur sous le statut de l'employé communal avec une tâche variable de 20 à 30 heures par semaine et à durée déterminée du 1er octobre 2015 au 14 septembre 2016, et a autorisé Mme Joëlle Toisul, aidante sociale sous le statut de l'employé communal à raison de 20 heures, à partir à la retraite à partir du 1er octobre 2015.

13. Un point mis à l'ordre du jour par le parti LSAP a concerné l'accueil des réfugiés à Dudelange.

Fin de la séance à 13.20 heures.



# GEMENGEROTSSËTZUNG VUM 18. SEPTEMBER 2015

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Léif Kollegen a Kolleginnen aus dem Gemengerot, mer fänken haut u mat der Vereedegung vum Jessica David als nei Gemengeconseillère. Domat ass de Gemengerot komplett a senger Compositioun. Ofgemellt huet sech haut den Här Marc Schiffmann. Wat den Ordre du jour ugeet, sinn nach zwee Punkte bäikomm, engersäits e Règlement d'urgence wat d'Mayrisch de Sainte Hubert Strooss ugeet an eng Modifikatioun vum Ordre du jour deen d'LSAP eraginn huet iwwert den Accueil vun de Flüchtlingen hei zu Diddeleng.

Pénktlech zu der Rentrée wollte mer awer och de Gemengeconseilleren, an dat ass eng Traditioun hei zu Diddeleng, de Schuelbuet ausdeelen, deen Abléck an d'Diddelenger Schoulorganisatioun gëtt. Mir wollten Iech och hei d'Publikatioun vum viregte Kannergemengerot ausdeelen, dëse Samschden ass deeën neien Départ vum Kannergemengerot mat enger neier Compositioun an dat heiten ass nach déi al Zeitung, wou se Abléck iwwer hir Aarbecht iwwer d'Joer ginn.

Et ass zu Diddeleng eng Traditioun, datt en neie Gemengeconseiller säi Maiden Speech hält an dofir ginn ech elo direkt d'Wuert weider un d'Jessica David.

JESSICA DAVID (LSAP): Als alleréischt géing ech menge Wieler gär Merci soe fir hiert Vertrauen. Ech si frou, d'Méiglechkeet ze kréien, produktiv an enger flotter Équipe kënne matzeschaffen an an enger Stad, déi a voller Entwécklung ass, matzewierken.

Vu Formatioun sinn ech Konschtproff, ech hu mäi Schoulparcours hei zu Diddeleng an der Primärschoul ugefangen, goung dunn an de Lycée zu Esch a meng Konscht hunn ech op der Uni zu Stroossbuerg studéiert. Ech hunn als Zeecheproff main zéngt Joer des Joer am LNB ugefangen a mat enger halwer Tâche an der Direktioun. Dat heescht, well ech schonn an der Vergaangenheet vill Projeten an Zesummenaarbecht mat der Gemeng an dem Lycée op d'Been gestallt hunn, hoffen ech dat meng Aarbecht hei mir erméiglecht, dëse Lien nach weiderhin tëschent der Jugend an der Gemeng ze stäerken. D'Kultur soll fir jidderee zougänglech sinn an ech denken datt een duerch interdisziplinär Projeten an Zesummenaarbecht mat externe Partneren déi Jonk schonn an engem fréien Alter sensibiliséiert kritt. Des weideren denken ech och, datt d'Kultur erméiglecht, an engem konstanten Dialog ze sinn. Déi bestoend Strukturen hei zu Diddeleng weise jo schonn, datt Kultur zu Diddeleng an der Gemeng en héije Stellewäert huet. Ech hoffen, duerch mäi Matwierken an der Kulturkommissioun deen héije Niveau, dee mir hei an der Kultur schonn hunn duerch eng enk Zesummenaarbecht kënnen ze halen a matzehëllefen, deen ze développéieren.

Ech soen Iech Merci, ech hoffen, datt ech Iech net enttäuschen an ech freeë mech op eng flott Zesummenaarbecht.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Op eng gutt Zesummenaarbecht hei am Gemengerot an am Intérêt vun dëser Stad. Et hut ee ganz kloer eraushéieren aus dengem Maiden Speech, datt fir dech d'Kultur e ganz wichtegen Aspekt ass esou wéi och d'Jugend.



# 1. KORRESPONDENZ

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Ënnert dësem Punkt wëlle mer Iech e puer Matdeelunge maachen, an zwar engersäits zwee Datumen: eemol d'Ouverture vun eiser neier Sportshal, de Centre sportif René Hartmann, de 6. November am Nomëtten um 17.00 Auer.

Dann en aneren Datum, den 9. November um 19.00 Auer ass an der Kontinuitéit vun der Diskussioun vum leschte Gemengerot eng Informatiounsreunioun fir d'Diddelenger Bierger, mam Transportminister François Bausch, Ponts-et-Chaussées an CFL, wou mer iwwer déi regional Verkéiersstudie wäerte schwätzen.

Dann eng drëtt Kommunikatioun: Hannert dem Supermarché Match war jo ëmmer de Centre de prélèvement sanguin HELP, deen ass net méi do. Elo ass et den CHEM, deen eng Kollaboratioun mat Paramedicus huet fir déi doten Déngschtleeschtung oprecht ze hale fir den Diddelenger Bierger. Dat funktionéiert zënter dem 1. August 2015.

Eng véiert Kommunikatioun mengersäits bezitt sech op d'Chiffere vum provisoresche Kont, deen ofgeschloss ass an deem mer an den Ministère de l'Intérieur geschéckt hu fir en iwwerpréiwen ze loossen, sou wéi dat Usus ass. An deen och vergläiche mam Rectifié vu 2014. Wann ee kuckt, de provisoresche Kont do hate mer 73,6 Milliounen Euro Einnamen am Ordinaire a mir haten 63,8 Milliounen Euro Ausgaben am Ordinaire. D'Resultat am Ordinaire, do hu mer 9,8 Milliounen Euro Boni gemeet um Kont a wann ee vergläicht de provisoresch Compte par rapport zum Rectifié, do hu mer ëm 794.000 Euro méi Einname kritt am Ordinaire par rapport zum Rectifié 2014. Wa mer elo op den Extraordinaire iwwerginn, do hu mer Einname vun 11,9 Milliounen Euro, also manner Einname wéi am Rectifié virgesi war. Do hate mer 22 Milliounen Euro, ech erklären herno och firwat, an Dépensen hate mer 21,1 Milliounen Euro, also en héijen Niveau vun Invester, déi mer hei an der Diddeleng tätegen.

Wann een awer elo Summa summarum kuckt, hu mer am Compte provisoire Boni gemeet, dee mer eriwwer huelen op d'Joer 2015 vun 8,6 Milliounen Euro.

Am Rectifié waren dat der 11,8. Dat ass awer op alle Fall net dramatesch, datt en Ënnerscheed do besteet vun 3 Millioune Recetten, déi mer manner era kritt hunn. Et huet domat ze dinn, dat eng ganz Rei vu Subsiden, déi mer nach vum Staat solle kréien an de Compte provisoire vun 2014 net agefloss sinn, mä déi wäerten dann an de Rectifié 2015 afléissen. Also engersäits hu mer e provisoresche Kont, dee ganz confortabel ass an eis eng ganz gutt Ausgankspositioun gëtt vir 2015, wou mer mat eriwwer huelen, an natierlech och e Rectifié 2015 hunn, dee ganz stabil a weist, datt mer an eiser Ausgabepolitik déi néideg Virsiicht walte gelooss hunn.

Ech ginn d'Wuert weider un de René Manderscheid an de Loris Spina, déi Iech och eng Matdeelung ze maachen hunn.

RENÉ MANDERSCHEID (LSAP- SCHÄFFEN): Ech woll Iech just matdeelen, an dat wësst der schonns, datt am leschte Gemengerot décidéiert gouf, datt mir als Diddelenger gemeng um Tour du Duerf mat sollte maachen. Gëscht ass de Startschoss gewiescht an ech hu mer erlaabt, vu datt d'Membere vum Gemengerot sollen eng Virbildfonktioun hunn a solle mat maachen, de ganze Gemengerot als Équipe unzemellen. Dat heescht, mir 17 sinn eng Équipe a



jidderee kritt e klenge Kalenner oder Handbuch, wou der kënnt är Kilometer selwer androen.

LORIS SPINA (LSAP - SCHÄFFEN): Am Prinzip si mer iwwerzeegt, datt d'Qualitéit vu eisen Équipementer elo gutt ass, esou datt mer mat deem heite Gemengerot wäerte kënnen Online goen. An nächster Zukunft musse mer dann décidéieren, ob mer nieft dem Ophuele fir et herno Online ze setzen, och e Lifestream wäerten organiséieren.

Déi zweet Bemierkung betrëfft de Projet I-Cloud, dat heescht den Dossier vum Gemengerot virtuell ze digitaliséiere fir datt mer net méi brauchen op de Pabeier zeréck ze gräifen. Do wäerte mer am Prinzip och deen nächste Gemengerot prett sinn. Och do nach eng Kéier den Appel un déi Leit, déi keen Tablet hu fir am Gemengerot den Dossier ze suivéieren, déi solle sech am Informatikservice mellen, fir dass déi dann déi néideg Apparature kënne zur Verfügung stellen, déi exklusiv an och just fir de Gemengerot benotzt ginn a duerno och am Haus wäerte bleiwen.

## 2. VERKÉIERSREGLEMENTER

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP - SCHÄFFIN): Ech fänken u mat engem definitive Reglement, do geet et drëm an der rue Antoine Zinnen eng Handicapéierteplaz virzegesinn an zwar beim Veräinshaus.

Dat zweet wier en definitiivt Verkéiersreglement wat d'Zone industrielle Wolser ubelaangt. Dat war eng Demande vun Arcelor Mittal, well do géife Camionë mat extrem héijer Vitesse fueren an och Camionë laanscht d'Strooss parken an dat wier extrem geféierlech. Dat ass och un d'Gemeng Beetebuerg gaangen a si ass vun dësem Verkéiersreglement natierlech informéiert ginn.

Dat nächst ass d'Nordstrooss, do hate mer missen en temporärt Reglement huele well kee Gemengerot war. Dir wësst, dass dat Reglement da muss confirméiert ginn. Dat ass eemol an der Nordstrooss fir de Réaménagement vun der Strooss an dann dat lescht, dat ass d'rue Madame Mayrisch de Saint Hubert. Do hate mir schonns eng Kéier den 8. Mee e Reglement gestëmmt an den Entrepreneur ass mam Schantje schonn e gutt Stéck weider komm an d'Kanalisatioun ass fäerdeg an d'Strooss kann deelweis erëm fir de Verkéier opgemat ginn an dofir gouf décidéiert, dat mat roude Luuchten ze regléieren. A wann alles gutt geet, wäert de Schantjen dann uganks November fäerdeg sinn.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Et ass mer opgefall an deem Text eng Onpräzisioun, do steet: "la dernière réunion du conseil communal remonte au 12 juin", do war awer nach eng den 10. Juli. Ech war hei an ech hat lech och gesinn, et misst een dat vläit korrigéie-



ren. Ech hu just elo net verstanen, firwat mer do an e Règlement d'urgence ginn an ech wollt just wëssen, hu mer och déi Prozedur, wéi se am Gemengereglement virgesinn ass, kloer agehale mat deenen 72 Stonne Maximum, wou esou e Règlement d'urgence sollt hunn? Dat war mer hei och net ganz kloer.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP - SCHÄFFIN): Dat hei ass esou datt eréischt ab dem 14. September d'Strooss zou gemaach ginn ass fir de Verkéier. Also, et ass mat roude Luuchte gefuer ginn. Dat anert mam 12. Juni, effektiv, mir haten do nach eng Réunioun dertëschent, dat muss am Juli gewiescht sinn. Dat kënne mer nach verbesseren.

Dat aalt Reglement vun deem Dir elo geschwat hutt, dat war den 8. Mee hei gestëmmt ginn, mä dat war e bëssen anescht well do hate mer d'Strooss fir de ganze Verkéier gespaart an elo kënne mer se erëm hallef opmaachen. Dat heescht, de Verkéier ka schonns duerchfueren, mä et sinn awer rout Luuchten do fir datt ka geschaaft ginn.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Ech wollt nach eppes soen zu der Handicapéiertparkplaz. Do hate mär jo eng Fro gestallt fir beim Veräinshaus eng Parkplaz ze maachen, et war eng Demande vun den Oeuvres paroissiales an do gouf gesot, mir géifen en Inventaire maache vun alle méigleche Plaze wou esou eng Handicapéiertparkplaz kéint hikomme well et wieren nach aner Demanden do. Ass do schonns eppes bekannt, wat nach geplangt ass?

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP - SCHÄFFIN): Mer hunn eng ganz Partie Demandë kritt an de Problem ass, jiddereen hätt gär déi Plaz viru senger eegener Hausdier. Dat heescht mir sinn amgaang quartiersweis ze kucken. Wou muss eng gemaach ginn, wou ass eng op enger Distanz, déi awer der Persoun zoumuttbar ass a, virun allem, ass déi Plaz och dacks fräi, net datt mer eng Plaz hunn a si ass déi ganzen Zäit besat.

Mir ginn elo all deenen Demanden no, a mir fueren duerch Diddeleng fir ze gesinn, op eis eng Plaz opfält wou keng Demande erakoum ass.

Dës Demande war schrëftlech erakomm a mir hate Rieds doriwwer a vu datt elo do dee ganzen Aménagement gemaach ginn ass, hu mer dervu profitéiert fir dat schonns ze regléieren.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Da géif ech de Gemengerot bieden, en bloc iwwer déi Verkéiersreglementer ofzestëmmen.

Wien ass mat alleguerten deene Verkéiersreglementer averstanen? Dat ass Unanimitéit.



## 3. NEI FORMATIOUN VUN DER VERTRIEDUNGSRANG-FOLLEG

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Betreffend eisen neien Tableau de présésance wou d'Jessica David bäikënnt mat senger Nominatioun vum 18. September 2015:

Ass de Gemengerot mat deem neien Tableau de préséance averstanen? Dat ass unanime.

## 4. GEMENGENAMÉNAGE-MENT AN URBANISTESCH ENTWÉCKLUNG

**1. Punktuell Ännerung vum Gesamtbebauungsplang (PAG) vun der Stad Diddeleng, schrëftlechen a grafeschen Deel betreffend d'Ëmklasséiere vum Emissiounszentrum um « Ginzebierg »**

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Hei geet et also méi präzis ëm de Fernsehtuerm, eent vun de Wahrzeeche vun der Diddelenger Gemeng. Dir kennt alleguerten d'Geschicht vum Fernsehtuerm, dee säit de fofzeger Joeren hei steet. Em hat eng Zäit 300 Meter bis Ufank den achtzeger Joer e belsche Militärfliger dra geflunn ass, wou de Pilot op der Plaz gestuerwen ass an och déi Famill, déi ënnen drënner gewunnt huet. Dat ware ganz dramatesch Zeenen.

Duerno gouf d'Antenn gekierzt op 285 Meter. Deen Tuerm prägt d'Bild vun der Stad Diddeleng an nach ass et esou, dass de Sender an enger Zone agricole ass laut dem PAG an hei ass dann d'Propose, eng Modification ponctuelle vum PAG ze maachen an eng nei Zone op där dote Plaz ze kreéieren, also eng Zone spéciale audivisuelle et télécommunication.

Déi heiten Demande, déi d'CLT-UFA un eis eru gedroen huet, ass keng nei well schonns 2006 ass eng Demande vun der CLT-UFA un d'Gemeng erugedroe gi fir eng Modification ponctuelle vum PAG ze maachen aus dem ganz einfache Grond, dass de Sender an d'Kategorie "Etablissement classé" fält a wann do eng



Rei Modifikatiounen, Modernisatiounsaarbechte musse gemaach ginn, wéi eng nei Antenn, eng Remise en conformité, da brauch een als en Etablissement classé e ganzen Dossier, deen och muss gepréift ginn. Dat konnt ni gestatt gi well et an enger Zone agricole ass. En Etablissement classé ka jo net an enger Zone agricole sinn.

2006 waren se also un eis erugetrueden an an deem deemolege Gespréich hat mer op d'Refonte générale vum PAG vun 2011 verwisen a soten hinnen, dass dat do mat era geholl géif.

2011 si mer awer net op d'Refonte générale vum PAG gaange well en neit Gesetz komm ass iwwert den Développement urbain a communal, wat elo applizéiert gëtt.

Bis 2018 hu mer Zäit fir deen neie PAG ze maache mä et ass esou dass virun enger Rei Méint d'CLT nees un eis erugetrueden ass a gesot huet, si missten elo eng Rei Remise en conformité maachen, eng Rei Modifikatiounen, respektiv och de Projet eng nei Antenn vu 15 Meter opzeriichten a fir deene Punkte Rechnung ze droen, muss eng Modification ponctuelle vum PAG gemaach ginn. Mir hunn ei orientéiert un enger bestoender Zone, déi d'CLT-UFA schonns huet, zu Jonglënster, dat ass och eng Zone spéciale - audivisuelle et télécommunication. Dëst ass e Projet vun nationaler Wichtegkeet.

Éier et an de Gemengerot gaangen ass, hu mer den Dossier weider gereecht vun eisen Urbanistik + Planungsbüro Zeyen und Baumann an en Avis gefrot vum Ëmweltministère an deen huet eis den 20. Juli 2015 e Courrier geschéckt, dass keng Inzidenzen do sinn, wat d'Ëmwelt betrëfft sou dass de Wee fräi ass fir dat hei an de Gemengerot kënnen ze huelen.

Dat ass d'Motivatioun, firwat mer op de Wee gi vun dëser Modification ponctuelle. An dëser Zone spéciale, déi mer nei kreéieren, hu mer och probéiert, ze definéieren. Mir gi vun enger Situation de fait aus, de Sender steet jo schonn do an an der Zone spéciale sinn am Fong Konstruktiounen an Installatiounen an Aménagementer, déi zu der Aktivitéit selwer vum Sender, zu senger Exploitatioun gehéieren an do genehmegt ginn.

D'Hauteur totale maximale vun de Konstruktiounen ass 285 Meter, déi vun der Installatioun vun der Antenne ass 300 Meter an d'maximal Héicht déi hei genehmegt gëtt, dat sinn déi 15 Meter fir déi eventuell nei zukënfteg Antenne, déi do soll opgeriicht gi fir engersäits Fernseh-, awer och Radiotransmissioune kënne ze maachen. An natierlech ass och an där doter Zone d'Wunnen net erlaabt an iwwer deen dote Wee kann dat och ofgewéckelt ginn.

Vun der Prozedur hier si mer also hei an der Modification ponctuelle vun engem PAG an natierlech muss dat och wéi d'Gesetz dat virgesäit an der Presse annoncéiert ginn. Mir plangen och eng ëffentlech Sitzung, wou d'Leit Abléck an den Dossier kréien a wo mer als Schäfferot den néidege Kader bidden, wou d'Leit kënnen Informatioune kréien.

Wa keng Froen dozou sinn, ass de Gemengerot da mat dëser Modification ponctuelle averstanen? Dat ass unanime.

**2. Genehmegung vum Deelbebauungsplang (PAP) betreffend Gelänn op « Koibeschtrachen » fir LIDL Belgium GmbH & Co KG**

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Hei geet et ëm d'Approbatioun vun engem PAP op Koibestrachen, dee LIDL agereecht huet. Mir begréissen dofir nieft eiser Stad-Architektin Cathy Mambourg och den Här Urbing vun der Étude Best , deen am Fong de ganzen Dossier fir LIDL opgesat huet an haut de Moien hei ass fir den Dossier ze féieren an e puer Präzisiounen ze ginn am Kader vun den Diskussiounen, déi hei stattfannen. Dat heiten ass och e wichtegen Dossier. D'Diskussiounen, déi d'Gemeng Diddeleng mat Lidl huet, si säit 2009-2010 gelaf, zënter LIDL Propriétaire ginn ass vu 4 Parzellen an där Zone, déi laut dem PAG eng Zone d'activité commerciale, artisanale et de services ass. Déi véier Parzellen sinn nieft dem Laboratoire national de santé. Et ass e wichtege Projet well mer nieft dem Projet selwer och an enger Haaptentrée, an enger Axe principale vun Diddeleng, Et ass eng Afaart an eng Ausfaart vun Diddeleng, eng wichteg Achs wou nieft dem Urbanismus och de ganze Volet vun der Mobilitéit gekuckt gëtt.

Fir eis war et natierlech och wichteg, grad well et eng Entrée en ville ass, an deene ganzen Diskussiounen, déi mer mat de Vertrieder vun LIDL haten an



och vum Bureau d'études, dass déi ganz Architektur der Porte d'entrée vun Diddeleng Rechnung dréit. Den Dossier ass dofir och méi laang gedauert well esou wuel vun der Gemeng eng ganz Rei Besoinen u LIDL eru gedroe gi si wat d'Architektur ubelaangt.

Dat heescht, mir fannen hei e Projet erëm, deen definitiv ofwäicht vun der klassescher Struktur, déi ee bei LIDL erëm fënnt op anere Plazen. Mir fannen hei e Gebai mat enger ganz moderner Architektur an Dir kritt herno d'Fotoe gewise wéi dat Gebai ausgesäit. Dat vereinfacht och dësen Dossier.

Mir hunn also eng modern Architektur, wou ganz vill Luucht erakënnt a wou nieft der Surface commerciale, déi geschaf gëtt, dat sinn 2320 m2, awer och Bürosfläch geschaf gëtt vun 3072 m2. Dëst war eng Demande vun der Diddelenger Gemeng well mer hei zu Diddeleng den Ament net vill Bürosflächen hunn, déi fräi sinn, an an deem dote Kader, an där doten Aktivitéitszone ass et ganz wichteg, wann een nei plange kann, och nei Bürosflächen ze schafe fir en Incentive ze hunn.

Wéi déi Zone sech an nächster Zäit entwéckelt mat op där anerer Säit de Plan directeur Helper, dat ass ganzheetlech ze kucken.

Wat de Projet ugeet, esou ass et nieft der moderner Architektur e Gebai, dat dräi Étagen huet mat enger Héicht vun 12 Meter, erof geet op zwou Étagë mat 9 Meter an no hannen zu de Wunnsiedlungen zou ass. Et ass och e Mur antibruit zu der Gäertnerei zou geplangt. Och mat der Administration de gestion des eaux ass geschwat ginn an et sinn zwee Retentiounsbecke virgesinn, déi oppe sinn, dovun natierlech een deen ënnerierdesch ass.

Natierlech ass nieft der neier Surface commerciale, déi geschaf gëtt, och virgesinn, déi néideg Parkplazen ze schafen. Et sinn 78 Parkplaze bausse fir de Supermarché mä och ënnerierdesch Parkplaze fir d'Bürosflächen. Dat ass och dat wat d'Cellule d'évaluation eraus hieft, dass dat eng ganz gutt Approche ass an dass dat ganz gutt geléist ginn ass am Projet.

Et ass och virgesinn, mëttelfristeg nieft de bestoende Strukturen, dem Busarrêt Soibelkaul respektiv Gare Diddeleng-Bireng en zousätzleche Busarrêt dohinner ze maachen.

Mir sinn hei am Kader vun engem PAP, normalerweis muss ee jo 25% Prozent muss oftrieden an hei si mer bei 25,02 %. Vu dass LIDL Propriétaire vun nach anere Parzellen ass, gouf hei zeréck behalen, dass dat wat iwwerlappend ass, an deen nächste PAP soll eriwwer geholl gi fir och deem Kader Rechnung ze droen.

Mir hunn hei e Projet, dee wierklech ganz flott ass a gutt evoluéiert huet, wou engersäits de Besoine vun der Gemeng Rechnung gedroe ginn ass an och, wéi mer an de Gespréicher mat der Sociétéit LIDL an hire Vertrieder gesinn hunn, den Dossier evoluéiert huet an datt do och eng ganz flott Dynamik ass an hirer Aart a Weis, wéi se esou Projeten uginn, fir d'Architektur ze iwwerdenken.

Wann der d'Méiglechkeet hat, laanscht d'Parzell ze fuere, gesitt Dir d'Baggeren, déi do archäologesch Fouillë machen.

D'Gemeng huet vum Ministère de la Culture e Courrier kritt mat der Informatioun, dass do eng fréier réimesch Strooss leeft an dass se déi Fouillë präventiv maachen. Et ass och esou, dass hei fir dee PAP en Aushang gemeet ginn ass an dass mer weider keng Reklamatioune kritt hunn. Et ass sécherlech och esou, dass mer, wann d'Leit Saachen un eis erun droen, deem och Rechnung droen. Dat fält hei bei der Gemeng net op en daaft Ouer.

Dëse PAP soll haut approuvéiert ginn an e geet op den Instanzewee gescheckt. D'Convention d'exécution muss och nach beschwat ginn am Gemengerot an eréischt duerno kann d'Baugeneemegung ausgestallt gi fir datt de Projet realiséiert ka ginn. D'Bauzäit wäert en déckt Joer daueren nodeems d'Autorisatioune virleien.

Esouvill zu der Ausriichtung vun deem dote Projet. Ech wollt hei d'Geleeënheet notze fir op déi eenzel Punkten anzegoe vun der Cellule d'évaluation, éier ech dann dem Här Urbing d'Wuert gi fir nach e puer Erklärungen zum Projet selwer ze ginn.

D'Cellule weist mat Recht drop hin, dass mer e puer Punkte solle beuechten an zwar, dass mer keen Déséquiliber iwwer dëse Projet sollen aféieren iwwer d'Schafe vun enger neier Surface commerciale par rapport zum Stadkär a par rapport zu de Geschäfter, déi mer hei am Stadkär hunn an ech mengen,



dass mer net onbedéngt den Avis gebraucht hu vun der Cellule fir dat ze erkennen, well mer jo schonn zënter enger Rei Joren de Projet "Am Duerf" op den Instanzewee geschéckt hunn, wou mer jo resolut an déi Richtung gaange si fir am Stadkär nei Geschäftsflächen ze schafen, iwwert 3000 m2, wou mer wierklech dann och iwwer deen dote Wee de Commerce de proximité hei am Diddelenger Stadkär stäerken a wou och d'Geschäftswelt neie Wand wäert kréien a wou natierlech deem Rechnung droen, dass sech dat an der Complémentaritéit ofspillt. Et geet drëm, d'Besoin-primairen am Stadkär ofzedecken an net an der Peripherie fir de Stadkär net ze schwächen. Dat ass eng Approche, déi mer hei ëmmer gedeelt hunn a wou mer och déi néideg Projeten an d'Weeër geleet hu fir deem kënne gerecht ze ginn. Dat ass deen ee Volet.

Deen anere Volet, deem mer och natierlech Rechnung droen an op deen den Avis vun der Cellule och opmierksam mécht a wou mer scho säit Joren amgaange sinn, doriwwer ze schwätzen, ech hat uganks der Gemengerotssitzung jo betount, dass mer gëschter d'Ofschlosssitzung haten um Transportministère iwwert déi laangjäreg Konsultatiounsréuniounen déi mer haten a Projeten déi mer zesummen definéiert hunn, d'Gemeng Beetebuerg, d'Gemeng Diddeleng, Transportministère, CFL, Ponts-et-Chaussées, iwwer déi regional Verkéiersstudie Diddeleng-Beetebuerg, national, regional a lokal Moossnamen, déi geholl ginn an déi mer den 9. November am Kader vun de Konsultatiounsdebatten, déi mer iwwer d'Modifikatioun vum PAG diskutéieren.

Op deem Datum, dee mer festgehalen hunn, gëtt déi regional Étude virgestallt wou vun der Cellule gesot gëtt, datt een déi Vue d'ensemble soll hunn an och halen, well de Projet jo awer an enger Haaptachs ass fir an Diddeleng eran an eraus, well et eng Porte d'entrée ass an dass een natierlech dat Ganzt soll kucken an an der regionaler Verkéiersstudie hu mer dat och gemaacht. Et muss ee kucken, wéi entwéckelt sech d'Phas 1, den LNS, dee steet jo, d'Phas 2, wou d'IBBL hikënnt, den zweete Volet elo de Projet LIDL an och op der anerer Säit de Plan directeur Helper wou d'Ausriichtung déi ass, dass e Wunnenge schaaft awer och Aktivitéitszone fir Handwierksbetriber. Do muss een eng Vue d'ensemble hunn an och deem hu mer Rechnung gedroen an där regionaler Verkéiersstudie.

Och déi Elementer sinn do agefloss well et jo och derzou gehéiert, well wann een engersäits Aktivitéitszone schaaft, da bréngt dat och eng Rëtsch Fluxe mat an dofir ass urbanistesch Entwécklong parallel a ganz enk mat der Mobilitéit ze verknäppen an ze kucken, wat den Impakt ka sinn.

Et ass och wichteg, verschidden Szenarien ze hunn, wéi déi verschidde Fluxe kënne géréiert ginn an och deem hu mer Rechnung gedroen. Ouni elo wëlle virzegräife well de Ministère déi Étude commanditéiert huet, wäerte mer den 9. November méi am Detail drop agoen.

Et ass wichteg, dass e Kader geschaf gëtt ronderëm dëse Projet vu LIDL, wou Zone sollen entsoen, wou déi Beschäftegt vu LIDL sech kënne begéinen, respektiv hir Fräizäit, hir Pausen hunn, sech do kënnen ophalen, an och deem ass am Projet Rechnung gedroen ginn.

Wat och ganz positiv ass, ass dass maximal Fënstere sollen agebaut gi fir datt esouvill wéi méiglech natierlech Luucht an deem ganze Projet ze hunn an deem ass och Rechnung gedroe ginn, esouwuel an der Partie graphique wéi och an der Partie écrite.

Wann d'Prozeduren esou lafe wéi se lafen a weider kee Problem dertëschent kënnt, kann de Projet normalerweis Ufank 2017 lass goen. D'Bauzäit ass op ee Joer ugesat. Par rapport zu der Mobilitéit gëtt natierlech och eng nei Strooss hei gebaut, fir d'Accessibilitéit an de Supermarché ze garantéieren. Natierlech gëtt deen Accès, deen do gebaut gëtt, dee Knuetpunkt fir eran an eraus och ganz enk mat Ponts-et-Chaussées gekuckt. Déi stellen do eng Permission de voirie aus an et ass och geplangt, mëttel- a längerfristeg dat mat Luuchten ze regelen. Och dat ass mat de Ponts-et-Chaussées ofgeschwat well och mëttel- a längerfristeg geplangt ass, d'Lëtzebuergerstrooss op béide Säiten zwou Spueren ze maachen. Dat ganzt Verkéierskonzept ass an der Étude beliicht gi fir datt déi verschidde Fluxe kënne gewahrt bleiwen.

Dofir de Volet vun den Emprisen, deen hei och wichteg ass fir dat kënnen ze garantéieren.

Wat och wichteg ass an deem Ganzen an dat hu mer dem Ministère och gesot, dat ass, dass mer net aus dem A verléieren, dass d'nächst Joer op där doter Achs esou munches wäert doen. Et ass virgesinn,



dass ab Mäerz 2016 de Chantier vun de Ponts-et-Chaussées ufänkt, wat d'Rond-pointen ugeet, dass déi zwee national Projeten sech entwéckelen, dass d'Phas 2 vum LNS amgaangen ass. Deen ass och normalerweis 2017 fäerdeg, parallel zu dësem Projet. Do ass et wichteg, déi néideg Koordinatioun ze garantéiere vum Staat, vum Transportministère a vun de Ponts-et-Chausées. Als Gemeng musse mer do hannendru bleiwe fir déi néideg Kommunikatioun ze maache well de Chantier, wat de Rond-point ugeet, véier bis fënnef Joer wäert dauere mat néng verschidden Aart a Weisen, de Verkéier ze leeden. Do mussen déi néideg Informatioune no bausse weidergi gi fir datt dat alles gutt iwwert d'Bühn leeft.

Domat wëll ech dem Här Urbing vum Bureau d'Études BEST d'Wuert gi fir weider op déi eenzel Punkten anzegoen.

HÄR URBING (BUREAU D'ÉTUDES BEST) : Ech kann nach derbäi fügen, datt mer nom Avis vun der Cellule déi Responsabel vu Ponts-et-Chaussées a vum Waasserwirtschaftsamt gesinn an de Projet ugepasst hunn. Dofir ass de Projet méi wäit vun der Strooss ewech geréckelt gi fir datt mer dem maximale méigleche Gabarit, dee si brauchen, Rechnung droen.

D'Waasserwirtschaftsamt hu mer och gesinn an de Projet an deem Sënn och ugepasst fir datt e genee hire Virstellungen entsprécht.

D'natierlech Beliichtung ass mat LIDL gekuckt ginn, fir datt esou vill wéi méiglech natierlech Luucht afléisst.

Dat sinn am Prinzip déi dräi wesentlech Saachen, déi mer elo nom Avis vun der Cellule ugepasst hunn um Projet an ech mengen, d'Detailer vum Projet huet de Buergermeeschter schonn esouwäit erkläert. Wann nach Froe sinn, kann ech vläit dorop äntwerten.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Mir kënne hei e puer Biller weisen, wéi de Projet ausgesäit.

Wann ee kuckt, wéi et projezéiert ass, fir lech e bëssen Abléck ze ginn, wéi dee Projet evoluéiert huet, et gesäit een hei ganz kloer am Kader vun der Architektur, dass dat zimlech modern ass. Natierlech, d'Enseigne bleift, mä et gesäit ee ganz kloer, dat de Vitrauxe maximal Rechnung gedroe ginn ass. Dir gesitt d'Bürosfläch, de Supermarché, den ënnerierdesche Parking.

Natierlech kann een nach präziséieren, dass hannendrun e Quai de déchargement geplangt ass mat engem Wendehammer an et ass och do wou de Mur antibruit installéiert gëtt.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Als CSV-Member hu mer gesot, mir musse proaktiv si fir Betriber op Diddeleng ze kréien a mir begréissen explizit, dass e grousse Supermarché op Diddeleng kënnt, Dat bedeit nei Aarbechtsplazen a mir sinn och frou, dass Bürosflächen an dee Bau do kommen.

Meng Fro ass: dat Gebai gehéiert jo dann dem LIDL, déi Büroe wäerte jo wuel verlount ginn oder ginn d'Büroe just vum LIDL besat? Wéivill Gestiounsbüroe vum LIDL sinn dann do, dat heescht, wéivill Büroen hu mer zur Verfügung fir aner Betriber? Déi Demande besteet jo och, dass Bürosfläch hei zu Diddeleng soll geschaf ginn.

Et huet mech och gefreet ze héieren, dass sech Gedanke gemaach gi si fir d'Entrée vun Diddeleng esou attraktiv ewéi méiglech ze maachen. Dat ass och eraus komm an den Diskussiounen iwwer d'Neifaassung vum PAG, et war e Begier vun den Diddelenger Bierger. Fir datt mer eng attraktiv Stad sinn, brauche mer eng attraktiv Visitëkaart. Wann ee vu Käl kennt, hu mer déi gréng Entrée, wann ee vu Zoufftgen kënnt, huet een och eng angenehm Entrée mam Kräizbierg an dem Rond-point, do ass och vill Gréngs. Vu Wuelmeréng ass déi historesch wäertvoll Entrée, wou een d'Schmelz gesäit an dann hu mer déi bis elo awer onzefridde Situatioun, wann ee vu Beetebuerg kënnt an do steet een am Stau, d'Camionë blockéieren alles an de Staatslabo ass zwar do an et gesäit een, do ass eng extra Zone, do geschitt iergend eppes, mä et ass awer nach net ganz zefriddestellend an dofir fannen ech et gutt, dass gekuckt ginn ass, dass dat Gebai soll esou attraktiv wéi méiglech sinn.

Ech hunn awer elo mat Besuergnis héieren, datt, well jo déi Strooss fir bei de LIDL féiert an och vun do eraus kënnt, ech net verstinn, wéi een do kann no lénks fueren, dat heescht a Richtung Beetebuerg. Do war ëmmer en duerchgezunnene Strich. An dat ass eng Doléance vun de Leit, déi am Staatslabo schaffe well déi bis an de Rond-point musse fueren.



Och wann een do Luuchte mécht, dat bremst de Verkéier jo nach méi an Dir wësst jo dass do ëmmer Stau ass, wann ee vu Beetebuerg kënnt, brauch een eng Stonn fir an Diddeleng eran.

Et ass gesot ginn, d'Ponts-et-Chaussées hätte Wëlles, d'Lëtzebuergerstrooss a béid Richtunge zweespureg ze maachen, mä mer kënne dat jo net bis an d'Duerf maachen. Dat géif jo just bis an de Rond-point beim Deckerline goen a vun do dann erëm an en Nadelöhr féieren. Do loossen ech mech da gär vum Minister Bausch beléieren, dass dat awer eng gutt Solutioun wäert sinn. Dat ass eng Affaire à suivre, dat mécht mer e bësse Suergen.

Kritt de Staatslabo dann och elo Luuchten? Well soss sinn déi jo benodeelegt vis-à-vis vun de Leit vum LIDL an dat wier net richteg.

Ech wollt och nach froen: Op deem ganze Koibestrachen war jo geplangt, déi Zone spécialisée fir Technologies de la santé auszebauen. Vläicht och do nach eng Präzisioun ob et do schonns nei Momenter gëtt. Vum Staat ass dat jo och gewënscht. Ginn et do nei Elementer, stinn do nei Projeten an de Startlächer?

Wat d'Mobilitéit ubelaangt, sinn ech natierlech ganz frou. D'CSV huet ëmmer gesot, mir brauchen nach e Busarrêt beim Staatslabo. E kënnt net bei de Staatslabo mä bei de LIDL, dat ass net esou wäit ewech an dat begréisse mer explizit. Domat hunn d'Leit aus dem Staatslabo och d'Méiglechkeet, de Bus e bësse méi no ze huele wéi ënne beim Decker.

Am grousse Ganze begéisse mer de Projet, maachen eis awer e bësse Suerge wéinst der Stroosseféierung.

Nach eng Fro: wann elo dee groussen Tëntefësch-Rond-point geplangt ass, do war gesot ginn, dass en Accès direkt bei de Staatslabo kënnt. Kënnt dann do och elo nach vun der Entrée iergend e Kréngel fir eriwwer bei de LIDL oder bleift et bei der Entrée Richtung Lëtzebuergerstrooss?

ROMY RECH (LSAP): Deem wat d'Madame Kayser elo gesot huet, kann ech nëmme bäiflichten. Mär als sozialistesch Fraktioun si selbstverständlech fir dee Projet do, fir dee maache mer eis staark, do ass guer keen Zweiwel.

Mir hunn als Optioun ëmmer gehat an dat wäerte mer och an der Zukunft hunn, Diddeleng ass eng Stad wou och Aktivitéit stattfënnt, Diddeleng ass a bleift och e wirtschaftlechen Zentrum am Süde vun dësem Land. Mir brauchen Aktivitéit, artisanaler, industrieller, kommerzieller Natur. Mir brauchen déi, mir brauchen Aarbechtsplaze fir eis Leit, déi hei zu Diddeleng an an der Regioun ëm Diddeleng wunnen. Dat ass a bleift fir eis wichteg, also wëlle mer zu kengem Moment an d'Richtung vun enger Ville dortoir an zu kengem Moment an d'Richtung vun engem Quartier dortoir goen.

Dat soll a wäert weider an der Zukunft esou bleiwen, dat ass natierlech verbonne mat enger Rei vun Ëmwälzungen, an Diddeleng ass am Moment amgaangen, ganz grouss Ëmwälzunge matzemaachen. Dofir ass et och wichteg, dat Ganzt eng Kéier am Gesamtbild ze gesinn, et ass net nëmmen de Norden, et ass och den Zentrum an et ass och, loosse mer dat net vergiessen och wann et méi mëttelfristeg ass, et sinn och Frichen am Süden, sou dass mer, wa mer dat alleguer hei zesummen anstänneg upaken, an dat si mer jo amgaangen ze maachen, dass mer keng Déséquilibren op deene groussen Achse kréien an dass mer dat Ganzt an eng gewëss flott Uerdnung steiere wat anstänneg a liewensqualitéitsméisseg gutt Wunnen hei zu Diddeleng ubelaangt a wat Schaffen an Ugebuet vun Aktivitéiten hei zu Diddeleng betrëfft.

Diddeleng ass keng Insel, ech si frou hei alt eng Kéier ze héieren, dass sech och am regionale Raum vill Gedanke gemeet gi fir déi kommend Joren och wat d'Mobilitéit ubelaangt, ze meeschteren. Fir eis ass dat e ganzt bedeitend Element well mer kënnen d'Mobilitéit net nëmmen alleng vun Diddeleng hei steieren, dat ass onméiglech, dat weess all Mënsch. Also, Betebuerg spillt hei mat eng Roll, déi ganz Regioun spillt hei mat eng Roll an et ass wierklech vun Notzen, dohannert ze bleiwen, wat déi grouss national Projeten ubelaangt, dass d'Ponts-et-Chaussées méi wéi déck um Ball bleift an op d'Doléancë vun eise Bierger a Biergerinnen an dem Schäffen- a Gemengerot anzegoen.

Déi Aarbecht, déi déi lescht Joren am Schäfferot gemaacht ginn ass wat deen dote Schantjen, wat LIDL ubelaangt, huet elo Friichte gedroen well dat do gesä-it net méi no LIDL aus mä no moderner Verkafsfläch, an dat ass gutt gemeet, och wann déi Anrainer ron-



derëm berechtegt Fuerderungen a Suergen hunn. Hei ass och vum Buergermeeschter ugedeit ginn, datt beim Déchargement e Mur antibruit dohinner kënnt, dee selbstverständlech wäertvoll ass an och zur Entspanung vun der Situatioun wäert bäidroen.

Ech menge mir kënnen hei mat Zouversiicht an d'Zukunft kucken. Trotz all deene Problemer a Problemercher, déi sech do stellen ass dat doten e wëllkommene Projet.

ROMAINE GOERGEN (DÉI GRÉNG): Am Numm vun deene Grénge wëll ech kuerz Stellung huelen zu dësem PAP. Bei esou engem PAP stellen sech eng Rei Froen a Verbindung mat de Virgabe vum PAG an och vun anere Richtlinne vum Aménagement du territoire.

Déi éischt Fro, ob dat doten dann elo konform ass zu dem wat eise PAG virgesäit, do stellt ee fest, datt dat de Fall ass, also kee Problem.

Mir haten och virun enger Zäit e Plan directeur HELPER virgestallt kritt, deen dat ganzt Areal südlech vum Staatslabo zu deenen zwou Säite vu der Lëtzebuergerstrooss behandelt, déi sougenannte Porte d'entrée, a mir konnte feststellen, dass och hei d'Richtlinne vun dësem Plang berücksichtegt gi sinn.

De virgestallte Projet ass étappeweis ugepasst ginn, huet sech verännert, ass eigentlech ëmmer besser ginn an dréit och zukënftegen Entwécklungen op der Lëtzebuergerstrooss Rechnung.

De Büro huet sech beméit, d'Oplagen ze erfëllen, esouwuel vun der Cellule de l'aménagement di territoire wéi och vun der Diddelenger Gemeng an deem Sënn ass deem heite PAP näischt virzewäerfen.

Wann een sech awer Froe an engem Gesamtkonzept stellt, da sinn do eng Rei vun negativen Aspekter.

Éischtens zitt dëse Supermarché do erëm zousätzleche Verkéier un a wa mer jo wëssen, wéi verstoppt déi Lëtzebuergerstrooss während dem gréissten Deel vun der Zäit an net nëmmen um fënnef Auer ass, da muss ee sech do jo awer grouss Suerge maachen.

Ech muss awer soen, dass et wuel besser ass, dee Supermarché ass do an der Peripherie vun Diddeleng wéi am Zentrum, dat wier nach e bësse méi schlëmm, mä et ass awer dréngend noutwenneg, déi ganz Lëtzebuergerstrooss ze iwwerdenken, well do massiv Verkéiersproblemer sinn, déi net esou einfach ze léise sinn.

Da stellt sech awer zweetens och nach d'Fro, ob mer dann en zweeten Discounter an der Entrée vun Diddeleng wierklech brauchen a wierklech wëllen. Et handelt sech schliisslech do ëm e Geschäftsmodell, dat weder extra nohalteg nach besonnesch mataarbechterfréndlech ass a gëschter an enger Sendung vu Galilei ass esouguer kloer ginn, dass d'Produiten net onbedéngt méi bëlleg sinn ewéi d'No-name-Produiten aus de klassesche Supermarchéen.

Ech wollt dat onbedéngt gesot hunn, et huet net onbedéngt eppes mat dem PAP ze dinn, mä mir hunn eis awer och d'Fro gestallt, ob et wierklech sënnvoll a rentabel ka sinn, nach en Discounter an d'Entrée vun Diddeleng ze stellen, wou jo awer schonn en aneren do ass.

Wéi gesot, dat huet elo näischt onbedéngt mat dësem PAP ze dinn, wou mer kënnen dohannert stoen an dee mer dann och matstëmmen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci fir Är Interventiounen. Éier ech op déi verschidde Stellungnahmen aginn, wëll ech dem Här Urbing nach eemol d'Wuert gi fir op dat eent oder anert ze äntwerten.

HÄR URBING (BUREAU D'ÉTUDES BEST) : Fir op d'Fro zum Lénksofbéien anzegoen: Déi Afaart oder déi ganz Kräizung ass esou geplangt ginn, datt se Rechnung dréit deem wat an der Zukunft do wäert sinn, dee Moment wann déi Haaptstrooss véierspureg wär. Dofir muss de Gabarit elo schonn do sinn deen dann och passt. Wéi e provisoresche Marquage déi Strooss elo kéint kréien, misst een am Exekutiounsdossier mat Ponts-et-Chaussées kucken. Dee Marquage ass also nach ofzekläre fir ze kucken, ob een do nach eng Phas dertëschent kritt.

Wat d'Bürosflächen ubelaangt ass op alle Fall vu LIDL virgesinn, datt si hir lëtzebuergesch Zentral, hir Büroen do dra wëlle maachen. Wéivill elo nach verlount ka ginn, weess ech elo net direkt, ä op alle Fall wëllen si hire Siège dohinner maachen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Ech wëll nach op e puer Punkten agoen, Ech sinn awer



frou, ze héieren, dass mer eng Rei Punkten deelen an dass mer esou resolut un der Aktivitéit weider schaffen, Projeten an de Wee geleet hu fir am Stadkär Aktivitéiten ze schaffen an hei de Wëllen deelen, dass mer un der Aktivitéit vun Diddeleng schaffen ausserhalb, an der Péripherie a mat dësem PAP an dëser moderner Architektur gëtt deem och Rechnung gedroen.

Mir deelen natierlech och déi Suergen hei an de Bänke ronderëm de Verkéier, den Traffic, déi Haaptentrée vun Diddeleng an do sinn eng ganz Rei Usäz, déi mëttel- a längerfristeg mussen ëmgesat gi fir dass dee Projet esou gutt wéi méiglech verleeft.

Dee Projet huet esou evoluéiert, et ass eng Visitëkaart fir an Diddeleng eran an eng Porte d'entrée ass eng Visitëkaart an dofir ass et wichteg, déi esou attraktiv wéi méiglech ze gestalten, an nieft dem Siège vu LIDL, deen heihinner kënnt awer och iwwer déi Büroflächen, déi nach disponibel bleiwen, och mei Aarbechtsplazen, nei Interessente kënne op Diddeleng kommen, och dat ass eng Attraktivitéit, déi dës Stad kann an de Virdergrond stellen.

Wat den Accès ugeet, virun allem de Staatslabo, déi kréien en direkten Accès vum Rond-point aus wann dee bis fäerdeg ass. Mer haten och kierzlech eng Entrevue mat deene Responsabele vum LNS, och mat der neier Presidentin vum Verwaltungsrot, der Madame Niclou, wou mer och iwwer Mobilitéitsfroe mat hinnen diskutéiert hunn a wou mer gemeinsam nach eng Kéier e Courrier gemeet hunn un den Transportministère fir dee Volet vun der Mobilitéit nach eng Kéier ze ënnersträichen, wëlle et och ganz wichteg ass, dee Site esou gutt wéi méiglech ze desservéiere well dat ass eng Suerg vum LNS engersäits mä och eng Suerg vun der Gemeng a mir wëlle schonn am Virfeld dee selwechte Wee mat der IBBL fueren.

Déi sinn elo nach net do mä déi sollen 2017 aplënneren, dat mer och do als Gemeng u si eruntriede fir ze kucke wat hir Besoinen si fir den Accueil esou gutt ewéi méiglech ze maachen.

Mir sinn hei an engem Projet sinn, wou d'Gesamtbild gewahrt gëtt, am A behale gëtt, deen an de Bänken diskutéiert ginn ass, bei deem probéiert gëtt, keen Déséquiliber ze kréien, och am Kader vun der Complémentaritéit, nämlech de Commerce de proximité am Zentrum, an der Peripherie de Supermarché.

Par rapport zu der Fro, ob et opportun ass, nach en zweete Soft-Discounter hei zu Diddeleng ze hunn: LIDL ass Propriétaire gi vun där Parzell an de Projet ass agereecht ginn, dat wëllt net verhënneren, datt een hinnen als Gemeng Verschiddenes mat op de Wee gëtt, mä si hunn hire Businessmodell an et kann een hinne Saache proposéiere mä net imposéieren. Hire Projet ass konform a mir mussen dee guttheeschen. Natierlech sinn all déi ethesch Froen, déi sech ronderëm stellen, och berechtegt Froen, mä dat si Froen, déi de Gemengerot Diddeleng an deem Sënn net ganz kloer kläre kann.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Ech wollt nach just froen, ob vun hannen herno och de LIDL vun der Autobunn direkt desservéiert?

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Neen, den Haaptaccès bleift op der Lëtzebuergerstrooss.

Mir wäerten an deenen nächste Méint nach iwwer dëse Projet schwätzen, well eng Convention d'exécution wäert kommen.

D'Stellungnahme weisen, dass dëse Projet hei gedroe gëtt an ech géif de Gemengerot bieden, iwwer dëse Projet ofzestëmmen.

**Ass de Gemengerot mat dësem PAP averstanen? Dat ass unanime.**



## 5. GEMENGEFINANZEN – GENEHMEGUNGEN

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Et sinn eng ganz Rei Punkten, déi eis hei beschäftegen, wéi all Joer och de Restante fir den Exercice 2014, dee mer Iech hei presentéieren. Ech begréissen dann och hei eise Receveur, de Gilbert Loos.

**1. Genehmegung vum Restanten, dee beim Ofschlooss vum Geschäftsjoer 2014 anzekasséieren ass**

Mir hunn den Ament, wann een de Restante kuckt vun 2014, am Ordinaire 1.330.436,97 Euro, déi ausstinn, an am Extraordinaire 30.594,83 Euro an eis Receveur proposéier eis 71.564,06 Euro an d'Décharge ze huelen, dat heescht, de Gesamtrestante vum Exercice ass 1.432.495,86 Euro.

Wann een e Bléck op déi aktuell Zuele wäerft a kuckt, wéi d'Evolutioun ass, do mierkt ee ganz kloer, dass de Restanten, dee mer elo virleien hunn, par rapport zum Kont 2013 ofgeholl huet. Do war et 1,6 Milliounen Euro. Wann een natierlech och kuckt. Wéi et déi lescht Jore war, pour rappel, 2010 louche mer bei 2,4 Milliounen Euro, ouni d'Déchargë mat dran ze hunn, an 2007 bei 1,5 Milliounen Euro. Also. Mir sinn an enger Situatioun wou mer ënnert der Situatioun vun 2007 sinn.

Dat huet natierlech och domat ze dinn, dass iwwer déi lescht Joren d'Prozedure gestrafft ginn an de Service um Niveau vum Personal ass verstäerkt ginn a mir hunn eng ganz Rei Poursuite-judiciairë gemaach, déi derzou féieren, dass mer eng ganz Rei Sue konnten andreiwen.

Mir mierken och, dass déi Prozeduren, déi mer an d'Weeër geleet hunn, och gräife well generelle mierkt een dass engersäits de bestoende Restanten erofgeet an dass och wéineg nei Restante bäikënnt. Dat ass ganz positiv a weist, dass et bei verschidde Leit un der Zahlungsmoral happert, wou mer dann iwwer Procédure-judiciairen andreiwen, an et weist och, dass déi Messagen, déi mer iwwer de Gemengerot eraus ginn, gräifen an dass sech bei enger ganzer Rei vu Leit d'Zahlungsmoral verbessert huet, wat derzou féiert, dass de Restanten deementspriechend erofgeet an dat weist den Abléck iwwer déi lescht Joren.

Wann een elo kuckt, wat d'Indemnité de procédure zum Beispill ugeet, do kréie mer méi Recettë wéi Ausgaben, wat och ganz positiv ass. Wann een awer méi am Detail kuckt, vum Restanten, wat nach dran ass, dat sinn déi Dossieren, wou d'Leit net bezuelen, wou d'Taxen ausstinn, wéi Ofwaasser, Waasser, deelweis och d'Maison-relais wou een och mierkt, dass do iwwer de Chèque-service d'Contributiounen net bezuelt ginn.

Awer och déi ganz Taxë ronderëm den Offall, dat sinn Elementer, déi eraus stiechen, déi am Restante sinn.

Natierlech hu mer déi Prozedur och tëschent dem Receveur an dem Office social, wou probéiert gëtt, de Leit ënnert d'Ärem ze gräifen, mä bei deene Leit, wou mer ganz kloer mierken, dass se net wëlle bezuelen, do hu mer och déi néideg Poursuite judiciaire gemaach, respektiv de Huissier ageschalt, wéi dat och am Kader vum Gemengegesetz virgesinn ass.

Zënter 2012 ware 567 Dossieren, déi mer clôturéiert hunn, déi beim Huissier waren. Dat weist ganz kloer, dass mer ganz aktiv un déi Dossieren eru ginn.



Wat d'Zahlungsmoral ubelaangt, fir 2014 si 17.111 Rappelen a lescht Avertissementer eraus gaangen, och dat als Abléck, wéi verschidde Leit sech verhalen. Wann den Dernier avertissement och net gräift, da geet et un de Huissier an da kënnt déi Prozedur iwwer de Geriichtswee.

Mir mierken och, wann de Huissier bis do ass oder d'Saach op d'Geriicht geet, do sinn Dossiere wou mer d'Sue kréien an aner Dossieren, do ass näischt méi ze huelen an dat sinn dann déi Dossieren, déi och an der Décharge sinn.

De Receveur proposéiert eis dëst Joer déi 71.564.000 Euro, dat sinn engersäits Faillitë vun enger ganzer Rei Entreprisen, déi d'Personnalité morale hunn, wou natierlech mer d'Créance uginn hunn, mä am Kader vun der Liquidatioun vun der Faillite sinn eng ganz Rei Créancieren an den éischten, dee sech mellt, kritt och. Do hu mer méi kleng a méi déck Montanten.

Méi en décke Montant, iwwer dee mer am Gemengerot geschwat hunn, an als Créance ugemellt hunn, dat war Concept Immopromotion, dat si ronn 27.000 Euro, déi an dëser Décharge dra sinn. Déi hunn eng Faillite gemaach, déi gouf clôturéiert de 6. Juni 2014 an do hu mer näischt méi kritt obwuel mer d'Créance ugemellt hunn.

Dann hu mer nach eng Rei méi grouss a méi kleng Entreprisen.

Natierlech sinn och eng ganz Rei Privatleit dobäi, wou och d'Procédure judiciaire entaméiert ginn ass an op d'Geriicht koum, wou een einfach mierkt, do kënne mer näischt méi huele well déi Leit an der Faillite personnelle sinn, dat heescht an der d'Privatinsolvenz an an deene Situatioune gi mer op de Wee fir d'Décharge ze proposéieren, wéi de Receveur eis dat virstellt.

Et kann ee soen, dass dee Wee, dee mer viru Jore gaange sinn, ganz kloer gräift, dass dee bestoende Restante resolut ofgebaut gëtt, dass wéineg neie Restante bäikënnt an dass mer elo op engem Niveau ënnert dem Niveau vun 2007 sinn. Dat sinn encourageant Messagen, déi een hei ka ginn a mir wäerte weider dru schaffe fir de Restante weiderhin ofzebauen, wéi sech dat gehéiert.

Mer haten eis d'lescht Joer d'Zil ginn, dëst Joer ënnert 1,5 Milliounen ze kommen an dat Zil hu mer erreecht. Dat hate mer vu politescher Säit aus hei gesot a mir sinn deem och méi no komm.

JEAN-PAUL FRIEDERICH (CSV): Ech wollt just froen, wat déi dote Saach ubelaangt, éischtens, mat wéivill Persoune kann ee rechnen, mat de Privaten an de Sociétéiten, déi am Fall sinn, wou dat net bezuelt gëtt? Dat ass fir eng Iddi ze hunn, wou mer stinn.

Zweetens begréisse mer, dass den Office social dat nach ëmmer ënnerstëtzt bei gewëssen Härtefäll. Et ass kloer, dass esou Leit musse gehollef kréien, mä et muss awer och gekuckt ginn, dass bei deene Leit eng gewëssen Disziplin ass. Et kann net sinn, dass Leit sech drop verloossen dass dat iergendwéi regléiert gëtt. Et si Bierger, déi natierlech muss gehollef kréien, mä jiddereen ass verflicht, seng Taxen esou wäit et méiglech ass ze bezuelen.

Da wollte mer froen, wann eng Poursuite judiciaire gemaacht gëtt, wat dat ongeféier kascht a wéi laang esou eng Prozedur ass bis dass et zu engem Ofschloss kënnt.

Mer wollte just nach soen, dass mer et begréissen, dass do och Drock gemaach gëtt. Vläit hu sech déi Leit zevill a Sécherheet gespiert, dass do näischt kënnt an et ass gutt, dass d'Gemeng mëttlerweil esou reagéiert. Et ass traureg, dass een esou e Wee muss goen, mä et ass och wichteg, dass een déi Leit drun erënnert, dass et net ka sinn, dass déi eng bezuelen an déi aner net.

Nach just ee Punkt zu deene Recetten an och zu deene Saachen, déi hannendru stinn an deem Tableau dee mer kruten. Mär begréissen absolut, dass déi Fluktuatiounen net méi esou grouss sinn ewéi déi an der Vergaangenheet well do waren heiansdo Montanten derbäi, déi méi héich ware wéi dat wat virgesi war.

ROMAINE GOERGEN (DÉI GRÉNG): Mir stelle fest, dass de Betrag vun de Leit, déi d'Gemeng net bezuelt hunn 2014 bei 1,4 Millioune läit. Domat geet de Betrag ëm ongeféier 0,5 Milliounen erof par rapport zum leschte Joer a bestätegt den Trend säit deem historesche Maximum vun 2,4 Millioune 2010. Zum Deel geet déi Zomm och erof well säit 2013 kee Gasverkaf méi do ass.

Elo mécht Bezuele vum Waasserverbrauch, der Kanaltax dee gréissten Deel aus an duerno kënnt dann eben déi Zuel vum Offall.



Et ass ze begréissen, dass all méiglech Mesurë geholl gi si vun de Rappelen, an ech fannen déi Zuel déi der do genannt enorm héich, iwwer déi zweet Mahnung mat Strofbezuelung bis zum Dierwiechter.

Et ass awer ze befäerten, dass d'Situatioun net vill verbessert ka ginn. Et ginn zwar Leit mat schlechter Zahlungsmoral op där enger Säit, mä och Leit, déi einfach näischt méi Rescht hunn an dann de Choix maachen, Gas an Elektresch éischter ze bezuelen an d'Gemengentaxen eben net.

Da ka just nach den Office social hëllefe fir Sue virzestrecken an e Finanzplang opzestellen.

Mer sinn natierlech d'accord mat dem restanten État.

ROMY RECH (LSAP): Ech kann deem nëmme bäiflichten. Mer stelle fest dass déi Mesuren, déi mer geholl hunn, gräifen. Ech fannen et wierklech wichteg, dass mer all Joer de restanten État ënnert d'Lupp huelen, dat sinn ëmmer méi, och an deenen nächste Joren, wichteg Suen, déi d'Gemeng brauch fir kënnen um Terrain ze schaffen. Déi Zuelen ginn eis natierlech ze bedenken, dat huet mat de Rappelen a mat der Zahlungsmoral vun eenzelne Leit ze dinn.

Fir eis bleift vu Bedeitung , dass d'Prozedur aus dem Gemengegesetz eent zu eent agehale gëtt, dat ass wichteg well domat d'Délaise sech an erdréigleche Grenzen halen an dann d'Gefor fir dass mer herno grouss Déchargë musse ginn, vill méi kleng gëtt.

Ech gesinn och, dass déi Mesuren, déi am Service geholl gi sinn Friichten droen, dass de Service wierklech motivéiert ass fir weider un deem Chiffer ze bastelen, dass deen nach weider erof geet, dat ass fir eis vu gréisster Wichtegkeet.

Mer wäerten dësem restanten État zoustëmmen.

GILBERT LOOS (RECEVEUR VUN DER GEMENG DIDDELENG): D'Fro ass opkomm, wéivill Leit kommen do a Fro? Mir kréien déi Zuelen net automatesch, ech mengen et sinn 900 Persounen, dat geet awer da vun heiansdo engem Euro bis op nach ëmmer 90.000,00 Euro, den OPE, wou mer och d'lescht Joer schonn driwwer geschwat hunn. Deen ass och nach ëmmer am Restant an deen déchargéieren ech och net esou laang d'Liquidatioun vun OPE net geschwat ass.

Mam Office social maache mer eis et einfach, et ass net esou dass den Offcie social alles, wat driwwer geet, einfach iwwerhuele géif. Den Office social schwätzt dann och emol iwwer déi Dossieren, ech proposéiere well ech d'Gefill hunn, dass deen Dossier e Sozialfall ass. Da schécken ech se bei den Office social, dass e Suivi gemaach gëtt. Wann den Office social awer och feststellt, dat gëtt näischt, do kënne mir net méi hëllefen, da ginn ech weider a maachen déi Prozedur. Nom Dernier avertissement ass et d'Ordonnance de paiement an duerno d'Saisie.

Bei klenge Montanten gi mer net méi bei den Dierwiechter, do maache mer d'Saisie direkt. Bei deenen anere Montante gi mer den Dossier un den Dierwiechter. D'Saisie ka laang dauere, wëlle wann se net schaffen, kann et bis zu 6 Méint daueren éier de Centre commun eis Bescheed seet ob se schaffen oder net. Wann een dann och nach den Employeur wiesselt, musse mer déi ganz Prozedur erëm vu vir ufänken. D'Dauer ass vun direkt bezuelt wann d'Ordonnance bis eraus ass, bis op een, zwee Joer, plus dann eventuell den Dierwiechter, wéi laang dass dee brauch fir déi Sue vun deene Leit ze kréien. Dat hänkt wierklech dervun of. Käschten hu mer u sech nëmme wann den Dierwiechter guer näischt méi ka maachen an eis den Dossier muss zeréck schécken. Dat sinn och déi Käschten, déi ech am Tableau do stoen hat.

Den Dierwiechter kascht eis näischt, et sief dann, den Dossier gëtt zeréck geschéckt an hie seet mer, dass näischt ze huelen ass obwuel hien alles probéiert huet.

RENÉ MANDERSCHEID (LSAP – SCHÄFFEN): Ech wollt nach eppes zum Office social soen. Et ass net esou, dass een, dee bei der Gemeng an der Kräid steet, bei den Office social geet an déi iwwerhuelen dat dann. Et ass esou, dass et do e puer Méiglechkeete ginn. Déi éischt Méiglechkeet ass déi, dass de Bierger, dee meeschtendeels a Schwieregkeeten ass, dee freet emol fir d'éischt d'Allocation à la vie chère um FNS un an 45% vun deem Montant kritt e jo dann zur Verfügung gestallt, an da gëtt gekuckt, huet en nach Scholde bei der Gemeng. A wann dat de Fall ass an dat ass meeschtens de Fall, da gi mer déi Suen, déi en zegutt huet vum FNS, respektiv déi Prime, integral geholl fir kënnen all déi Scholde bei der Gemeng ze begläichen. Da si scho ganz vill Leit, déi kréie guer näischt méi dovunner erëm, mä d'Gemeng huet op deem Wee da mol hir Taxë bezuelt kritt.



Déi zweet Méiglechkeet ass iwwer den Office social ze kucke wéi d'Situatioun ass an déi Suen do virstrecken, awer contre Remboursement, am do et och gekuckt ob de Bierger da kann all Mount eng Zomm X op Gronn vun där Zomm dem Office social iwwerweisen. Do gëtt scho gekuckt, datt dat klappt a wann de Bierger dat ka maachen, da gëtt och iwwer dee Wee gehollef.

Den Office social streckt déi Suen net einfach esou vir, et ass eng Prozedur.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Wat mech e bëssen erschreckt huet, ass, dass vill Leit hir Rechnung net bezuele fir d'Maison-relais. Dat gëtt jo eng ganz Problematik well d'Kanner kënne jo net dofir, di si wéi ëmmer déi Leidtragend a mir kënnen déi Kanner jo awer net dat Joer drop écartéiere well d'Elteren déi Rechnung net bezuelt hunn. Wéi gëtt dat gehandhaabt?

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): An deem ganze Restanten sinn dat 7%, et ass net eng Majoritéit mä och do geet et mat Rappelen oder et gekuckt ob et ka Gestaffelt ginn. Et gëtt och mam Receveur gekuckt, datt se an e puer Kéiere bezuelen. Et ass och eppes, wat mer mat Leit maachen, déi gewëllt sinn ze bezuelen. Mir gi mat deenen och eens. Do kann een en Échelonnement maachen a wann dat agehale gëtt, ass dat absolut kee Problem.

Ass de Gemengerot averstanen engersäits mam Restanten, mat der Décharge, déi de Receveur proposéiert, respektiv awer dat wat nach opsteet vum Restanten, dass mer dat weider als Gemeng poursuivéieren? Well och dat ass haut hei ze befannen. Dat ass unanime?

**2. Genehmegung vun den Modifikatiounen um ordinäre Budget vum Geschäftsjoer 2015**

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Et ass wéi all Joer, mer kënnen ab September d'Liste modificative virstellen a wann een do d'Gesamtbild kuckt, do hu mer wat vun nei Recetten generéiert soll ginn 529.443,04 Euro an nei Dépensen, déi derbäi 529.260,00 Euro, dat ass also e Plus vun 233,00 Euro, wou mer méi Recettë wéi Dépensen hunn.

Wann ee kuckt, am Laf vum Joer wou déi Recetten, respektiv Dépensen hir kommen, do huet een engersäits op der Recettësäit unhand vun Décompten 2013 an 2014 mam CIGL dat sinn 109.169,49 Euro.

Dann eng Recette, déi bäikënnt mä wou op der aner Säit als Dépense steet ass eng Nulloperatioun, dat ass unhand vun der 'Durchlafgebühr, déi mer engersäits fakturéiert kréie vu CREOS, déi mer awer weider fakturéieren un ENOVOS, dat unhand vun engem ILR-Reglement. Dat sinn 170.000,00 Euro an dat gläicht sech dann aus.

Dann ass och beim SES wou mer mat der Redevance fixe 45.000,00 Euro erakréie mat eisen Horodateuren a Parkingsgebühren. Dat si 75.000,00 Euro, déi mer méi kréien.

Dann eng Rei vu Subside vum Staat, wat d'Museksschoul ugeet, do leie mer bei 26.320,00 respektiv 69.843,00 Euro, déi mer méi erakréien.

Dat ass um Niveau vun der Recettësäit.

Dann awer och um Niveau vun eisen Gemengegebaier, respektiv eisem Fuerpark wou och dann emol Reparatioune musse gemeet ginn. Do hu mer 15.00,00 Euro wat eise Service Jardinage ugeet, Maschinne, déi ausfalen a Reparaturen néideg sinn, déi em Fong net virgesi waren a wou een dat muss maachen.

Op der Dépensësäit 170.000,00 Euro vum ILR.

Dann awer och resolut déi Approche fir eng ganz Rei Marquage-Aarbechte ze maachen. Do froen eis Servicer 10.000,00 Euro fir d'Voirie.

Dann hu mer eng ganz Rei Entretienen an eise Gemengegebaier, déi och net méi déi jéngst sinn, vun 25.000,00 Euro.

Fir de Fuerpark, wou Reparatioune gemeet gi fir dass am Alldag ka geschafft ginn, do sinn et 40.00,00 Euro.

Da méi eng déck Dépense, 50.000,00 Euro fir d'Ersetze vum Identifikatiounssystem op eise Müllween. Do ass och e Problem opgetaucht, dee geet net méi an déi Firma, déi eis do sollt hëllefen, exploitéiert dee System net méi a mir hu missen en anere Format fanne fir datt déi Identifikatioun ka gemeet gi fir dat een, wann de Müll gekippt gëtt, weess wéi eng Leit hire Müll erausstellen iwwer den Chip-System. Also eng zousätzlech Dépense vu 50.000,00 Euro.



Dann 30.000,00 Euro zousätzlech fir d'Imprévuen, d'Chantiere vun der Post, 30.000,00 Euro fir am Boujel, dat war net virgesinn, d'Post huet do hire Approche changéiert a si hunn am Boujel ugefaangen. Do musse mer natierlech nogoen, wa mer wëllen um Waasserréseau Aarbechte maachen, dofir hu mer déi 30.00,00 Euro erabruecht.

Dann de Comptage intelligent, 20.000,00 Euro fir de Smartmetering.

Da si 5.000,00 Euro fir de Service culturel zousätzlech gefrot ginn. Dat ass domat bedingt, dass wann een d'Programmatioun fir 2016 wëllt kënne gewährleeschten, braucht een en Zouschoss fir d'Artiste schonn ze buchen, fir Akkonten ze bezuelen. Dofir freet de Service culturel 15.000,00 Euro.

Wat net budgetiséiert war, dass hei gefilmt gëtt, do froe mer 20.000,00 Euro no.

Dann nach eppes, wat ech woll eraus schiele wat während der grousser Vakanz gemeet ginn ass: 26.000,00 Euro an der Butschebuerger Schoul, do huet sech erausgestallt dass an engem Sall Asbest fonnt ginn ass an do ware Restauratiounsaarbechte a Sanéierung.

Mir hunn also 233,00 Euro Iwwerschoss a sinn domat am Equiliber.

ROMAINE GOERGEN (DÉI GRÉNG): Ech hu just nach eng Fro zu deenen 175.000,00 Euro déi den ILR eis do ausgerechent huet. Ech verstinn dat net gutt wéi dat gerechent gëtt mä ech wollt froen ob et eng Korrelatioun gëtt tëschent den Einnamen an den Ausgaben. Dat heescht, kréie mer déi Gebühr a gëtt erwaart, dass mer dann och an d'Infrastruktur investéieren oder ass et esou, dass mer investéiere well mer déi Suen do kréien? Dat géif mech schonn interesséieren, ob dat iergendwéi unenee gebonnen ass, déi Dépense mat där Recette.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Et ass eng Nulloperatioun, et geet iwwer de Reglement vum ILR wat Lëtzebuerg an d'Belsch betrëfft. Am Fong geet et hei haaptsächlech ëm d'Durchlafgebühr, dat heescht engersäits kréie mir vun der CREOS, der fréierer SOTEC, fir dass dee ganze Gas op Diddeleng kënnt leeft e jo duerch Leitungen an duerch nei Bestëmmungen, déi vum ILR guttgeheescht gi sinn, kréie mir natierlech dat vun hinne fakturéiert. Mir si jo Propriétaire vum Réseau an als solche verrechne mir der ENOVOS déi 170.000,00 Euro fir dass ENOVOS, respektiv SUDGAZ, déi doten 'Durchlafgebühr iwwerhëlt an de Client kritt et och weider verrechent. Dat heescht, mir kréien dat fakturéiert a mir fakturéieren dat weider un den Exploitant. Dofir ass et och eng Nulloperatioun.

Fournisseur ass CREOS, mir kréien de Gas vun hinnen aginn de Gas weider un ENOVOS oder SUDGAZ, déi d'Partie commerciale mécht. Et ass zimlech komplizéiert, och mat de Gebühren, dat geet iwwert d'Moleküle vum Gas, dat erspueren ech lech well et ass héich technesch, mä de Prinzip soll verstane sinn.

Ass de Gemengerot mat deene Recetten an Dépensen averstanen. Dat ass unanime.

**3. Genehmegung vum Taux vum impôt commercial fir den Exercice 2016**

**4. Genehmegung vum Taux vum Impôt foncier fir den eexrecice 2016**

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Hei geet et drëm, den Impôt commercial fir den Exercice 2016, respektiv den Exercice 2016 och wat den Impôt foncier ugeet, ze fixéieren. D'Propose, déi hei virläit, ass, bei 350% ze bleiwe wat den Impôt commercial ugeet, deen ze héijen an och net erof ze setzen, mä deen ze beloossen, respektiv beim Impôt foncier och dat sinn ze loossen, dat heescht bei der Kategorie A fir Propriétés agricoles et forestières bei 500% ze bleiwen, bei der Kategorie B fir Constructions industrielles ou commerciales bei 750%, Kategorie B2 fir Constructions à usage mixte bei 500%, B3 fir Constructions à autre usage bei 250%, B4 fir Maisons unifamiliales, Maisons de rapport bei 250%, B5 fir Immeubles non bâtis autres que les terrains à bâtir à des fins d'habitation bei 500% a B6 fir Terrains à bâtir à des fins d'habitation bei 600% ze bleiwen. Déi bestoend Tauxe wëlle mer net weider änneren.

Ass de Gemengerot mat deenen Tauxen averstanen? Dat ass unanime.

**5. Genehmegung vum Acte de droit d'emphytéose an dem Acte de vente en l'état futur d'achèvement,**

**déi mat der Société nationale des habitations à bon marché (SNHBH) geschloss goufen**

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Da geet et weider mat engem Acte, deen d'Diddelenger gemeng mat der SNHBM gemeet huet. Dat Ganzt ass zeréckzeféieren op en Acte, dee mer als Gemeng mat der SNHBM gemeet hunn den 28. Juli 2009, wo mer an der Rue des Champs als Gemeng Propriétaire waren, dee mer der SNHBM zur Verfügung gestallt hu fir dass si e Wunnprojet do kënne maachen. Dee Verkaf ass 2009 hei am Gemengerot getätegt ginn. Mir haten am Kader vun den Diskussioune festgehalen, dass den Office social d'Gestioun mécht vun de Logement-sociauxen.

Hei geet et ëm de Kaf vun engem Appartement dat vum Office social geréiert gëtt. Haut ass engersäits iwwer dee Kafacte ze befannen awer och iwwer den Droit emphytéotique. Et ass jo esou, dass et eng gängeg Praxis ass bei der SNHBM hire Projeten hei zu Diddeleng, dass, wann se Appartementer verkafen, wat den Terrain betrëfft, dass do eng Emphytéose iwwer 99 Joer gemeet gëtt.

Dat heescht hei am Acte gëtt engersäits fir dat Appartement, dat mer kafen, op déi Millièmen déi mer do hunn eng Emphytéose gemeet vun 99 Joer, dat ass deen een Deel vum Acte.

Deen aneren Deel ass de Kaf selwer vum Appartement.

Den Acte hu mer den 13. Februar 2015 ënnerschriwwen a mer brauchen d'Approbatioun vum Gemengerot. Do geet et also engersäits em den Droit d'emphytéose wou d'Société nationale des habitations à bon marché eis en zur Verfügung stellt iwwer 99 Joer leeft deen Acte, also bis den 19.Mäerz 2113 an der Rue des Champs.

Wéi dat eben de Fall ass, wann eng emphytéose ofleeft, ka se verlängert ginn, wéi dat oft Usus ass.

Deen aneren deel ass dann d'Vente en l'état futur d'achèvement, dat ass de Prinzip dass d'Gemeng en Fonction vun der Evolutioun vun der Konstruktioun Propriétaire gëtt vun de Gebailechkeeten. Den Objet vun dëser Vente ass engersäits en Appartement, dat 97,84 m2 huet, dat ass natierlech e Keller vun 12,74 m2 an en Emplacement intérieur, also eng Stellplaz an der Garage vun 12,43 m2, dat sinn am Ganzen 123 m2 an insgesamt mécht dat 60,5 Millièmen aus. Wann een hei de Kaf kuckt vum Appartement, si mer bei ronn 349,000 Euro wat dat Ganzt eis hei kascht. Hei ass natierlech opgefouert, dass 17% TVA entfält, do kréie mer natierlech dat zu 3%, dat ass jo e Logement social, an op der anerer Säit kréie mer de Subsid vum Logement ëm déi 70%. Hei ass de selwechte Prinzip wéi nei anere Acquisitiounen déi mer gemaacht hunn um Niveau vun de Logement-sociauxen.

Dëst ass och e Projet, deen um Punkt ass, fäerdeg ze ginn, also och do am Timing ass sou wéi et virgesi war.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Am Numm vun der CSV begréisse mer dat explizit, wéi mer dat och bei deene leschten Achate gemaach hunn. Wat d'Logement-sociauxen ugeet, gëtt et e grousse Besoin a mir begréissen dat, dass mer hei och nach eng Kéier op de Wee gaange sinn, dëst Appartement ze kafen, wat jo am Fong och schonn am Viraus esou geplangt war.

Mir begréissen och, dass den Office social elo d'Gestioun iwwerhëlt vun alle Logement-sociauxen, déi mer hei zu Diddeleng hunn.

Et ass och derwäert, eng Kéier ze ënnersträichen, wéi déi Prozedur ass, dass ee kann iwwer eng Emphythéose bauen an dat muss een och méi promovéieren, mir sinn dodran nach e bëssen en Entwécklungsland par rapport zu Frankräich zum Beispill, wou dat vill méi ugewannt gëtt a wou d'Leit vill méi Méiglechkeeten hunn, zu engem Logement ze kommen.

Hei zu Lëtzebuerg si mer éischter op där Linn, datt mer soen, ech muss de Buedem hu wou main Haus drop steet soss ass et net mäint. Do muss en Ëmdenke kommen an d'SNHBM leescht do eng gutt Viraarbecht.

Op esou eng Manéier kann och eng jonk Famill sech eppes leschten ouni sech jorelaang ze verschëlden. Et muss een net onbedéngt en Haus kafe fir dat un déi dräi nächst Generatioune weider ze ginn.

Mir begréissen dëse Projet also op alle Pläng. Et ass och flott, dass erëm 70% vum Prix d'achat vum Stat iwwerholl gi well et e Logement social ass. Dat ass



eng angenehm Begleiterscheinung well eise Budget esou net zevill hypothekéiert gëtt.

ROMAINE GOERGEN (DÉI GRÉNG): Ech ka mech menger Virriednerin nëmmen uschléissen. Mir approuvéieren dësen Acte well en drop eraus ziilt, zousätzlech Sozialwunnenge vun der Gemeng ze schafen, Et geet dës Kéier ëm dräi Schlofzëmmere wou een eng Famill drasëtze kann. Anersäits begréisse mer och den Droit d'emphythéose well en zum Zweck huet, de Kaf méi bëlleg ze maachen doduerch dass de Präis vum Terrain net muss bezuelt ginn.

Wat mer zwar net ganz kloer ass, dat ass den État de futur achèvement. Ass dee Präis dann awer elo de Präis, dee mer bezuele wann et fäerdeg ass? Net dass alles fäerdeg do steet an da kommen nach zousätzlech Ausgaben derbäi. Neen? Dann ass dat kloer. Da si mir ganz begeeschtert fir deem doten zouzestëmmen.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP): Et ass scho bal alles gesot, ech wëll just derzou bäifügen, dräi Schlofkummeren si gutt wa Familljen an Nout kommen, dann ass et ganz wichteg, och där Wunnengen ze hunn. Mir hunn zwar elo wuel déi Eenzelzëmmere mat Douche, mä wann eng Famill mat Kanner an Nout geréit, da brauch een och esou Wunnengen. De Präis ass absolut korrekt, d'Wunnenge si ganz flott an et ass gutt, dass den Office social d'Gestioun mécht, do kréie mer e Roulement dran an den Office passt op, dass d'Leit net zéng Joer laang mä ëmmer nëmmen temporär an deene Wunnenge bleiwen. Mir ënnerstëtze selbstverständlech dëse projet an hoffen, dass mer an där Richtung weiderfueren.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Ech wollt just soen, ech vermëssen awer elo de Vertrieder vun der ADR, deen ëmmer säi Pefferkär derbäi gëtt an eis seet, ob de Präis dann och wierklech korrekt ass.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Hien huet eis eng Meenung schonn zoukomme gelooss.

Hei ass et wichteg, a mir hunn dat iwwer déi lescht Joer probéiert an et ass an deene leschte Méint vun der Regierung obgegraff ginn. Et ass do, wou d'Gemengen hunn d'Méiglechkeet, als Promoteur public en Terrain eranzeginn sief et mam SNHBM sief et mam Fonds de Logement, dass een do probéiert op deen dote Wee ze goe vum Droit d'emphythéose. Et ass och dee Wee, dee resolut gaange ginn ass an deene leschte Méint fir mol e Relevé ze maachen, och um nationale plang, um Niveau vun de Gemengen.

Wat sinn iwwerhaapt déi Baulücken, déi mer hunn? Sief et vu Säite vum Staat well och de Staat eng Rei Baulücken, wou Wunnengen drop kënne geschaaft ginn an och d'Gemeng Diddeleng, do wou se Baulücken hat, huet se probéiert, mat engem ëffentleche Promoteur a mam SNHLB oder dem Fonds de Logement esou Projeten unzegoen.

Mir stellen Terraine zur Verfügung fir datt drop gebaut ka ginn. Dat ass de Wee, dee mir hei zu Diddeleng ginn. Dee Baulückeprogramm gesäit vir, datt een zu engem accessibele Präis kann u Wunnenge kommen.

Ass de Gemengerot mat dësem Acte averstanen? Dat ass unanime.

**6. Genehmegung vun engem Acte de vente mat der Asbl "Gréng Scouten a Guiden" betreffend eng Parzell op der "Weich"**

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Dësen Acte hu mer mat de Grénge Scouten a Guide maachen op der Weich, do ass d'Situatioun folgend: Et ass en Acte, dee mer den 1. Juni 2015 gemeet hunn, wou d'Gemeng Diddeleng de Grénge Scouten en Terrain verkeeft vu 65 Zentiar an hei geet et ëm eng Garage an et ass am Fong esou, dass et eng Garage ass, vun där deen een Deel vun der Propriétéit vun de Grénge Scouten an deen aneren Deel ass d'Propriétéit vun der Gemeng.

Fir déi Situatioun awer ze berengege waren déi Gréng Scouten un eis erugetrueden an hu gefrot ob mir als Gemeng bereet wieren, hinnen deen Terrain ze verkafen. Dat heiten ass eng Zone agricole, do ass 1000,00 den Ar de Präis, dee mer froen, hei sinn et 0,65 Ar, an hei ass de Prix de Vente dee mer froen 650,00 Euro, wann de Gemengerot hinnen déi Zoustëmmung gëtt. Et ass eng Situation de fait, déi mer iwwer deen doten Acte probéieren ze berengege well déi Garage jo scho steet.

Ass de Gemengerot domat averstanen? Dat ass unanime.



**7. Genehmegung vun engem Acte de cession gratuite mam Här Bob Bemtgen betreffend eng Terrainsparzell an der Rue du Stade John F. Kennedy**

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Hei geet et ëm eng Cession gratuite fir an d'Voirie mat eran ze huelen, tëschent dem Här Bob Bemtgen an der Gemeng Diddeleng. Et ass e Stéck vun 19 Zentiar, wou den Här Bemtgen Propriétaire ass an eis zur Verfügung stellt fir dass mer dat an d'Voirie kënnen integréieren, also e But à utilité publique.

Ass de Gemengerot mat dëser Cession gratuite averstanen? Dat ass unanime.

**8. Genehmegung vun engem Acte de cession gratuite mat der Gesellschaft Progetra betreffend zwou Terrainsparzellen an der Rue des Saules**

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Dëst ass eng Cession vun engem Projet, deen awer schonn zënter enger ganzer Rei vu Jore besteet an der Rue des Saules. Progetra huet deemools, dat war ëm 2004, siwen Haiser gebaut op der Nummer 10, Rue des Saules an do esouwuel en Deel Strooss, respektiv de Parking an och eng Plaz, en Espace vert, wou si nach Propriétaire ass, mä wou am Fong eng Cession gratuite gemeet gëtt un d'Gemeng fir dat an d'Voirie publique opzehuelen. Dat sinn 3 Ar 37 Zentiar, dat ass also de Parking an dat klengt Stéck Gréngzone, dat mir iwwerhuelen.

Ass de Gemengerot mat dëser Cession gratuite averstanen? Dat ass unanime.

**9. Genehmegung vun engem Acte de cession gratuite mat der Madame Nicole Engel an dem Här Joseph Bausch betreffend eng Terrainsparzell an der Rue Karl Marx**

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Dir kënnt Iech sécher drun erënneren, dass mer hei am Gemengerot iwwer déi doten Diskussioun diskutéiert an eng Conventioun tëschent dem Schäfferot an dem Här Bausch an der Madame Engel ronderëm déi Aarbechten déi do gemeet gi sinn, nämlech d'Luuchten, d'Mauer, den Trëttoir, geschloss hunn. Mir hate festgehalen, dass och do eng Cession gratuite gemeet gëtt un d'Gemeng wann d'Aarbechte fäerdeg sinn. Et sinn 0,17 Ar. Déi Aarbechte sinn elo fäerdeg, an et geet elo hei drëm, dat ze maache wat mer an der Conventioun festgehalen hunn. Dat Stéck, wou si Privatpropriétaire sinn, gëtt an d'Voirie publique erageholl.

Ass de Gemengerot mat dëser Cession gratuite averstanen? Dat ass unanime.

**10. Genehmegung vun der neier Conventioun mam Staat betreffend d'Gestioun vum Gebai vum Centre national de l'audiovisuel an dem Centre culturel regional "opder schmelz"**

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Hei geet et ëm d'Conventioun tëschent dem CNA an dem Centre culturel regional. Déi éischt Conventioun ass vun 2004, d'Inauguratioun vum Centre culturel war 2007 an do hu misse par rapport zu der bestoender Conventioun eng Rei Modifikatiounen gemeet ginn, respektiv Ajouten anzefügen, an den éischten Ajout läit am Artikel 1 vun der neier Conventioun. Et ass emol eng Durée dra gesat gi wat an der bestoender Conventioun net de Fall war. D'Durée kënnt ëmmer den 31. Dezember zur Échéance a gëtt da weidergefouert duerch enger Tacite reconduction d'année en année, et sief dann, se gëtt vun enger Partei gekënnegt.

Et ass bekannt an am Artikel 2 festgeluegt, dass eng Opdeelung vum Volume besteet, dat heescht 62,43% iwwerhëlt de Staat, 37,57% iwwerhëlt de Centre culturel, respektiv d'Diddelenger Gemeng. Dat ass en Fonctioun vun de Quadratmeterfläche festgehalen.

All Joer gëtt en Décompte gemeet iwwer de Volume vun der Consommatioun gemaach. D'Gemeng bezilt eng ganz Rei Rechnunge vir, a laut dem Artikel 3 hu mer wat verschidde Fraisen ugeet, froe mer dem Staat eng Avance fir dass dat kann ofgefiedert ka ginn. Dat heescht, dass d'Gemeng net alles muss bezuele mä iwwer déi Avancë vum Staat en Deel vun de Fraisen ofgefiedert ginn en attendant dass zum Schluss vum Joer de reellen Décompte gemeet gëtt.

Soss huet an dëser Conventioun weider näischt geännert. Een deel entfält op den CNA an een Deel entfält op de Centre culturel a mir hunn Deeler en commun.

Déi Fraisen, déi ëmmer ufale, dat ass fir Waasser, Elektresch a Gas an d'Personalkäschten sinn opgedeelt



tëschent CNA a Centre culturel, dat ass fir de Staat dann d'Personal fir d'Projektiounen, 2 Receptionisten, 1 Surveillance am Dag an 1 Surveillance fir nuets an d'Stad Diddeleng iwwerhëlt 3 Conciergen an 2 Botzfraen, dovunner eng à plein temps an eng à mi-temps.

Eng Commission mixte këmmert sech ëm de Suivi vun deem Ganzen, also ëm allegeurten d'Punkten, déi d'Exekutioun vun der Conventioun, verschidden allgemeng a punktuell Froen an d'Exploitatioun vum Gebai betreffen.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Mir hate bei de Budgetsdiskussiounen drop higewisen, dass ee muss kucke fir eben déi équilibréiert Verdeelung vun de Fraise vum CNA ëmmer am A ze behalen. Hei ass elo mol eng Kéier ganz kloer definéiert, dass déi Repartitioun esou ass wéi et och bei der Konstruktioun war. D'CSV huet ëmmer drop higewisen, dass een effektiv muss kucken, net dass mer iwwer den Dësch gezu ginn, well d'Fraise vum Stockage vum Material vum CNA ass extrem fragile a sensibel well do fir d'Klimaanlagen an d'Dréschenhale vun de Raim ganz vill Energie gebraucht gëtt an dass dat och Fraisen huet. Wann ech dat richteg ausgerechent hunn, bezilt de Ministère eis zwee mol 123.800,00 Euro, dat wären dann déi 62%, dat sinn am Ganzen 247.600,00 Euro an d'Gemeng nach eng Kéier 150.000,00 Euro, ass dat dann d'Enveloppe vun de Fraise vum CNA? Ech huelen dat un. Meng Fro: Muss een deen Décompte net am Gemengerot approuvéieren? Dir hutt gesot dat gëtt am allgemenge Budget ofgerechent a mir brauchen net an den Detail goen.

Ech fannen dat gutt, datt mer an der Commission mixte zwee Vertrieder vun der Stad Diddeleng mat dran hunn. Ech huelen un, dass dat de Buergermeeschter an de Kulturschäffen ass oder e Représentant vun hinnen. Et ass wichteg, dass mer do net méi wéi dat bezuelen, wat mer als Träger vum Centre culturel regional mussen droen.

Dann, wat ech awer zum Artikel 6 ze froen hunn: Éischtens emol steet ënnen dee Satz "elles s'assurent que la qualification professionnelle de réceptionnistes et concierges à engager correspond aux exigences de la Fonction à assumer", do steet concierges en italique. Meng Fro: Firwat ass dat explizit esou gesot ginn an ass dat esou, dass mer annerhallwe Posten Botzfra fir de ganze Site CNA schafen oder ass nach eng extern Firma engagéiert, déi mat do eraklëmmt?

Soss si mer zefridden, dass dat elo esou ausgesäit, dass mir net zevill musse bezuelen an dass de Staat sengen Aufgabe Rechnung dréit, a mer géifen déi Conventioun dann och mat unhuelen.

COLETTE KUTTEN (DÉI GRÉNG): Insgesamt hu mir un der Conventioun weider näischt auszesetzen a hu just zwou Verständnisfroe betreffend d'Consommatioun vun der Energie. Gëtt dat just no Volume opgedeelt oder ass mat Consommation énergétique réelle des partenaires gemengt, dass een och ka kucken, wéi en Deel d'Gemeng Diddeleng wirklech verbraucht huet? Kann dat wierklech ofgelies ginn oder gëtt e Partage gemaach ouni ze kucken, wéi d'Consommation réelle ass?

Ech wollt och nach gär wëssen, de Kino, gëtt deen integral vum Staat finanzéiert? Well dat war jo virdrun Utopolis, ass dat zwëschenduerch geännert ginn?

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Fir op déi verschidde Punkten anzegoen, et ass mer opgefall, dass Concierge en italique do steet, mä ech mengen dat ass weider näischt Dramatesches.

Mir maachen all Joer eng ëffentlech Auschreiwung fir d'Botzfra, déi vun der Gemeng iwwerholl gëtt fir dee genaze Site ze botzen. Den Amnet ass dat d'Firma Dussmann service, dofir ass de Volet mat den Avancë och wichteg, well dat d'Ausgabe offiedert. Verschidde Saache si reng am Gemengebudget an anerer, déi am Staatsbudget sinn an dat wat commun ass, gëtt ofgefiedert.

De Kino gëtt nach ëmmer vum Staat bedriwwen, dat huet net changéiert, dat ass nach ëmmer ënner der Responsabilitéit vun Utopolis.

Betreffend d'Compteuren, do ass engersäits de Schlëssel mä et sinn och eenzel Compteuren, wou een d'Consommation réelle ofliese kann. Deem ass Rechnung gedroe ginn, virun allem beim Waasser. Mir hunn Erfahrungswäerter an et sinn emol liicht Variatiounen. Dat hänkt och vun de Wiederconditiounen of.

De Représentant fir d'Gemeng ass de Buergermeeschter an de Kulturschäffen, awer och de Centre culturel. Wa spezifesch Saachen ugeschwat ginn ass et wichteg, dass dee vertrueden ass. Déi Saache musse gemeinsam ofgekläert a beschwat ginn.



Ass de Gemengerot mat dëser Conventioun averstanen? Dat ass unanime.

**11. Genehmegung vun de Subsidë fir secondaire a post-secondaire Studien**

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Hei schwätze mer iwwer d'Gemengereglement wat d'Subsiden ugeet fir d'Schüler am Secondaire an d'Studenten am Post-secondaire, virun allem am Unisberäich. Do war och schonn d'Subsidekommissioun, déi Viraarbecht geleescht huet ënner der Présidence vum Josiane Di Bartolomeo-Ries.

Dir wësst, dass et e Gesetz gëtt vum 24. Juni 2014 wat d'Boursen an d'Prêten ugeet an d'Studenten am Allgemengen. Do ass eng Dispositioun dran, déi och an der Circulaire vum Inneministerdarn ass.

Dat bestoend Reglement huet engersäits op eng Allocation forfaitaire baséiert an et koum d'Dispositioun vum Anticumul eran awer och d'Dispositioun vum Mérite. Dat ass en neie Moment. Dat neit Reglement dréit deem Element Rechnung an d'Formulatioun par rapport zu deem bestoende Reglement seet am Artikel 2 iwwer d'Prime d'encouragement pour études universitaires ou supérieures, dass jiddereen, dee säi Joer gepackt huet, eng Prime d'encouragement vun 200,00 Euro kritt, respektiv wann en e Minimum vu 15 ECTS an engem akademesche Semester kritt huet, dass en dann eng Prime vun 100,00 Euro kritt, respektiv, dass alleguerten déi aner Studenten, déi an enger Institutioun sinn, déi keng ECTS vergëtt, och eng Prime kréie vun 200,00 Euro.

Bis elo war et also eng Allocation forfaitaire, déi d'Leit kréien, 100,00 Euro fir déi zu Lëtzebuerg studéieren, 200,00 Euro fir d'Leit, déi am Ausland studéieren. Dat aktuellt Reglement dréit deem net méi Rechnung well mer eis elo op dat Gesetz vum 24. Juli 2014 alignéieren an d'ECTS-Critèren an de Critère vum Mérite aféieren.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP): Ech wëll e puer kleng Saachen dozou soen. Mir hunn eis ganz vill méi ginn an der Kommissioun well mir haten am Fong virdrun op der Basis vum CEDIES-Ziedel dann ausbezuelt. Dat ass jo dann elo net méi méiglech well gesot ginn ass, et däerf kee Subsid méi sinn, et muss elo eng Prime sinn. Mir hunn du versicht et am einfachsten ze maache fir dass de Secrétaire vun der Kommissioun d'Méiglechkeet huet fir dat ze kontrolléieren.

Et gëtt eng europäesch Directive, déi seet, datt all Land pro Joer esou vill ECTS-Punkten huet. Dat mécht awer net all Schoul. Dat war komplizéiert well deen ee krut en Ziedel mat ECTS-Punkten an deen aneren net an iergendwann gouf et um Internet en Ziedel, wou genau drop steet, wéivill Punkten e Bachelor huet a wéi e Land et wéi mécht. De CEDIES bezilt och op Basis vun deem Ziedel seng Subsiden aus.

Mir hu gesot, do gëtt et Differenzen, zum Beispill bei der UNI.LU do kënns de weider am Joer wann s de 25 ECTS-Punkten iwwer e Joer hues, egal wéi déi op d'Semesteren opgedeelt sinn. Dat ass natierlech alles ganz komplex an dofir hu mer décidéiert dass wann een noweise kann, datt en am nächste Joer ass, da soll een déi Prime kréien.

Nei ass am Reglement dat mat de 15 Punkten, do soe mer einfach 15 Punkte well et ass ganz wichteg, dass de Student sech net einfach op der Uni umellt a keng Exame schreift an dann awer eng Prime ufreet. Fir dat ze vermeide muss de Student noweisen, dass en Exame geschriwwen huet.

Ganz wichteg ass et, dass d'Studente sech ganz schwéier doe mat deem Paperassen ofginn. Mir mussen ëmmer Dokumenter nofroen. Et ass awer wichteg, dass den Dossier komplett erakënnt well mir kréien se an d'Kommissioun, mir mussen driwwer ofstëmmen an dat verzögert d'Ausbezuele vun deene Subsiden.

Eppes, wat nach geännert ginn ass dat ass ënnert dem Artikel 3.2. do hate mer bis elo drastoen, dass d'Septième keng Prime sollte kréien, well do war et ëmmer sou, dass gesot ginn ass, das d'Septièmen net duerchfale kënnen, mä dat stëmmt net. Dee Saz hu mer eraus geholl fir datt mer och do gutt sinn.

Wann Härtefäll sinn, kann och ëmmer erëm de Buergermeeschter op en Avis vun der Kommissioun de Leit awer nach hëllefen. Dat heescht, déi ginn da bei den Office social, dat ass net ausgeschloss.

D'Bicher gi mëttlerweil souwisou iwwer den Office social ausbezuelt.



Fir de Rescht hoffen ech, datt dat dann elo fir e puer Joer déi leschte Kéier ass.

Ech wëll awer och hei ganz kloer der Kommissioun Merci soen. Mir hu stonnelaang diskutéiert fir e Reglement eraus ze kréien, wou jiddereen domadder averstanen ass.

NATHALIE HAAS (DÉI LÉNK): Als Studentin kann ech soen, dass dat do eng richteg cool Aarbecht ass a mir sinn op déi Hëllef ugewisen an d'Ënnerstëtzung vun Déi Lénk ass do garantéiert.

Ech hunn nach eng Fro derzou. Ech weess, et ass komplizéiert mat deenen ECTS-Punkten, mir als Studenten hunn den Duerchbléck komplett verluer. Wann ech dat richteg verstanen hunn, wann een déi ECTS-Punkten net kritt, da gëtt gekuckt ob een d'Joer gepackt huet. Elo ass et awer esou, dass et dee System an Däitschland net gëtt. Do kann een net duerchfalen. Och déi Leit, déi nach op hiren Diplom studéieren, schaffe mat Modullen, dat heescht, et kann een net duerchfalen, et hëlt een dee Modul mat eriwwer. Wéi géing dat da gehandhaabt ginn?

COLETTE KUTTEN (DÉI GRÉNG): D'Nathalie Haas huet elo ganz gutt illustréiert, wat fir eng Probleme wäerten optauche wann dat Reglement a Kraaft trëtt. Et ass och net fir d'éischt, datt mir esou fonctionnéieren. Viru 15 Joer hate mer eigentlech schonn e Reglement, dat op déi heite Manéier fonctionnéiert huet an de Problem war ebe grad déi Komplexitéit fir anzeschätzen, wien elo wat zegutt huet. Dass de Mérite am Virdergrond steet ass jo sécher ganz richteg, mä dat iwwersteigt awer trotzdem d'Méiglechkeeten déi de Sekretär vun der Kommissioun huet fir dat esou ze handhaben.

Et muss een och am A behalen, d'Gemeng verdeelt eng iwwerschaubar Zomm vun circa 50.000,00 Euro un all Schüler a Studenten. Wéivill geet dann elo drop vun der Paie vun dem Beamten, dee jo vill Zäit muss investéiere fir dat do zefriddestellend iwwer d'Bühn ze kréien? Dat ass e Problem, deen ech gesinn.

Mir stellen net a Fro, dass et richteg ass, nom Mérite ze kucken, mä fir Gemenge fanne mir awer trotzdem, dass dat hei bal net machbar ass an ech weess net ob dat eis elo esou vill weiderhëlleft mä mir hate jo wuel keng Wiel. Huet all Gemeng elo dat nämlecht Reglement? Wéi gëtt dat elo insgesamt gehandhaabt? Verschidde Gemenge bezuelen z.B. hir Primë ganz schnell aus an eis zu Diddeleng gi jo ëmmer ganz spéit ausbezuelt. Wéi kréien déi aner Gemengen dat iwwerhaapt hin ? Do ginn et vläit nach Tuyaue fir méi performant kënnen ze schaffen. Dat sinn déi Suergen, déi mir hunn a mir wëlle wëssen, wéi dat soll gehandhaabt ginn.

MICHÈLE KAYSER- WENGLER (CSV): Ech wollt e Merci ausschwätzen der Madame Di Bartolomeo fir déi gutt Présidence vun der Subsidekommissioun. Mir gesinn eis oft a wat flott ass, dass ëmmer parteiiwwergräfend onbürokratesch eng Léisung gesicht gëtt.

Effektiv hu mer och gekuckt, wéi kënne mer et méi liicht a méi einfach maachen. Just zur Fro vun deenen anere Gemengen. Et si Gemengen, déi am Lycée all Kand, dat d'Joer gepackt huet, eppes ginn. Natierlech huet een dann net esou vill Aarbecht fir auszerechnen ob een Elève méritant ass. Bei eis ass et esou: Beim Cycle inférieur brauch een 48 Punkten, beim Moyen 45 Punkten an am Supérieur 41 Punkten als Joresmoyenne.

An der Kommissioun selwer hu mer ëmmer déi Approche bäibehalen datt mer de Fläiss vun eise jonke Leit honoréieren an duerch dat modifizéiert Reglement gëtt dat och konsolidéiert, datt mer an der Kontinuitéit sinn. Fir dass esouwuel d'Lycéeschüler wéi och Studente belount ginn, wann se hiert Joer gepackt hunn.

Mir maachen eis d'Méi, déi Dossieren, déi net eendeiteg sinn, wou de Lycée zum Beispill keng Punkte gëtt, da kucke mer déi am Grupp an décidéieren dat unhand vun den Dossieren, ob mir dee Schüler als Méritant emfannen oder net an et ass och esou, et kann een och nach eventuell als Schüler mol e Recours maachen. Mir haten déi Situatioun bis elo just eng Kéier, dass e Schüler gesot huet, ech fille mech benodeelegt wann ech näischt kréien.

Eis Lycéesschüler kréie weiderhin hir Prime d'encouragement wann se eng gutt Moyenne hunn an eis Universitäre ginn och belount wann se gutt geschafft hunn. Et ass d'Unerkennung vum Fläiss vun de Studenten, dat ënnerstrach gëtt. D'Lycéesschüler kruten och en Diplom wou drop steet, dass se déi Prime kritt hunn an ech fannen dat eng ganz flott Saach.



Wann se eng Demande maachen a si leeën esou en Certificat derbäi da weess een, dass ee mat engem fläissege Mënsch ze dinn huet an dat mécht d'Sélectioun méi liicht. Si sollen dat bei all Bewerbung derbäi leeën. Wat s de méi performant Diplomer hues, wat s de am Koup méi no uewe rutschs fir eng Plaz ze kréien. Dat ass op allen Ebenen esou.

Mir als CSV si ganz zefridde mat deem Reglement.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP): Ech wollt am Fong op dem Nathalie seng Bedenken agoen. Du schaffs mat Modullen an effektiv, déi Fro hu mer eis och gestallt. Wann ee keen Certificat kritt. Et ass awer esou, dass de weider ageschriwwe gëss, dat heescht, du bass op der Uni, du mëss den Examen an da schreift Tréier dir zum Beispill en Ziedel, dass du an d'drëtt Semester, Dee Moment wou d'Aschreiwung weider geet, muss de jo d'Critèren erfëllt hunn. Wéi s du deng Examen hilees, ass am Fong egal.

Am Frankräich ass et esou, dass ee kompenséiere kann. Do sinn Unie, do kompenséiert ee Sprooche mat ech weess net wat. Wann d'Uni dech weider aschreift an dat nächst Semester, dann hues de fir eis däi Joer gepackt. Dat heescht, dee Moment wou keen ECTS-Ziedel virläit muss de kënnen noweisen, dass de viru komm bass op der Uni.

Am Härtefall kann een zum Student soen, weis eis däin Ziedel vum CEDIES, kriss de nach e Subsid, well de CEDIES kontrolléiert dat och. Dat heescht, mir kënnen eis och dodrun halen.

All gemeng huet en anert Reglement. Firwat sinn aner Gemengen éischter fäerdeg wéi mir? Ma well net jiddereen e Sekretär do sëtzen huet, deen de Leit nach dräimol urifft. Entweder du gëss däin Dossier komplett of oder du haass keng Chance.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Mir leeën eis un d'Gesetz un, dat de Kader schaaft, a mir hunn déi selwecht Approche wéi bei der Allocation de taxe compensatoire.

Mir ginn en Incentive iwwer déi Prime, déi mer hei ausbezuelen. Et ass en Usporn fir d'Efforten, déi déi jonk Leit maachen. Natierlech deckt dat nach laang net d'Fraisen, déi d'Schüler an d'Studenten hunn. Et ass en Encouragement fir Schüler, déi Élève méritant sinn, an och fir déi zukënfteg Schüler a Studenten.

Dee Certificat gi mer dobäi fir de Leit eng Dir opzemaachen, wann se sech fir den Job bewerben.

Ass de Gemengerot mat dësem Reglement averstanen? Dat ass unanime.

**12. Genehmegung vun extraordinäre Subsiden**

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Da komme mer zu de Subside-extraordinären an do hu mer dës Kéier just ee Subside, dee mer dem Gemengerot proposéieren. Et ass d'Amicale sportive des handicapés physiques a.s.b.l., déi un d'Gemeng erugetruede sinn an eng Demande agereecht hunn an deene proposéiere mer fir hir Aktivitéiten am Joer 2015 e Subsid ze gi vu 50,00 Euro.

Ass de Gemengerot domat averstanen? Dat ass unanime.

**13. Genehmegung vum zousätzleche Rôle vun der Hondssteier 2014**

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Da komme mer op den zousätzlech Rôle wat eis Diddelenger Hënn ugeet fir den Exercice 2014 , do hu mer nach 2.450,00 Euro, déi mer era kréien, dat heescht zousätzlech 70 Hënn mécht dat aus. Wann een da kuckt op d'Joer 2014, do hu mer am Ganzen 1 217 Hënn, déi hei zu Diddeleng ugemellt sinn.

Ass de Gemengerot mat deem dote Rôle averstanen? Dat ass unanime.

**14. Genehmegung vun der Majoratioun vun der Ligne de trésorerie**

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Dëse Punkt betrefft eis Ligne de Trésorerie an déi gouf vun eisem Receveur proposéiert. Et ass schonn eng ganz Rei vu Joren, datt mer driwwer schwätzen, Adaptatiounen ze maachen an unhand vun deene verschiddene Konten, déi mer hunn, eng Ausweidung vun eiser Ligne de crédit fir dass mer déi néideg Liquiditéiten hu fir verschidden Dépensë kënnen ze finanzéieren.

Fir déi kënne ze bezuelen hu mer eng Rëtsch Einnamen, staatlech Einnamen an och eis Taxen, déi Subsiden, déi





mer vum Staat kréien, déi Recettes affectées et non affectées, d'Dotatioun, den Impôt commercial, den Impôt foncier, déi kréie mer net integral an enger Kéier mä an Tranchen ausbezuelt. An do huet een heiansdo Momenter, wou ee Situatiounen huet, wou se net ausbezuelt gi wou een awer eng Rei Dépensen huet an an eng Situatioun kënnt, déi e bësse méi delikat ass fir verschidden Dépensë kënnen ze tätegen.

Dofir wëlle mer déi Majoratioun vun der Ligne de trésorerrie maache fir an esou Situatiounen, a mer haten der schonns an der rezenter Vergaangenheet, wou mer dann Drock beim Staat maache fir datt se eis déi Tranchen ausbezuele fir datt mer déi néideg Recetten hunn. Fir esou Situatiounen opzefänke wollte mer op de Wee goen an déi Ligne de trésorerie ze erweideren. Den Taux variable ass hei den EURIBORD, dee läit bei 0,036 den Ament, also ganz niddereg. Dat ass d'Propose, déi mer hei wëlle maache fir deen Déphasage tëschent Dépensen a Recetten opzefänken.

Bei der Spuerkeess gi mer op 2 Milliounen Euro erop, bei der BGL op 1 Millioun erop, bei der BIL op 500.000,00, bei der CCRA op 25.000,00, bei der CELL op 25.000,000 an nach eng Kéier op 500.000,00 Euro. Dat sinn déi verschidde Konten, déi mer wollten erop zéien.

Ass de Gemengerot domat averstanen? Dat ass unanime.

**15. Genehmegung vum Devis estimatif – Installatioun vun engem Konschtwierk am Centre sportif René Hartmann**

**16. Genehmegung vun engem Spezialkredit - Installatioun vun engem Konschtwierk am Centre sportif René Hartmann**

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Hei hu mer esouwuel en Devis estimatif wéi och e Crédit spécial virleien, déi eng Oeuvre d'art ugeet, déi am Centre sportif René Hartmann soll realiséiert ginn. Et ass eng Oeuvre d'art vum selwechten Artist, deen och virdru seng Oeuvre d'art do hat, den Armand Strainchamps. Hien hat jo zwou Oeuvre-d'arten am Centre sportif René Hartmann.

Mir wëllen iech projezéieren, wéi déi ausgesinn. Engersäits geet et ëm eng Cloison um Wee fir an d'Vestiairen, déi déi verschidde Faarwe vum Centre sportif vu baussen iwwerhuelen, mat engem Sportsschung, mat Stréckelen, also den Artist huet sech ganz vill Gedanke gemaach wéi een déi Cloison ka gestalten an op där anerer Säit, déi aner Oeuvre d'art, déi e mécht, dat ass ënnert de Gradine vum Grimler, do wou ëmmer d'Buvette war, do ware jo déi Wolleken an dat géif do frësch gemaach ginn an der selwechter Optik a mat de selwechte Faarwe wéi och d'Fassad.

Den Devis estimatif ass 90.000,00 Euro. Et gëtt och e Gesetz fir kulturschaffend Leit ze ënnerstëtzen. Kultur huet an der gemeng Diddeleng e wichtege Stellewäert a mir wëllen op de Wee goe fir Artisten ze ënnerstëtzen. Dat Gesetz ass vum Dezember 2014 a gesäit vir, dass esouwuel de Staat wéi och d'Gemengen, wann se Gebaier hunn, wou eng Rei Aktivitéite stattfannen, dass se do Oeuvre-d'arten opriichten, dat kann eng Vocation culturelle oder sociale hunn, also Gebailechkeete wou sech vill Visiteure befannen an dat ass mat dem neien Centre sportif René Hartmann de Fall.

De 6. November ass déi offiziell Aweiung vum Centre sportif René Hartmann.

Et ass e Kredit, wo esouwuel de Sportsministère kee Subsid gëtt also et fält net ënnert d'Bestëmmung vun deene 50%, dat heiten ass d'Gemeng Diddeleng, déi dat finanzéiert. Et kéint sinn, dass de Kulturministère e bësse bäileet, mä et ass net virgesinn.

D'Gesetz gesäit vir dass ee mindestens 1% vun der globaler Enveloppe misst virgesi fir deen dote Projet, fir kulturschaffend Leit ze ënnerstëtzen. Hei ass den Artist en Diddelenger mat enger ganz raisonnabeler Approche fir déi zwou Oeuvre-d'arten. Déi, déi en do hat, sinn duerch déi ganz Ëmbauaarbechten net méi do a mir wëllen him den Optrag ginn, zwou nei Oeuvre-d'arten ze kreéieren.

LORIS SPINA (LSAP - SCHÄFFEN): Ech wëll vun der Geleeënheet profitéiere fir dem Armand Strainchamps ze félicitéiere fir déi Oeuvre d'art, déi e proposéiert, well hien huet sech intensiv mam Projet ausernee gesat, hie war um Chantier während der Konstruktiounsphase, hien huet sech alles ugekuckt, sech mam Sport ausenaner gesat an dem wat an Zukunft an der Hal stattfanne soll, an dofir sinn déi Sportsschung zum Thema ginn.

Herno erkennt een dat besser sur place wéi hei op



der Projektioun. Hien huet och nach déi eng oder aner Astuce mat agebaut. Et kann een dat suivéieren, souzesoen e spezielle Fil rouge. Am Ufank ass de Schung net gestréckt an herno fënnt de Stréckel säi Wee laanscht d'Palissaden. Et ass ganz originell a flott an et erkennt een e kënschtleresche Konzept well d'Fuerwe vun der Fassad mat iwwerholl gi sinn.

An deem Sënn huet hien och ënnert der Tribün, respektiv iwwer der Buvette dat Konzept weider gefouert sou dass mer duerch dee ganzen Hartmann net nëmmen de Sport an de Virdergrond drécken awer och d'Kultur, respektiv d'modern Konscht an och et ze vergiessen déi Fuerwespiller duerch déi en d'Ambiance mat dem Dagesliicht kombinéiert. Et ass fuerweg, lieweg, beweglech, ech fannen et méi wéi gelongen an d'Zesummenaarbecht mat dem Service des sports an dem René Tessaro war exzellent.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Wéi mer den Dossier kritt hunn hate mer jo nach net déi Detailinformatioun, dass et den Här Strainchamps ass, deen den Optrag kritt. Mir sinn absolut d'accord, mer waren och der Meenung, dass ee muss prioritär Diddelenger Kënschtler berücksichtegen. Hien hat jo am fréieren Hartmann seng kënschtleresch Qualitéiten ënner Beweis gestallt an dat hei ass en der Kontinuitéit an dee selwechte Kënschtler kënnt nach eng Kéier zu Éieren.

De Projet gefält eis ganz gutt well éischtens emol ass een als Gemeng verflicht, d'Konscht ze ënnerstëtzen an ech denken, dass mer mat dësem Projet mussen dat och einfach maache well d'Konscht och zum Liewen an zur Freed gehéiert. Mir sollen net nëmme funktionell Saache mä heiansdo och kreativ Saache förderen an dat hei ass eng ganz gutt Saach. Ech denken, datt er mat dësem Projet och keng weider Suerge wäerten hunn.

Ech denken ëmmer nach mat Schrecken un déi Konschtpanneauen, déi mer bei den CNA gemaach haten an déi ofgefall sinn deelweis an hu misse rafistoléiert ginn an dass mer Assurancëproblemer mat dem Kënschtler haten. Dat ass jo hei net de Fall.

Ass och bausse ronderëm e Konschtwierk, eng Installatioun geplangt? Vläit um Parking oder hannenaus an deem klenge Park, bei deem Wee laanscht de Lycée, ass do och eppes zousätzlech geplangt?

Wat d'Fuerwespiller an d'Spill mam Dagesliicht ubelaangt, erlaabt mer trotzdem, och wann et net direkt eppes dermat ze dinn huet, d'Fro, wéi ass et mat der Handballshal, wou d'Sonn o op den Terrain schéngt an d'Spiller blennt. Do ass gesot ginn, do kéim e Rideau dohinner, gëtt dee bannen oder bausse gemaach?

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP): Deen deel, den nach stoe bliwwen ass vun der Basketshal, do war jo dat schwaarz-wäiss Muster, bleift dat bestoen oder gëtt dat iwwerstrach?

ROMY RECH (LSAP): Eng ganz kleng Fro: D'Madame Kayser huet mat rescht gesot, de selwechte Kënschtler hätt an deem viregten Hartmann och sech kënschtleresch betätegt. Gëtt et net iergendwéi e verloossenen Eck wou een eventuell kéint un dat erënnere wat an der viregter Hal baussen un der Fassad u Konschtwierk do war. An enger Vitrine zum Beispill ?. Dat muss net iwwerweien, mä et wier vläit net schlecht fir dat op iergend eng flott Aart a Weis an iergendengem Eck ze dokumentéieren. Ech froen dat just.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): et ass fir eis kloer, dass mer op en Diddelenger Artist zeréck gräifen, och well wäit en iwwer Diddeleng bekannt ass, eng Valeur sûre ass, Et ass net virgesinn, baussen nach eppes ze maachen. D'Kloterwand ass en Eye-catcher an deem Ganzen an d'Aménagementer vum Park gi frësch gemaach. Et kann een natierlech kucken ob een do nach e Konschtwierk mécht wat och an de Kader passt.

Déi Stécker vun deem fréiere Konschtwierk, ech weess net ob mer där der nach hunn. Mir hunn eng ganz Rei Fotoen doriwwer, esouguer eis A lass huet en op hirer Memberskaart, dat Wahrzeeche vum Leefer, dat op der Wand war. Physesch Material ass net méi do, mä mer fanne sécherlech eng Plaz wou een dat kéint ausstellen.

LORIS SPINA (LSAP – SCHÄFFEN) : Ech wëll do anhake fir ze soen dass mer kucke mussen ob mer d'Fotosmaterial nach hunn. Do ass et jo effektiv de Plafong dee wäert verschwannen, d'Fassad souwisou an och net ze vergiessen, de Franz Kinnen, deen um Buedem läit, awéifern deen nach ze gebrauchen ass.

Ech fannen dat op jiddwer Fall eng ganz sympathesch



Iddi fir weiderhin dorun ze erënneren. Der Madame Kayser wëll ech och äntweren a soen, dass bei der Visite des lieux mat eisem Service des sports an de Veräiner, déi wäerten am Hartmann täteg sinn an hirem Sport nogoen, déi dote Fro och vum Handball koum. Eis Leit sinn där Saach nogaangen a mir hunn d'Bestätegung kritt, dass am Moment d'Situatioun e bëssen täuscht well et däischter dobanne war an d'Dagesluucht méi grell eriwwer kënnt wéi herno, wann déi entspriechend Luuchten installéiert an ageschalt sinn. Mir sinn dervun ausgaangen, dass dat, wat d'Experten eis gesot hunn, sech och herno an der Praxis wäert bestätegen. Fir dat herno nozerüsten ass net onméiglech an och net esou käschtenintensiv, mir wollten dat eben elo net maachen, well mer gesot kruten, et wier net néideg, et wier alles beduecht ginn an et wier herno och kee Problem. Ech ginn emol dervun aus, dass dës Experte Recht hu mat hiren Aussoen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci fir alleguerten Är Kommentaren an Erklärungen. Loosst mer elo zum Vote kommen.

Ass de Gemengerot mam Devis estimatif a mam Crédit spécial averstane fir déi Oeuvre d'Art an Héicht vun 90.000,00 Euro am Hartmann maachen ze loossen? Dat ass unanime.

**17. Genehmegung vun der Deklaratioun vun den net reglementéierte Recettë vum Exercice 2014**

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Hei brauche mer och den Aval vum Gemengerot par rapport zu zousätzleche Recetten, déi net reglementéiert si vum Kont 2014 an dat si Recetten an der Héicht vun 111,689,32 Euro.

Déi waren net am Budget, déi sinn zousätzlech a kommen eis gutt an der aktueller Situatioun, mir si frou iwwer all Recetten. Wéi mer dat och schonn déi lescht Joren am Gemengerot haten, sinn dat d'Remboursementer wat Frais de publication comodo-incommodo betrëfft. Mir strecken do als Gemeng déi Sue vir, froen se herno erëm bei de jeeweilegen Interessenten, ob dat elo d'Incomodoklass 1 oder 2 ass, wou en Aushang gemeet muss di fir déi ganz Prozedur.

Da sinn do nach eng ganz Rei Fraisen a Recetten, déi mer kritt hunn iwwer d'Assurancë vu Leit vun auswäerts, déi verschidde Saache futti gemeet hunn a wou dat iwwer d'Assurancen ofgewéckelt ginn ass a mer d'Sue kritt hunn.

Dann zum Beispill Saachen, déi mer recycléiere loossen, déi mer beim Schrotthändler verkafen, dat sinn 8.000,00 Euro, d'Installatioun fir d'Fotovoltaikanlag 2.100,00 Euro.

Dann och Fraisen, déi mer avancéieren, wou mer awer och Recetten zeréck kréien: PAP, Travaux de voirie rue de la Tour, dat waren 13.515,00 Euro.

Wa mer och Material verkafe fir d'Uschléiss wat de Kanal ugeet um Niveau vum Waasser, wou mer och Uschléiss bei private Leit maachen. Da froe mer dat bei de Leit zeréck, dat ass eng gängeg Prozedur fir och an de Projeten Zäit ze gewannen, besonnesch wann et ëm gréisser Infrastrukturaarbechte um Niveau vun der Voirie geet an d'Leit dann décidéieren, hiren Uschloss frësch maachen ze loossen.

Wéi all Joer hu mer natierlech eis kulturell Manifestatiounen, wa mer do e Sponsoring oder Ristourne kréien: 10.000,00 Euro

Och am Kader vun der Nuit des sports krute mer e Sponsoring vu 4.500,00 Euro.

Ech ginn se net alleguerten duerch mä am Total ass et e Montant vun 111.689,32 Euro Recettë méi, déi mer um Kont 2014 hunn.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Ech wollt just bemierken datt et flott gewiescht wier wa mer déi Detailer do méi fréi kritt hätten, well mer hunn eis zéng Deeg laang de Kapp zerbrach wou dëse Montant hierkënnt. Dat hätt dir eis kënnten a kuerze Stéchwierder ouni weider Detailer soen. Mir wiere frou, wann der dat déi nächste Kéier maache kéint. Villmools Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Ass de Gemengerot mat deenen zousätzleche Recetten averstanen? Dat ass unanime.

**18. Genehmegung vun der Conventioun mat dem CIGL Esch betreffend de Projet e-Bike**

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Ech ginn d'Wuert weider un d'Claudia, dat op d'Con-



ventioun ageet, wat de Projet Vël'OK ugeet. Eng ganz Rei vu Gemenge maachen do mat an haut ass et an der Gemeng Diddeleng wou d'Diskussioun gefouert gëtt.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Et ass eng Conventioun zum Vël'OK, ech hat iech de Projet schonns eng Kéier erkläert. Aner Gemengen hunn et scho gestëmmt. Ech ginn elo net méi an all Detail an. Dir hutt och vläit scho gesinn dass d'Aarbechte fir et ze installéieren hei op der Gemengeplaz schonn ugefaangen hunn. Dofir bei de Bänke gesitt der déi Bornë wou d'Véloen hei op der Gemengeplaz drakommen.

Wéi eng Gemenge sinn derbäi? Déifferdeng, Suessem, Esch, Schëffleng, Betebuerg, Rëmeleng a mär selwer.

Déi Responsabel vum CIGL, déi jo och Träger sinn, déi sote mer awer och, dass se mat Käl esou wäit eens sinn, dass och Käl 2017 a de System erakënnt a mer hoffen, dass dat klappt. Si wären och amgaang, mat anerer Südgemengen ze diskutéieren, mä do hunn ech keng Detailer.

De System dee funktionéiert mat der M-Kaart. Wie keng esou eng Kaart huet, ka sech och, wann de System bis installéiert ass, hei op der Gemeng esou eng M-Kaart besuergen, sech iwwer Internet umellen, oder hei op der Gemeng. De System ass gratis, allerdéngs gëtt eng Kautioun vun 150,00 Euro blockéiert, dat heescht, et ënnerschreift een, dass een, wann een de Vélo net zeréck gëtt, déi 150,00 Euro bezilt.

Mir hunn zu Diddeleng nëmmen Elektrovéloen, mä de System kann och mat normale Véloe fonctionnéieren. Wa mer hei zu Diddeleng gär hätten, dass d'Leit Vélo fueren, da muss et eppes sinn, dat se dobäi ënnerstëtzt, dofir setze mir op Elektrovéloen. Mir hu fënnef Plaze virgesinn: Gemeng, Hild, Place Gymnich, Le'h an Hartmann an dat ass en Total vu 25 Véloen.

De System soll natierlech lues a lues ausgebaut gi wann e vun de Leit ugeholl gëtt, mä do muss een da kucken, op wéi eng Plazen een dat mécht.

Wann dee Vélo gelueden ass, kënnt der ronn 60 Kilometer fuere bis d'Batterie erëm eidel ass. Op deene 60 Kilometer fannt der och eng Statioun fir erëm frësch ze lueden. Virdrop ass e Kierfchen, an dir kënnt labber domat schaffe fueren, akafe goen. De Vélo hält Persoune bis 150 Kilo aus an de Kierfchen nach eng Kéier 15 Kilo.

D'Gérance vum Projet mécht de CIGL Ech. Si hunn och eng global Commande fir d'Véloe gemaach an d' Véloe bleiwen och hir Propriétéit. Firwat? Doriwwer ass vill diskutéiert ginn. Juristesch gesinn ass dat Einfachst, wann d'Véloen alleguerten an der Propriétéit vun hinne géife bleiwen.

D'Conventioun ass och vun engem Jurist ausernee geholl ginn, wéi der iech virstelle kënnt. Net ze vergiessen, mer hu missen en Avis vun der Dateschutzkommissioun ufroen, well all déi Véloe mat engem GPS ausgestatt sinn an deen Avis ass och positiv zeréck komm.

Et geet och drëm, eng concertéiert Marketingsstrategie auszeschaffe fir Sponsoring unzezéien. Mir musse kucken, wéivill dat kann herno erabréngen a wien iwwerhaapt Interessi huet, op esou Véloen ze annoncéieren. Et hänkt dervun of, wéivill Succès dee System huet. Wa vill Leit domat ronderëm fueren, si sécher méi Firmae bereet, Geld ze ginn ewéi wann een ni ee mat esou engem Vélo gesäit.

Et gëtt och eng App ageriicht, déi der op Ärem Smartphone oder Tablet kënnt notzen. Et gëtt och eng Helpline ageriicht, wou der kënnt uruffe wann iergendwelech Problemer oder Froe sinn.

Den Entretien vun de Véloe gëtt bis op gréisser Aarbechte sur place gemaach vum CIGL. Wann de Vélo natierlech an dräi Deeler do läit, da muss e matgeholl ginn, dat versteet sech vum selwen.

Op de CIGL brauch ech net weider anzegoen, dat ass eng sozial Beschäftegungsmesure an dee Projet hei huet mat sech bruecht, well esou vill Gemenge mat gemaacht hunn, dass 17 Aarbechtsplaze konnte kreéiert ginn an dovunner dräi fester.

Et huet elo nach eng Gemeng sécher zougesot an aner Gemenge sinn an der Diskussioun, sou dass een hoffe kann, dass aus dëse Plaze fest Aarbechtsplaze ginn.

Mir ënnerstëtzen d'Mobilité douce an an engems eng Beschäftegungsinitiativ an investéieren an d'Zukunft vu Leit an an Aarbechtsplazen.



All Vëlosfuerer ass een Autofuerer manner, dee manner am Stau steet, esou datt ech hoffen, datt vill Leit dat dote wäerten notzen. Et gëtt vill am Land sech fir d'Mobilité douce agesat a vill Projete gi lancéiert an heimat fördere mir dat dann och.

D'Chamber huet am Februar d'Gesetz gestëmmt dat net manner wéi 2 000 Kilometer Vëlosweeër virgesäit. Do sinn der natierlech eng ganz Rei och an eiser Géigend. Mär droen dann dozou bäi mat deenen anere Südgemenge fir dat heiten ze ënnerstëtzen a mir hoffen, datt mer de Projet mat weidere Statioune kënnen ausbauen.

Just e puer Zuelen: Een esou e Vëlo kascht 2.450,00 Euro HTVA, wa mer da vu 25 Vëloen ausginn, ass dat eng Dépense vun 61.250,00 Euro HTVA a mär rechne mat Folgekäschte fir den Entretien an d'Personal ëm 23.500,00 Euro TVA abegraff, pro Joer.

Fir déi Leit, déi nach ni en Elektrovëlo gesinn hunn, muar ass d'Journée de la mobilité, do stinn all Joer esou Elektrovëloen. Mir maachen och e Rallye de la mobilité an d'Statioun wou déi Vëloe sinn, dat wäert beim Centre culturel sinn.

Vläicht nach eppes: Dir kënnt 60 Kilometer fueren an dat ass largement genuch fir datt d'Batterie net eidel ass, mä wann alleguerten d'Stréckер räissen, da kann een och pedaléieren. D'maximal Vitesse vun dëse Vëloen ass 25 Km/h.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Et sinn also 7 Gemengen, déi deem interkomunale Projet fir d'Verléine vun elektresche Vëloen, sougenannte e-Bikë wëlle bäitrieden. Dat Ganzt geet op eng Initiative vum PROSUD zeréck a sollt e Schrëtt a Richtung Mobilité douce an de Südgemenge ginn. 220 elektresch Vëloe ginn op 50 Statioune verdeelt an deene Südgemengen.

De Bierger soll just eng Kautioun bezuelen an de Service ass gratis.

Wat soll dee Projet eis da bréngen?

Laut den Ausféierungen am Préambule an der Conventioun geet et drëm d'Mobilité douce ze förderen, e Klimapaktschrëtt a Richtung CO2-Emissiounen ze maachen an Aarbechtsplazen ze schafen.

Niewebäi gesot steet an der Conventioun eppes net dran, wat een awer kéint als zousätzlech Objektiv drasetzen, nämlech d'Förderung vun der Gesondheet vun der Bevëlkerung.

Zu deenen dräi Objektiver hu mer e puer Iwwerleeungen.

Dat éischt ass, dass mer als Klimapaktgemeng dëse Schrëtt wëlle matmaachen, dat ass selbstverständlech, dat steet am Katalog vun eise Moosnamen, déi mer es operluegt hunn. A wa mer domat erreechen e bësse manner Autosverkéier an eiser Uertschaft ze hunn an domat d'CO2-Emissiouenn erof ze setzen, da komme mer eiser Verflichtung am Klimapakt no an dofir huet dat déi vill Ënnerstëtzung vun der CSV.

Zweetens, wa mer d'Mobilité douce wëlle förderen, da musse mer awer e bëssen nuancéieren. Engersäits kann ee jo net verheemlechen, dass Lëtzebuerg generell keng grouss Vëloskultur huet. De Vëlo gouf bis elo haaptsächlech als Fräizäit- a Sportgerät genotzt awer ganz wéineg als Fortbeweegungsmëttel, zum Beispill fir op d'Schaff ze fueren. Dofir ass d'Vëlospistennetz am Süde bis elo zerstéckelt an net zesummenhängend genuch. Et konnt een op den Téttelbierg, op de Keeler Poteau an op der Haard duerch wonnerschéin Natur fueren, mä kaum een huet dat genotzt fir verschweesst mam Vëlo op der Aarbecht unzekommen. Do ass also nach e grousst Ëmdenken an de Käpp vun der Bevëlkerung néideg.

Anerersäits happert et wierklech un zesummenhängende Vëlospisten an an deem Punkt well de PROSUD jo nobesseren an och an deem Punkt gëtt et jo an der Chamber e Gesetz wat do soll méi pushen.

Hei zu Diddeleng hate mer schonn e Vëlosverléinsystem an deen hat net laang gehalen, well déi Diddelenger Leit net richteg drun intresséiert waren. Et huet geheescht, echt léich un der Topographie an un deene ville Koppen zu Diddeleng, an dat wier mat engem einfache Vëlo net ze meeschteren. Dofir ginn elo ganz vill Hoffnungen an deen neien e-Bike-Projet gesat. Mat engem elektreschen Undriff géif et den Diddelenger da méi einfach gemaach ginn.

Et ass net ze vergiessen, dass eng zolitt Reklamm néideg ass fir d'Diddelenger Leit virwëtzeg op deen neie Vëlo ze maachen. An do ass de Schäfferot och gefuerdert. Et geet net duer, fënnef Statiounen an






Diddeleng opzebauen an ze waarde bis den Diddelenger ubäisst.

D'Semaine de la mobilité, déi elo amgaang ass, wier dach eng formidabel Geleeënheet gewiescht fir Reklamm fir de Vëlo ze maachen. Leider huet de Vëlosprojet aus Grënn, déi mer net kennen an déi net kloer sinn, eng zolitt Verspéidung kritt. Dat ass awer net dem Schäfferot seng Schold, dat muss ee fairerweis soen. Mä et wier awer flott gewiescht, wann e scho gelaf wier fir d'Mobilitéitswoch.

Wann de System da bis leeft, da soll een esouguer kënnen an déi sechs aner Uertschafte mat deene Vëloe fueren an se do stoe loossen. Dat ass zwar e fromme Wonsch, mä dat wäert och net onbedéngt e massiven interkomunalen e-Bike-Trafic eropbeschwieren. Dass nach ee sporadesch op Betebuerg wëll fueren, mä mol éierlech, wéivill Diddelenger zitt et da mam Vëlo op Rëmeleng oder op Schëffleng? A leider ass Kayl bis elo nach net an deem Konsortium dran. Dann hoffe mer alt, dass déi dra kommen, well dann hu mer do e puer Plazen, déi mer mam Vëlo kënnen usteieren.

Awer och bannen an der Uertschaft muss de Bierger zum Vëlofueren ugehale gi wann de Projet hei méi e grousse Succès soll kréie wéi dee virdrun. Da muss och hei an der Uertschaft d'Vëlospistennetz ausgebaut an zesumme geknäppt ginn.

Op dem Minister Bausch senger Roadshow am Juni zu Betebuerg ass kloer ugeklongen, wat zum Beispill och den Diddelenger vum Vëlofueren ofhält. D'Leit hunn einfach Angscht fir iwwer d'Strooss ze fuere well se mam Autosverkéier hires Liewes net sécher sinn. Dat ass och vläit de Grond firwat dee viregte System sech net richteg konnt duerchsetzen. Firwat soll dat elo besser mat engem Vël'OK goen? De Verkéier ass deeselwechte bliwwen.

Op där gesoter Versammlung gouf och no Pistë gesicht fir deem bäizekommen, zum Beispill kann een op alle Stroossen Tempo 30 aféieren, déi hu mer jo schonn op eise Gemengestroossen. Et ass och méiglech, op de Staatsstroossen, déi an der d'Uertschaft lafen, Tempo 30 anzeféieren. Étuden hu gewisen, dass anscheinend d'Vëlosfuerer sech méi sécher spieren, wann op de Stroossen Tempo 30 ass. Vum Staat géife mer esouguer eng Ënnerstëtzung kréie fir dat ganzt Reglement opzesetzen, wann ee wëllt bannent der Uertschaft Stroosse fir Tempo 30 fräimaachen. Mä geet et domat duer? Extra Vëlosspueren nieft dem Autosverkéier verlafen ze loossen ass zu Diddeleng net méiglech wéinst deem ze schmuele Gabarit vun de Stroossen, dat hunn eis Responsabel vum Circulatiounsdéngscht vun der Gemeng an enger Klimapaktversammlung verséchert.

Et feelt also nach wierklech un engem Konzept a Léisunge fir déi eenzel Quartieren op engem séchere Wee fir d'Vëlosfuerer mateneen ze verbannen, an do si mer gefuerdert, fir dat och elo ganz séier op d'Been ze kréien.

Wat de Confort vum Vël'OK ugeet, do begréisse mer natierlech, dass de System soll ënner anerem mat der M-Kaart vum Verkéiersbond accessibel gemaach ginn.

Deen drëtten Objektiv vun der Conventioun, d'Schafe vun Aarbechtsplazen, do sinn ech elo frou, dass mer elo zousätzlech Informatioune kritt hunn, well no Informatiounen, déi mer virdrun haten, sollt do just eng eenzeg Plaz geschaf ginn. Doduerch, dass sech de CIGL vun Esch drëm këmmert, ass dat jo eng Équipe déi scho besteet, do kënnt jo näischt Neies derbäi. Esch huet jo och nach dee Vëlosverléinsystem, deen net elektresch ass an et koum deen Androck op, dat net vill Leit kéinten zousätzlech agestallt ginn. Ech sinn elo frou, dass mer konnten eppes Besseres beléiert ginn.

Mir hunn eis awer bei der CSV nach weider Gedanken zu där Conventioun gemaach. Fir d'éischt emol d'Dauer dervun, fënnef Joer schéngt eis eng laang Zäit ze si fir e Projet, dee just vun der Akzeptanz vun der Bevëlkerung ofhänkt. Kréie mer an deene fënnef Joer dann och e valabelt Vëlosnetz zu Diddeleng hin? Wat ass, wann eis Diddelenger Bierger deen heite System net vill besser ophuele wéi dee virdrun? Wier et net méi sécher gewiescht, bei all deenen Onsécherheeten do déi Conventioun vun engem Joer op dat anert ze verlängeren?

Zweetens wosste mer bis elo och guer net wat fir Käschten do op eis zou Kommen. D'Gemeng muss jo déi fënnef Bornen opriichte während de CIGL d'Vëloe keeft a stellt. D'Gemeng muss och fir den Ënnerhalt vun de Bornen opkommen. Ass dee System iwwer-



haapt ausgeräift? D'Experte soen, dat wier an de Kannerschung an et géif nach e puer Generatioune vun esou Véloen dauere bis datt se fiabel sinn. An de Präis vun de Bornë fir déi Véloen opzelueden, ass dee schonns an enger Étude oder engem Devis chiffréiert ginn? Dat selwecht gëllt fir d'Onkäschte fir den Ënnerhalt vun deene Bornen, do hu mer haut eng Zuel héieren, déi hate mer bis elo nach net. An och fir den Ënnerhalt fir déi Véloen, dee mer vum Escher CIGL verrechent kréien, musse mer also bezuelen.

Huet de Schäfferot schonn eng Ahnung, wéi deier eis dat Ganzt mat de Folgekäschte gëtt? Mir hunn elo do eng Zuel genannt kritt, ech wollt just froen, sidd der och sécher, dass et dobäi bleift oder kommen nach vläit Saachen derbäi?

Sinn déi Véloen net och vläit technesch zevill ufälleg, dass een dat hei elo e bëssen ze roseg gesäit an dass nach vill méi Onkäschten derbäi kommen?

De Suessemer Gemengerot huet zum Beispill 120.000,00 Euro Kredit ageplangt fir de Projet mol ulafen ze loossen. Dat léisst drop schléissen, dass se sech schonn op gréisser Folgekäschten astellen.

En ähnlechen Elektrovélosprojet ass an de Nordstadgemengen a Fro gestallt gi well d'Onkäschten einfach ze héich sinn.

Zesummefaassend wéilte mer also soen, dass d'CSV ganz kloer hannert dësem Projet steet well d'Objektiver et wäert sinn, a well et e grousse Plus fir eis Gemeng wäert sinn. Mir wäerten déi Conventioun dofir och mat stëmmen.

Mir wéilten awer nach eng Kéier betounen, dass mer eis Reserven ausdrécke wat déi Punkten ugeet vun der kuerzfristeger Realisatioun vun engem zesummenhängende Vélosnetz zu Diddeleng, vun der Dauer vun der Conventioun a virun allem vun dem ongewësse Käschtepunkt vun de Folgekäschten.

Och wa mer d'Conventioun matstëmmen, hu mer op deene Punkten do eis Zweiwelen.

COLETTE KUTTEN (DÉI GRÉNG): Den Här Gangler huet schonn eng ganz Rei Punkten ugeschwat op déi ech och nach wëll agoen. Mir hunn haut eng Conventioun virleien zu deem Projet Vël'OK, deen d'Mobilité douce soll promovéieren, en Zil, dat mir natierlech mat zwou Hänn ënnerschreiwen. Dass et doriwwer eraus mat enger Aarbechtsbeschafungsmoossnam verbonnen ass, dat fënnt selbstverständlech och eis Zoustëmmung.

Mir fannen et awer allerdéngs seltsam an och e bësse bedauerlech, dass mir dëse Projet, obschonn d'Madame Dall'Agnoll elo bestëmmt sechsmol gesot huet "Wat ech lech alles scho gesot hunn", guer net am Gemengerot presentéiert kritt hunn. An de Budgetsdebattë si just e puer Detailer duerchgesickert, e puer Eenzelheeten.

Mir sollen elo eis Zoustëmmung gi fir eng Conventioun tëschent dem CIGL an eiser Gemeng, wou technesch Modalitéite festgehale ginn, ouni ze wëssen, wat de Projet eigentlech beinhalt. Mir hunn natierlech elo grad e puer Informatioune kritt, mir wossten awer bis haut net, wéi déi Véloen iwwerhaapt ausgesinn, déi mer solle kréien.

Mir wossten net wou d'Statioune sinn, mir wossten net wéi de System fir d'Locatioun soll fonctionnéieren, an och net wat de Projet d'Gemeng kascht an ob en eventuell kéint rentabel sinn.

Dat sinn awer wesentlech Punkten a mir sinn der Meenung, dass de Schäfferot de Gemengerot hätt sollen am Virfeld informéieren an zumindest en Tour de table maache fir déi Froen ze beschwätzen an eventuell och eis Iddien a Virschléi mat ze berücksichtegen.

Dat wier méi demokratesch gewiescht an och méi hëllefräich well méi Point-de-vuen do hätte kéinte mat afléissen a mir froen eis, firwat dat net geschitt ass. Insgesamt si mir skeptesch, ob duerch dëse Projet d'Mobilité douce wesentlech gefördert gëtt. Den TNS Ilres Sondage vun 2014 huet kloer gewisen, dass de Vélo zu Lëtzebuerg ëmmer méi beléift gëtt, mä dass déi meescht Leit Angscht hu fir ze fuere well d'Sécherheetsbedingungen net gutt genuch sinn.

Och wann En E-Bike-Locatiounssystem der Topographie vun Diddeleng ugepasst ass, ass et weiderhi geféierlech zu Diddeleng Vélo ze fueren, wa keng Vélosweeër ausgewise ginn a geféierlech Plazen entschäerft ginn.

Den Ilres Sondage huet ausserdem gewisen, dass d'Veloslocatiounssytemer vu 17 méigleche Mesure zugonschte vum Vélo dat leschte sinn, wat d'Bevëlkerung wëllt.



D'Awunner hu Vëloen, ausser an der Stad Lëtzebuerg vläit well do vill méi Tourismus ass an Auslänner wunnen. Also, d'Awunner hu Vëloen an och en e-Bike ass fir déi mëschte Leit erschwénglech. D'e-Bike-Systemer sti jo souwisou wéinst der Keelt e puer Méint am Joer net zur Verfügung, oder ass dat net sou?

Wann d'Gemeng eppes Sënnvolles fir de Vëlo wëll maachen, da soll se sécher, attraktiv an duerchgehend Weeër schafen op deenen d'Leit an d'Schoul, an den Duerfkär an och op den ëffentlechen Transport kënne fueren.

Dat eis déi eigentlech Erausfuerderung där mir eis musse stellen.

Mir proposéieren dofir, dass am Kader vum Tour du Duerf, wou de Schäfferot jo luewenswäerterweis eng Équipe geschaf huet, mir géingen d'Geleeënheet notze fir gemeinsam op engem Velostour duerch Diddeleng erkunden, wéi a wou mir kënne Vëlosweeër schafen, déi de virdrun genannte Critère gerecht ginn.

Den nächste Schrëtt ass dann e Rendez-vous bei der Cellule de mobilité douce am Nohaltegkeetsministère wou d'Fachleit sëtze fir eis ze beroden.

Mer hate jo schonn am Juni Geleeënheet op der Roadshow déi Leit kennen ze léieren, déi eis jo och hir Hëllef ugebueden hunn.

Déi Gréng hoffen, datt de Schäfferot mat op dee Wee geet an dass den e-Bike-Locatiounssystem net nëmmen en Alibi ass, mä en éischte Schrëtt um Wee zu engem efficace Vëloskonzept an eiser Gemeng. A well mir dat hoffen, stëmme mir dann de Projet trotzdem mat.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP): Ech gesinn, mir sinn hei erëm parteiiwwergräifend enger Meenung, dass dat e gudde Projet ass. Ech wëll just e puer Saache soen. Elo hu mer deeër Vëloen, elo kënne mer dat och schlecht rieden, ech fannen dat e bëssen déi falsch Approche. Et ass och gewosst wou déi Bornë sollen hikommen. Alleng de Fakt, dass mer Aarbechtsplazen hei schafen an de CIGL ënnerstëtzen. Alleng dat ass schonn den Invest wäert.

Ech fannen et eng gutt Saach an ech sinn och iwwerzeegt, dat brauch Ulafszäit. mir hu ganz voll Zone 30 wou een dann awer sécher ka mam Vëlo fueren. Et si sécher nach ëmmer Plaze wou ee ka verbesseren an dat wäerte mer och maachen.

Ech hunn awer eng Fro an dat ass: d'Claudia huet gesot, d'Vitesse wier maximal 25 Km/h. Wat ech wëll wëssen, gëtt et eng Altersgrenz fir déi Vëloen oder ka jiddereen dee Vëlo fueren? Dat ass eppes , wat mech perséinlech interesséiert.

Wat ech net esou richteg verstinn, dat ass dat mat der Kautioun well ech fannen dee Montant relativ héich. Gëtt dat während Joren hannerlooss, kann een dat mat der Kaart hannerloossen. Fir de Rescht kann ech de Projet nëmmen ënnerstëtzen.

Mir droen dee Projet op alle Fall.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP - SCHÄFFIN): Et ass effektiv mat der Kaart wou een dee Betrag blockéiert.

Wat den Alter ubelaangt, do ass en Alter festgesat, mä et muss en Adulte derbäi sinn, dat muss ech awer nosichen.

Eis hätt et och gefreet wann alles bis d'Mobilitéitswoch fäerdeg gewiescht war mä do hate mir net vill Afloss. Mir hu keng Vëloskultur a mir mussen d'Leit un d'Ëmdenke kréien an dat ass de Grond firwat do fënnef Joer drastinn. Mir brauchen net ze mengen, dass wa mir fënnef Vëloen dohinner stellen, jiddereen dodrop spréngt. Déi Leit, déi wëlle Vëlo fueren, déi hunn e Vëlo mä wa mer gär hätten, datt och aner leit Vëlo fueren, da muss een hinne fir d'éischt soen dass dat geet an hinnen et och méi liicht maachen. Et wëllt net jiddereen de Kräizbierg erop pedaléieren. A wa mer Leit duerch dee System dru kréien, dass se sech selwer e Vëlo kafen, dann hu mer scho ganz vill geschaaft.

Ech hunn net gesot kritt, dat Vëloe bei Keelt net zur Verfügung stinn, mä ech froen dat awer no well dat wier effektiv interessant ze wëssen.

Mir stëmmen haut d'Conventioun, dofir kritt der alleguerten déi Detailer. Mir hunn eis et och net einfach gemaach fir ze kucken, wou een déi éischt Statioune kann histellen. Mir hu gekuckt, wou ass de gréisste Passage, an dat ass am Zentrum. Dat ass op der Gare. Mer hunn einfach mol gekuckt wou mer se iwwerhaapt kënnen histellen, Wann sech muer



erausstellt, dass dat e Feeler war, dann huele mer déi Statiounen a stellen se enzwousch anescht hin. Mär wëssen am Viraus net, wien onbedéngt wëll Vëlo fueren. Mir musse kucke wou mer déi mëschte Leit treffen an do stelle mer se dann an enger Ufanksphas hi mä et ass absolut keng Affaire fir se muer ze réckelen. Eis Hoffnung ass, dass se do gutt stinn an dass mer kënne Statioune bäibauen.

Mer ginn dovun aus, dat dee System ugeholl gëtt. Natierlech musse mer déi néideg Publicitéit maachen an net alleng hei zu Diddeleng, mä dat ass e Projet, deen op PROSUD zeréck geet, mer hunn eng Rei Gemengen, déi matmaachen, eng huet zougesot an anerer sinn interesséiert. Da kommt mer ginn der Saach eng Chance a versichen eng Mobilitéitsstrategie fir deen dote Projet ze fannen.

Zum Tempo 30 Zonen, iwwerall do wou elo schonn Tempo 30 ass, do kann een elo scho Vëlo fueren, dat ass awer praktesch an all eise Quartieren de Fall.

D'Iwwergäng sinn net ëmmer fléissend, ech kréien dacks ze héieren, dass, wann s de wëlls vun Diddeleng op Betebuerg fueren, dass de do muss iwwer eng Haaptstrooss fueren an dass vill Leit Angscht hunn. Mä dee Problem léist sech wann do ëmgebaut gëtt an net méi spéit wéi den 9. November wäerte mer an der Réunioun mam Här Bausch et nach eng Kéier kënnen zum Thema maachen, respektiv huelen ech ganz staark un, dass den Här Bausch seng Leit vun der Mobilité douce matbréngt an dass si selwer wäerten drop agoen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Eauszeschielen ass hei de Mérite vun der interkomunaler Zesummenaarbecht, wo eng ganz Rei Gemengen hei am Süden sech eens sinn, op en eenheetleche System iwwerzegoen an och trotz Skepsis, déi geäussert ginn ass, de Mérite hunn, de Kader ze schafe fir esou ee Projet méiglech ze maachen.

A donieft, um technologesche Plang dann och kuckt, dass een déi physesch Méiglechkeet schaaft. Et ass jo kloer, dass och an der Chamber d'Gesetz iwwer d'national Vëlosweeër gestëmmt ginn ass. Déi sinn definéiert. Hei zu Diddeleng hu mer eise lokale Réseau, Zone 30. Ech kann aus eegener Erfahrung soen, dass wann ech an deene leschte Méint mam Vëlo duerch Diddeleng fueren, et sécher Plaze ginn, wou ee sech ganz sécher spiert an aner Plazen, wou ee sech manner sécher spiert. Et ass also e gewëssene Nachholbedarf do, mä et kann een och op de Wee goe fir déi néideg Connexiounen ze schafen tëschent de lokale Vëlosweeër an den nationale Vëlosweeër an déi kritt ee jo och subventionéiert vum Staat. Mir hunn natierlech e Réseau , deen net schlecht ass, mä deen absolut nach ausbaufäeg ass. Meng Erfahrung an de leschte Méint, och a puncto e-Bike, ass dat a mengen An eng ganz gutt Solutioun fir d'Mobilité douce weider ze förderen.

Wat och an dësem Projet gutt ass, dat ass de Mérite vun der interkomunaler Zesummenaarbecht. Den Ausgankspunkt war PROSUD an do krut dat eng Eegendynamik. PROSUD wäert och kucke fir en Netzwierk ze visualiséiere wou een dann och weess, wou déi verschidde Bornë sti fir deem Charakter vun der Südregioun Rechnung ze droen. Mir hu jo och do wou et méiglech ass Vëlospistë schafen, tëschent Diddeleng a Betebuerg, ronderëm de Rond-point ass där Suerg Rechnung gedroe ginn. Et ass och en neie Vëloswee ugeluecht gi laanscht Husky Richtung Logistik Center. Ech mengen, dass déi doten Doléance weider ginn un de Ponts-et-Chaussées, och dat ass an dee Projet mat agefloss. Do wo mer Conditioune schafe kënne fir Vëlosweeër ze kreéieren, do gi mer hin. Natierlech ass et an dem Bestoende manner evident, mä och do wäerte mer déi néideg Konditioune schafen.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Ech hunn nach eng Zousazfro: Hate mir am Budget da schonn e Poste virgesi fir deen Entretien?

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP - SCHÄFFIN): Mir hunn dëst Joer 200.000,00 Euro agesat, dat ass fir d'Vëloen ze kafen a wann do nach en Entretien kënnt, misst dat och labber duergoen a mer mussen dann d'nächst Joer een drasetze fir den Entretien an eventuell fir nei Statiounen oder nei Vëloen awer dat weess een elo nach net.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Dat verstinn ech net. Wann de CIGL de Besëtzer vun de Vëloen ass, firwat musse mär se da kafen?

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP - SCHÄFFIN): Si stellen eis se zum Verkafspräis zur Verfügung mä se bleiwen an hirem Besëtz. Mir hu laang a breet driwwer diskutéiert, dat huet och mam Entretien ze dinn, wou





gëtt dee gemaach a wie mécht en herno an du sinn d'Discussiounen och e bëssen hin an hir gaangen. Déi eng Gemeng wollt den Entretien selwer maachen. Aner Gemenge wollten dat gemeinsam mat anere Gemenge maachen. Schlussendlech ass gesot ginn, mir loossen se am Besëtz vum CIGL, dat ass dat Einfachst, domat war jiddereen zefridden, a si këmmeren sech dann och ëm den Entretien.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Ech hunn nach eng Verständnisfro. Dann ass et esou, déi 200.000,00 Euro, déi gi mer dem CIGL.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP - SCHÄFFIN): Fir d'Vëloen ze kafen, jo, mir ginn hinne se an si kafen domat d'Vëloen.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): An d'Statiounen?

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP - SCHÄFFIN): D'Statiounen sinn eis, déi hu mir selwer installéiert.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Wéivill kaschten déi dann?

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Dat kann ech iech och soen. D'Virbereedungsaarbechten, also d'Buedemaarbechten an déi néideg Leitunge verleeën, dat kascht 7.500,00 Euro HTVA pro Statioun, also fir fënnef Statiounen 37.500,00 Euro HTVA. Fourniture a Pose vun de Bornen ass 1.250,00 Euro HTVA pro Borne an dat mécht fir 35 Bornen 43.750,00 Euro HTVA. De Montant fir d'Folgekäschte beleeft sech wéi gesot op 23.500,00 Euro.

Ech hunn elo erausgesicht ob do eng Altersgrenz fir d'Fuere mam Vëlo ass. Et gëtt eng a si ass op 12 Joer festgeluegt.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Komme mer zur Ofstëmmung vun dëser Conventioun.

Ass de Gemengerot domat averstanen? Dat ass unanime.

**19. Genehmegung vun der Ännerung vum Kapitel XIV – Gas – Tariffer fir d'Benotzung vum Réseau**

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Mer kommen elo op dee Punkt zeréck, wou mer virdru geschwat hunn, an der Liste modificative - Recettes et dépenses, déi 170.000,00 Euro wat d'Durchlafgebühr ugeet wat de Réseau vum Gas betrefft. Et geet also hei net ëm de Gaspräis, mä ëm d'Durchlafgebühr wat de Réseau ugeet. Do si mer hei befaasst gi mat engem Reglement vum ILR. Dat Ganzt reit sech an têschent der lëtzebuerger an der belscher Zesummenaarbecht, de BELUX par rapport zum sougenannte Balancing am Gasnetz, dat heescht dass dee ganze Gas, déi ganz Durchlafgebühre fir dee Gas op Diddeleng ze bréngen, an d'Diddelenger Gemeng als Propriétaire vum Réseau, kritt dat berechent an de Balancing bréngt mat sech, datt de Propriétaire vum Réseau dem Distributeur dat da weider verrechent, an dësem Fall ENOVOS oder SUDGAZ. Et ass engersäits eng Dépense vun 170.00,00 Euro, anerersäits eng Recette vun 170.000,00 Euro. Mir si gehalen dat anzeféiere fir eis dem Reglement unzepassen. Um Niveau vun de Compteuren esouwuel fir d'Stéit wéi och fir d'Industrien, et hänkt ëmmer vun der Gréisst of, do variéieren déi Präisser, déi mer ENOVOS a SUDGAZ verrechnen. Beim Compteur G4-G16 - Maison unifamiliale war d'Composante Volume 0,08 , déi geet elo erop op 0,11.

De Compteur G25, dee war 26 pro Joer, dee geet elo op 5,4 pro Mount an de Compteur G 65, dee war 39 pro Joer an deen ass elo 6,9 pro Mount, dat heescht, dass mer als Propriétaire vum Réseau ENOVOS a SUDGAZ dat als Tarif weiderginn an déi Tariffer sinn natierlech valabel fir déi nächst dräi Méint vum 1. Oktober u bis den 1. Dezember an da gëtt dat frësch berechent fir d'Joer 2016.

Wéi déi ganz Berechnunge gemeet ginn, dat ass eng héijer Wëssenschaft, dat heiten ass de Balancing-System unhand vum Reglement vum ILR, deen eis dat weider ginn huet. Et changéiert also näischt um Gaspräis.

ROMAINE GOERGEN (DÉI GRÉNG): Ech brauch keng detailléiert Erklärung, mä kann een net an zwee Sätz soe firwat et dann elo méi deier gëtt?

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Dat ass duerch d'Liberalisatioun vum Marché. Et ass eng Konsequenz dovunner. Hei gëtt et méi deier. Dat kënnt iwwer all déi Réseaue bis op Lëtzebuerg an dat kréie mer fakturéiert an op enger anerer Plaz erëm. Et ass mat ganz komplizéierte Rechnunge



verbonnen, d'Molekülen am Gas gi gekuckt an et ass extrem technesch a schwéier ze verstoen. Mir kréien et op enger Säit verrechent a mir mussen et weider verrechnen als Propriétaire vum Réseau fir dass et eng Nulloperatioun bleift. ENOVOS a SUDGAZ mussen da kucken, ob si et weider fakturéieren un de Client, dat bleift hinnen iwwerlooss, Vu dass dat keng Wohltätegkeetsbetriber sinn, wäert et wuel weider un den Ennverbraucher weider fakturéiert ginn.

Ass de Gemengerot domat averstanen? Dat ass unanime.

**20. Genehmegung vun Décompten**

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Bei deem éischten Décompte geet et ëm en Dépôt, dee mer am Gymnase vum Brill baue gelooss hunn. Den Devis war 104.700,00 Euro an d'Aarbecht huet 103.572,61 Euro kascht. Dat ass haaptsächlech iwwer d'Budgetsjoer 2012-2013 an e bëssen op 2014 gaangen.

Da goung et em Frais-d'étudë fir d'Mise en conformité vun der oppenen Schwemm. Do war den Devis 70.00,00 Euro an am Endeffekt hu mer 69.893,44 Euro bezuelt. Dat war d'Budgetsjoer 2012. Do kréie mer e Subsid vum Sportsministère vu 25.000,00 Euro.

Dann ass d'Renovatioun an d'Modernisatioun vun der Piscine Strutzbierg C, do war den Devis 85.000,00 Euro an d'Déepense effective 80.086,41 Euro. Och do ass e Subsid an Héicht vun engem Véirel vum Sportsministère, dat ganzt huet sech gezunn iwwer d'Budgetsjoer 2012.

Dann hate mer an e puer Schoulen, am Brill, um Däich, an der Maison-relais en Abri pour poubelles maache gelooss, do war den Devis 40.000,00 Euro an d'Dépense effective 36.168,75 Euro.

An der Butschebuerger Schoul goufen d'Fënstere vum Gymnase ersat, do war den Devis 80.000,00 Euro an d'Dépense effective 66.786,24 Euro an dat war am Budgetsjoer 2012 an nach e bëssen am Joer 2013.

Ass de Gemengerot mat deenen Décompten averstanen? Dat ass unanime.

**21. Genehmegung vun engem Emprunt iwwer 2.000.000,00 Euro**

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): De leschte Punkt betrëfft en Emprunt vun 2.000.000,00 Euro, e Montant dee mer virgesinn haten am Budget an dee mer jo virun allem huele fir de Centre sportif René Hartmann ze subventionéieren. Et ass eng Enveloppe vu 27.000.000,00 Euro, wou de Staat 50% iwwerhält an et bleiwen 13,5 Milliounen Euro fir d'Gemeng Diddeleng.

Dovunner huele mer mat dësem Emprunt gutt 9 Milliounen op, dat ass déi Politik déi mer schonn hei haten. Wa mer Infrastrukture finanzéieren, déi gutt 20 bis 30 Joer do stinn, an och driwwer eraus, dass een dann op de Wee geet fir dat iwwer en Emprunt ofzewéckelen.

Wa mer deem Emprunt elo zoustëmmen, da gi mer als Gemeng op dee Wee a froen déi verschidden Offeren u bei deene bestoende Bankinstituter hei zu Diddeleng. Natierlech ass den Taux wou mer hei froen de 6 Méint den EURIBOR, dee läit de Moment bei 0,036 ass deen de Moment, dat ass nach ganz favorabel, mä éier mer iwwerhaapt déi Offere kënnen ufroe bei de Bankinstituter brauche mer mol gréng Luucht vum Gemengerot.

Ass de Gemengerot mat deem Emprunt averstanen? Wien ass mat deem Emprunt net averstanen? Wien enthält sech? Domat ass deen Emprunt ugeholl mat Stëmme vun LSAP, Lénk a Gréng mat Enthalung vun CSV.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Elo wëlle mer iwwer dee Punkt schwätzen, deen op d'Dagesuerdnung gesat ginn ass vun der LSAP, éier mer op d'Personalfroen eriwwer ginn. Et ass eng Modification de l'ordre du jour, déi era komm ass de 14. September vum Här Rech betreffenden Accueil vun de Flüchtlingen um Diddelenger Territoire an ech géif dem Här Rech d'Wuert ginn.

ROMY RECH (LSAP): D'LSAP-Fraktioun huet dëse Punkt op den Ordre du jour vun er Gemengerotssitzung vun haut sëtze gelooss well dës Flüchtlingsproblematik kee kal léisst an eis alleguerten no geet. D'Biller an d' Berichter an de Medie loosse keen Zweiwel drun, dass schnellt a solidarescht Handele dréngend noutwenneg ass.

Hei geet et ëm Mënschen, déi a batterster Nout sinn an Hëllef sichen a brauchen, déi verfollegt a bekricht goufen a ginn, an aus Verzweiwelung allméiglech Kraaftprouwen



erdroe fir a Fräiheet an a Fridde mënschewierdeg liewen ze kënnen. D'Fro stellt sech och eis, géife mir an deem Fall net alleguerten dat selwecht maachen? D'Leit hei zu Letzebuerg fille sech betraff, wëllen hëllefen a konkret mat upake fir dëse Männer , Kanner a Fraen op der Flucht eng Hand ze reechen an se hei a Sécherheet opzehuelen.

Politesch gesinn huet Europa nach kee kompromëss an der Flüchtlingsfro fonnt, dofir komme jo och d'EU-Regierungscheffen de Mëttwoch zu Bréissel zesumme fir 120.000 Flüchtlingen op déi eenzel Länner ze verdeelen. D'EU ass eben net nëmmen ee System vu gemeinsame Virdeeler mä och eent vu gemeinsame Laaschten. Europa, dat ass elo den Szenario, deen am Ament gezeechent gëtt, wëllt mat sougenannten Hot Spots Opfänklageren an Italien a Griicheland, wëllt also mat esou Campen a Richtung vun enger geregelter Opdeelung vun de Flüchtlinge goen.

Eiser Meenung no gëllt et, déi positiv Dynamik, déi bäi ville Leit ze spieren ass, iwwerparteilech a solidaresch als Gemengerot ze ënnerstëtzen an no baussen ze droen.

D'Land an d'Gemenge sinn amgaangen, sech ze organiséieren, op Diddeleng wäerten och Flüchtlinge kommen. Virgesinn sinn a mobille Wunneenheeten 90 Better. D'Diddelenger Gemeng soll eiser Meenung no de Leit an den Organisatiounen, déi motivéiert sinn, ze hëllefen, d'Méiglechkeet bidden, sech iwwer eng Hotline bäi der Gemeng ze mellen, wou se dann déi néideg Informatiounen, respektiv juristesch Ënnerstëtzung kréien, fir hir geplangten Hëllefsorganisatioun duerchzezéien, natierlech a Coordinatioun mat allem, wat op nationalem Plang fonctionnéiert an existéiert.

D'Situatioun, déi sech der Gemeng presentéiert, ass net nei, war se dach Ufank der nonzeger Joren am Jugoslawien-Konflikt mat engem ähnleche Szenario konfrontéiert mä et muss een awer soen, dass d'Ausmooss vun der Bewegung deemools net esou grouss war wéi se dës Kéier ass.

De Faktor Openthaltsdauer, dee spillt am Moment natierlech och eng terribel wichteg Roll. Dofir ass et wichteg, gemeinsam nieft der materieller Ënnerstëtzung, déi offréiert gëtt, fir déi beschtméiglechst Hëllef um Terrain wat de sozialen, schouleschen, kulturellen a sportlechen Encadrement ubelaangt, unzebidden an esou fir eng aktiv Participatioun vun dëse Leit am Liewe vun eiser Gemeng ze suergen. Ech hoffen, mär sinn alleguerten heibanne bereet, gemeinsam dës grouss Erausfuerderung unzehuelen. Ech soen lech Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Hei kann natierlech jiddereen am Gemengerot Stellung dozou huelen, zu dësem Thema vun europäescher, nationaler a lokaler Wichtegkeet. Et ass eng moralesch Verflichtung, Solidaritéit ze weisen.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Ech wëll Stellung huelen am Numm vun der CSV. Et ass e weltpoliteschen, en europäeschen, eng national Problematik an awer och mir als Diddelenger Gemengerot musse Stellung huelen, ech fannen, dass dat eis Mënscheflicht ass. Mir wëssen dass zënter 2011 dëse grujeleg Krich a Syrien ass. Dat muss ee sech virstellen, 4 Millioune Leit hunn hier Land verlooss, Länner wéi Jordanien huele 630 000 Flüchtlingen op, am Libanon, wou 4 Milliounen Awunner sinn, sinn 2 Millioune Leit opgeholl ginn. D'Tierkei hëlt 2 Millioune Leit op, d'USA 1500, Europa streit fir ënnert alle Memberlänner 120 000 Leit opzehuelen.

Däitschland ass momentan e Land mat enger Campagne, déi wierklech begréissenswäert ass. "Refugees are welcome" seet d'Madame Merkel.

Héichrechnunge soen, dass Däitschland dëst Joer nach 800.000 Flüchtlinge wäert ophuelen an deenen nächste Joren, well dat hei ass jo net eppes wat haut a muer fäerdeg ass, an den nächste Jore gëtt gerechent, dass 7,5 Millioune Leit an Europa kommen, dat ass awer trotzdem net mol 1,5% vun der EU-Bevëlkerung.

Dat heescht, dat ass eppes wou mir eis alleguerte verflichten, déi Leit mat Respekt ze empfänken. Solidaritéit, Humanitéit a Mënschlechkeet, ech denken, dat sinn d'Schlagwieder, déi musse mer walte loossen, soss kann ee sech net méi am Spijel kucken, wann een eng aner Approche zu dëser Problematik huet.

Ech denke wat déi kommunal Ebene ubelaangt, dass mir mat eisen 20 000 Awunner et sécher ronn bréngen, déi Leit, déi an eis Struktur sollen erakommen, würdeg an häerzlech opzehuelen. Dat ass en absolute Muss, mä et geet net duer mam Ophuelen, mat der materieller Ënnerstëtzung, et muss och eng Betreiung ginn, et muss e Versuch gemaach gi fir se ze integréieren an d'Liewen zu Diddeleng an zu Lëtzebuerg.



Ob déi Leit herno eng länger Zäit bei eis en der Gemeng bleiwen oder ob mer, national gesinn, op de Wee ginn, dass se op verschidde Gemenge verdeelt ginn, dat ass eng Décisioun, déi d'Politik musse huelen, wou mir als Gemengerot nëmme kënne Proposë maachen, dass mir en Deel vun deene Leit herno och bei eis wëllkomm heeschen a bei eis an d'Schoul integréieren, dass dat alles net einfach ass, dat ass ganz kloer.

Eng Propose, déi ee vläit ka maachen och schonn am Virfeld, wann et elo heescht, am Fréijoer kommen déi nonzeg leit op Diddeleng, firwat net schonn en Appel maachen an eng Cellule d'urgence opmaache mat engem Appel u Bénévollen, déi sech mellen, zum Beispill pensionéiert Schoulmeeschter, déi sech bereet erklären, déi Leit ze begleeden, vläit Familljen, déi e Parrainage iwwerhuele fir leit, déi heihinner kommen, zesummen an der Auslännerkommissioun hate mer och gëschter scho Rieds gehat, do war et och bal unanime, dass mer och als Auslännerkommissioun mussen deene Leit e waarmen Empfang maachen, mä och zum Beispill ware schonn Associatiounen, déi hir Hëllef ugebueden hunn.

Mir hunn d'Fête des Cultures am Oktober, an d'Madame Dall'Agnoll hat eng Entrevue mat den Egypter, déi hunn sech schonn direkt bereet erkläert well si arabesch schwätze, si géife sech zur Verfügung stellen als Dolmetscher. Mir kënnen houfreg sinn, esou Leit bei eis ze hunn, et ass eng grouss Solidaritéit ënnert der Bevëlkerung do an ech denken, dat muss een absolut opgräifen a firwat net elo schonn en Appel un d'Populatioun ze maache fir sech do ze mellen als Bénévol fir matzemaachen.

Wat een awer och muss ukléinge loossen, ech war vum 2. Bis de 5. Oktoer zu München op engem Kannerdokter-Kongress an do waren 2 grouss Symposien iwwer Migrantekanner, Flüchtlingskanner. Dat ass net einfach, wann déi Kanner hei bei eis kommen, déi hu Megatraumaen hannert sech, déi leiden zu 22% vun de bis 14-Jöhregen ënner enger post- traumatescher Belaschtungsstéierung, déi Kanner sinn total déboussoléiert a si hunn och keng Repèrë méi an hire Familje, d'Eltere kënnen hir Eltereroll net méi erfëlle well déi och traumatiséiert sinn.

Dat heescht, do kënnt ganz vill Aarbecht op eis duer, mä ech denke wa mer alleguerten zesummen halen an déi Leit mat oppenen Äerm ophuelen awer d'Realitéit net vergiessen, dass dat Leit si mat engem schwéiere Bagage, dass een déi muss gutt encadréieren, da packe mer dat an d'CSV, chrëschtlech-sozial Vollekspartei, den Numm seet jo schonn Alles, mir kënnen eis deem natierlech net verwiere fir do mat zwou Hänn unzepake fir datt déi Leit würdeg zu Diddeleng ënnerkommen.

NATHALIE HAAS (DÉI LÉNK): Mir vun déi Lénk fanne, datt dat en Thema ass, dat och onbedingt hei zu Diddeleng muss diskutéiert ginn an ech fannen et gutt, datt do all Partei Positioun bezitt. Et ass ganz kloer, mir als Lénk ënnerstëtze wierklech alles doran an d'Diddelenger Gemeng ka sécher op eis Hëllef zielen. Ech kann och aus Erfahrung soen, ech war déi Lagere kucken zu Tréier well ech do ebe matgehollef hu vun de Studentekreeser aus an et ass megawichteg, datt mir Bénévolle kréien.

De Parainage, also d'Patenschaften ass megawichteg, éischtens fir e b¨ssen erof ze kommen, e Stéck Alldag erëm ze kréien an ech géif et och ganz wichteg fannen, datt mir als Gemeng no bausse weisen, datt och mir dorunner schaffen, well et kritt een d'Leit schwéier dozou beweegt, sech ze hiewen an eppes ze maachen, sief et aus Angscht, Intoleranz, ech weess et heiansdo net, vläit och aus Dommheet. D'Leit muss ee mat der Hand huelen a weisen, wéi ee kann hëllefen, Ech fannen op jiddwer Fall, dass et eis Flicht ass, deene Flüchtlingen zu Diddeleng ze hëllefen an d'Ënnerstëtzung vun Déi Lénk ass dofir och ganz kloer.

COLETTE KUTTEN (DÉI GRÉNG): Vu Schlagwierder ass elo genuch gesot ginn, mir ënnerstëtzen alles, wat vun deenen anere gesot ginn ass an ech wollt just froen, ob mir net kënnen als Iwwergank eppes maachen? Wéini kann déi Struktur operabel sinn? An der Press stoung, am Fréijoer. Hu mir keng Gebaier, déi eidel stinn, wou mer vläit elo scho kéinten drop zeréck gräifen?

Mir haten an eiser Sektioun doriwwer diskutéiert an do koum de Virschlag, dat ARBED-Gebai, wou virdrun d'Schüler aus dem Lycée technique ënnerbruecht waren, ob dat net eng Plaz wier, wou een elo kéint an d'Rei setzen, wat an anere Gemenge jo och mat deene provisoreschen Unterkünfte muss gemaach ginn. Ob een do vläit eventuell eppes kéint maachen. Dat war esou eng Iddi, op et machbar ass, ass eng aner Fro.

Fir de Rescht weess een och net, ob ee soll am Virfeld eng Biergerversammlung maachen a wéi all déi Leit, déi viru mir geschwat gouf, fannen och ech, datt net nëmmen d'Organisatiounen an de Gemengerot an all déi Of-



fiziell Alles sollen à charge huelen.

Patenschaften sinn och eng gutt Saach, a privat Leit kéinten zum Beispill Hausaufgabenhëllef maachen. Eng Frëndin vu mir wunnt zu Perl an huet zum Beispill fir Erythräer a Syrier Däitschunterercht ginn an dat war niewent dem offiziellen Unterrecht, dee méi grammatesch orientéiert war.

Da kritt een och Kontakt an esou Initiative sinn immens wichteg, mä wann ech richteg verstane hunn, muss dat alles formaliséiert gi well den OLAI Wäert drop leet, dass dënn eng Conventioun gemeet gëtt mat deene Leit. An Däitschland war dat net esou formell, do konnt een dat einfach esou maachen. Ech denken, datt dat wahrscheinlech berechtegt ass, dës Conventioun, mä dat soll awer net zevill bürokratesch sinn an dat soll esou einfach wéi méiglech gehale sinn, well vill Leit kéinten sech engagéiere wann se dat da wëllen.

Et muss een och uecht ginn, datt et net zevill Ghetto gëtt, dat wëllt jo keen, mä dat kann een eréischt alles soe wann een direkt domat confrontéiert ass.

BOB CLAUDE (LSAP): Wa mir eng gewëssen Zuel vu Flüchtlingen hei zu Diddeleng ophuelen, da wäert dat sécherlech eng Repercussioun op eis heiteg Schoulorganisatioun hunn. Nach wësse mer net, wéini genee dëst antrëfft an ëm wéivill schoulflichteg Kanner et sech handelt.

Och kenne mer hiren Alter net. Et ass awer net fir d'éischt wou mir an esou eng Situatioun kommen. Am Ufank vun den nonzeger Jore koum eng relativ grouss Zuel vu Flüchtlingen aus dem jugoslawesche Krichsgebitt och hei op Diddeleng. Deemools scho war eis Gemeng gefuerdert, déi schoulflichteg Kanner vun der Spillschoul bis an den Enseignement primaire a complémentaire an eise Schoulen ënnerzebréngen.

Déi meescht sinn an eis Classe d'accueil komm, mä et huet och missen eng zousätzlech Classe d'accueil geschaf ginn. Anerer sinn am Complémentaire am deemolege Lycée technique Nic Biever ënnerkomm. Och sinn eng Rei Kanner aus den Nopeschgemenge vu Kayl a Rëmeleng bei eis an d'Schoul gaangen.

Mä elo op haut. Well d'Ukomme vun de Flüchtlinge wahrscheinlech eréischt am Ufank vun 2016 geplangt ass, hu mir genuch Zäit fir eng Bestandsopnam vun eise Klassen an Effektiver ze maachen an ze kucken, wou et sech eegent, Flüchtlingskanner ënnerzebréngen. Eng sougenannte Classe d'accueil hu mer jo keng méi, mä et stinn eis 69 Stonnen hors contingent fir d'Cours d'appui ze Verfügung.

Flüchtlingskanner am Alter vun dräi bis zwielef Joer, also vum Précoce bis an d'sechst Schouljoer kéinten also an normale Klassen ageschriwwen ginn an do vun deenen dräi Appui-Enseignanten ënnerstëtzt ginn. Mä dat wäert wahrscheinlech net duergoen. Et kéint awer och eng zousätzlech Opfangsklass mat Hëllef vum Staat agefouert ginn. Do muss een eben gesinn, wéi wäit de Staat eis och do ënnerriicht, wat mer solle maachen. Zesumme mat de Schoulpresidenten, dem Schoulministère an dem Inspektorat musse mir also kucken, d'Ukomme vun deene Flüchtlingen op déi beschtméiglech Manéier ze preparéieren.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Et ass e ganz staarke Message, deen haut hei de Gemengerot parteiiwwergräifend gëtt. De Message ass deen, dass Diddeleng hëlleft an dat ass gutt esou. Ech gesinn hei eng gemeinsam Positioun, eng gemeinsam Approche. Et geet drëm, d'Prinzipie vun der Mënschlechkeet an der Solidaritéit konkret ëmzesetzen an dat wäerte mer hei zu Diddeleng och maachen. Et huet een och hei eraus héieren, dass mer d'Flüchtlingen, déi op Diddeleng kommen, maximal 90 Leit, dass mer déi net als Bedroung gesinn, wéi dat oft duergestallt gëtt, datt dat och Leit si mat Potential, och wann se ganz vill Bürden, Schicksaler a Risiken op sech huele fir an Europa ze kommen. Ech mengen, dass mer eis hei net enger kuerzsiichteger Approche higinn, wou een am Fong just déi flüchtlingspolitesch Lëns betruecht, mä och de Mënsch an d'Mënschlechkeet an de Virdergrond stellt an dat ass e wichtege Message, deen dëse Gemengerot hei zu Diddeleng ganz kloer gëtt. Et ass natierlech eng grouss logistesch Erausfuerderung um internationalen, nationalen a lokale Plang. Um Lokale Plang hu mer den Areal definéiert, wou déi mobil Wunnstrukturen, déi d'Roud Kräiz huet, kënnen hikommen. Gëschter hu mer dem Roude Kräiz eng Baugenehmegung ausgestallt, de Morcellement vum Terrain gemaach fir dass dann am Kader vun deene nächste Méint déi Struktur kann opgeriicht gi fir dass do Ufank 2016 deen néidegen Accueil ze maachen. Déi Iddi vun der Madame Kutten, fir an de fréiere Schoulinfrastrukturen gouf net ugeholl well dat Gebai laang net benotzt gouf an an engem schlechten Zoustand ass. Et ass wichteg, deen Accueil a gudde

Konditioune kënnen ze garantéieren. Wat och hei erausgeschielt huet ass, dass de soziale Suivi gewährleescht ass par rapport zu deene ganzen Traumatismen, déi déi Leit hunn an erlieft hunn, Erwuessener a Kanner. Dem ass Rechnung gedroe ginn , well mer vum Ufank un hei am Gemengerot doriwwer geschwat hunn a gesot hunn, ass de soziaalt Encadrement vun der Croix Rouge garantéiert ass.

Et ass och wichteg an dat huet een hei eraus héieren, dass een déi lokal Bevëlkerung an eis Veräiner mat eranhëlt an iwwer déi lescht Deeg sinn eng ganz Rei positiv Réckmeldunge komm, och aus der Diddelenger Bevëlkerung, déi sech gemellt hu fir ze hëllefen, a Form vu Coaching, pensionéiert Léierpersonal, d'Solidaritéit ass do a mir wëllen als gemeng dee Wee goe fir déi positiv Réckmeldungen ze koordinéieren. Esou kënne mir eng ganz Rei Projeten ëmsetze mat leit, déi ech a verschidde Sparte mellen an awer och mat enger ganzer Rëtsch vun Diddelenger Veräiner, déi sech gemellt hunn a sech mat aklénken. Et ass och wichteg mat deen Enseignanten an dem Comité scolaire ze schwätze fir dee schoulesche Volet kënnen opzefänken. Ufanks Oktober hu mer eng zweet Entrevue mat der Croix Rouge, dem OLAI, der Educatioun nationale, fir déi praktesch Ausleeung zesummen ze koordinéieren. Et sinn eng ganz Rei Leit a Veräiner, déi een hei ka mat bäizéien a mat deenen ee ka Mikrostrategien entwéckelen an e flotten Diddelenger Modell hu well mir wëssen, déi Leit, déi heihinner kommen, déi sinn an der Prozedur an dat dauert zwee bis dräi Joer. D'Kanner ginn an d'Schoul integréiert mä nieft de Kanner ass dee ganze Volet vun der Erwuessenenausbildung a mir mussen dofir suergen dass jidderee sech hei zu Diddeleng wuel fillt. Mir sollen dat och als Chance ugesinn an dat notzen. Mir hunn et ëmmer fäerdeg bruecht, dee ganze Volet vun der Migratioun gutt ze géréieren an dat och als Stäerkt gesinn. Gutt honnert verschidden Nationalitéiten, déi Migratiounswellen, déi mer haten hei zu Diddeleng, déi ganz Migratiounsaarbecht déi geleescht ginn ass, Eng gemeng mat 40&% Netlëtzebuerger, déi Kohesioun ass do a mir schaffe weider dorun a mat der néideger Struktur an dem Accueil, dee mer hei aus der Diddelenger Bevëlkerung wëllen no bausse ginn.

Eng Informatiounsversammlung ass och virgesinn, wou mer zesumme mat der Ministesch an der OLAI maachen, nach dëst Joer, dat ass geplangt. De Staat wäert déi néideg Fraisen à charge huele wann zousätzlech Klassen oder Infrastrukture mussen zur Verfügung gestallt ginn.

Et freet mech ze héieren, D'Stad kann och stolz op dee staarke Message sinn, deen Diddeleng hei ginn huet, ze hëllefen a Flüchtlingen ze empfänken an dofir déi néideg Moosnamen ze huelen an de Suivi um nationalen a lokalen Niveau ze gewährleeschten an deen Accueil esou gutt ewéi méiglech ze garantéieren. Merci fir déi Ënnerstëtzung.

## 6. ERNENNUNG VUN ZWEE NEIE MEMBEREN AM AARBECHTSGRUPP "GESOND DIDDELENG"

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Deen heite Punkt betrëfft e Changement am Aarbechtsgrupp "Gesond Diddeleng, do koum d'Propose fir d'Ernennung vun zwee neie Memberen am Aarbechtsgrupp "Gesond Diddeleng" an dat sinn de Sven Loscheider an de Roby Goergen.

Ass de Gemengerot mat deenen zwee neie Memberen averstanen? Dat ass unanime.

## 7. CHANGEMENTER AN DEENEN EENZELNEN BERODUNGSKOMMISSIOUNEN VUN DER GEMENG

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): An der regionaler Museksschoul, do ass d'Propose, dass d'Madame Christiane Gilson den Här Ernest Fisch ersetzt.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): An dass an der Kulturkommissioun Jumelage an Tourismus den Här Germain Doffing als Expert ernannt gëtt. Nach eng Präzisioun. Den Här Doffing wunnt zwar zu Schëffleng mä ware ëmmer President vum Vol de loisir, deen eng ganz laang Traditioun am Jumelage mam Team Europa huet mat de Partnerstied





Manom, Diddeleng, Lebork a Lauenburg wou eemol am Joer Vëlostouren organiséiere mat de Vëlosassociatiounen aus deene verschiddene Gemengen, wou D'Bevëlkerung mat agebonnen gëtt. Hien huet dat iwwer zéng Joer mat organiséiert a mir kréie mat him een aktive Member, deen am Jumelage ganz aktiv ass.

Ass de Gemengerot mat deenen zwee Remplacementer averstanen? Dat ass unanime.

## 8. ENCADREMENT VUM KANNERGEMENGEROT

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Dëse Punkt betrëfft de Kannergemengerot an do ginn ech dem Loris Spina d'Wuert.

LORIS SPINA (LSAP – SCHÄFFEN): Et geet drëm, eng Délibératioun, déi mer den 10. Oktober 2003 geholl hunn, an deem Sënn à jour ze setzen, dass mer aus deem Begrëff Enseignant en charge "d'encadrement" draus maache well et Personal d'encadrement ass well net nëmmen Enseignanten déi Tâche do iwwerhuelen. Ech profitéieren dervun, deene Leit Merci ze soen, déi am Kannergemengerot awer net nëmmen do mä zum Beispill och am Jugendgemengerot, an der LASEP oder bei Art à l'école hëllefe well ouni déi geet et net. Et ass ëmmer gutt, als Gemengerot Iddien ze lancéieren, mä wa mer keng Leit um Terrain hu fir dat ëmzesetzen an eng Hand mat upaken am Sënn vun de Kanner an de Jugendlechen oder vun Diddeleng am Allgemengen, da kann dee beschte Projet net iwwerliewen.

Bei Art à l'école hu mer dee Fall well do ass et ganz schwéier, Leit ze fannen, déi sech do engagéieren. Mer hunn der elo zwee gehat, plus en externe Kënschtler an all Joer ass et wierklech mat ganz vill Opwand verbonne fir do erëm an iwwerhaapt Leit ze fannen, och zousätzlech Leit, a mir kommen do ëmmer méi an en Enkpass. Dofir dësen Appel un déi Enseignanten oder soss Leit, déi do wëllen hëllefen. Mellt iech beim Erni Ferrari well soss kënne mer deen dote Projet net méi weider duerchzéien.

Hei am Kannergemengerot sinn et d'Nadine Grein, d'Jessy Henckx, d'Jill Degrève, d'Antonella Zangari an d'Mady Wegener, dat sinn deelweis Enseignanten an deelweis Éducatricen an och eng Redaktesch aus dem Service, déi dat wonnerbar maachen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Ass de Gemengerot mat der Ëmformuléierung averstanen? Dat ass unanime.

## 9. NOMINATIOUN VUN ENGEM CHEF DE CORPS AN ENGEM CHEF DE CORPS ADJOINT FIR DE SERVICE D'INCENDIE ET DE SAUVETAGE

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Et ass esou, dass laut dem Règlement granducal 6. Mee 2015 de Chef de corps an de Chef de corps adjoint fir fënnef Joer ernannt sinn. Dat hate mer deemools am Gemengerot gemeet an dat leeft elo aus an am Fong musse mer déi nei stëmmen. D'Propose ass, als Chef de Corps den Henri Glesener an als Chef de Corps adjoint de Roby Goergen ze nominéiere fir déi dote Charge kënne wouer ze huelen.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Ech hätt just eng Remarque. Et ass e bësse komesch, dass et elo erëm op fënnef Joer geet, well et soll jo eng komplett Ëmstrukturéierung kommen. Wann een elo gesot hätt, zwee Joer, mä wahrscheinlech gouf dat vum Ministère esou festgeluegt. Et ass jo keen neie Moment, et si jo déi zwee selwecht, déi en charge sinn.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Et ass op fënnef Joer festgeluegt an dofir muss en attendant datt déi nei Structure d'établissement public kënnt dat ass jo net fir muar, dat brauch nach e bëssen Zäit, an an der Tëschenzäit muss de Service lafen, de Chef muss do sinn a säin Adjoint muss do sinn an dat Tandem klappt exzellent. Dat si Leit, déi sech mat hirer Équipe Dag an Dag aus sech fir d'Sécherheet vun den Diddelenger Bierger asetzen.

Ass de Gemengerot domat averstanen? Dat ass unanime.




## 10. GEMENGEPERSONAL

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): An däser Séance publique maache mer eng ganz Rëtsch Créatiounen, Ech wëll virop soen, dass et e chargéierte Volet ass an dass mer eis hei an der Continuitéit an an der Transparenz befannen an dat wëllen ëmsetze, wat mer virun der Vakanz informell proposéiert haten.

Mir haten am Virfeld verschidde Poste presentéiert an diskutéiert, déi mer 2015, 2016 am 2017 iwwer de Plan pluriannuel wëllen astellen an déi mer och brauchen, wéi d'Analysë gewisen hunn.

Mir hunn dat elo hei gruppéiert.

1. Dat éischt ass d'Créatioun vun zwee Posten an der Carrière vum Agent municipal ab dem 1. Oktober 2015. Da leeft déi ganz Prozedur un an dat Ganzt schreift sech an an den Élargissement vum Parking résidentiel, dee soll stattfannen. Mir hunn d'Verkéierskommissioun schonn doriwwer befonnt a wann dat 2016-2017 ausgeweit gëtt, brauche mer natierlech och dat néidegt Personal fir dat ze maachen. Dofir hei d'Propose fir déie zwee Posten.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Wéi hei an der Descriptioun steet, ass et gedeucht fir dass mer zwee Poste schafen en vue vum Élargissement vun de résidentielle Parkingzonen. Och wann dat an der Verkéierskommissioun ugeschnidde ginn ass, eng konkret Planungskaart ass net virgestallt ginn an ech fannen och e bësse schuet, dass mir als Gemengerot net méi detailléiert informéiert ginn doriwwer. Ech weess, dass de Mëtteg eng Informatiounsversammlung ass wou ee ka kucken, wéi dat geplangt ass. Ech hätt et awer begréisst wa mir als Gemengerot am Virfeld méi detailléiert géifen informéiert gi wat an Zukunft geplangt ass.

Mir stëmmen dees zwee Posten net mat well mir mat der Parkraumpolitik hei zu Diddeleng jo net averstane sinn an dat och schonn e puermol widderholl hunn. Mir hunn eis agesat fir datt de Schlakentipp soll weiderhin e gratis Parking bleiwen. D'Doléancë vun de Leit dobausse sinn, dass d'Parkplaze payant sinn an et ass net dat wat d'Leit opreegt, mä datt et limitéiert ass op 2 Stonnen. Et si Leit, déi 4 Stonne schaffen a keng Méiglechkeet hunn, nozegeheien an d'Parkauer an do ass e waarmen Appel, fir dat nach eng Kéier ze iwwerdenken.

D'Schoulmeeschteren hunn déi Doléance och scho virbruecht. Wann déi Schoul hale, kënne se net d'Klass verloossen an ageheie goen.

De But vum Parking payant ass, Leit aus Diddeleng erauszekréien, déi hiren Auto moies hei ofstellen, an d'Stat fueren an en owes nees ofhuelen. Wann een et géing op 4 Stonnen erop setzen, géif een de Leit méi entgéint kommen.

Zweetens hätte mer dann awer nach déi Laangzäitparker aus der Stad eraus an drëttens bräichte mer dann net och nach zwee nei Pecherten anzestellen, well dee bräicht nëmmen hallef esou oft kontrolléieren ze goen.

Betebuerg huet zum Beispill d'Possibilitéit beim Parking résidentiell, datt een och fir d'Geschäftsleit d'Méiglechkeet huet, Vignetten ze kafe fir hiert Personal. Mir hu Leit, déi aus Frankräich kommen an hei e Coiffeur-Salon bedreiwen oder an enger Apdikt schaffen en déi Leit géifen et begréissen, wann se kéinten eng Parkingkaart kafen, wann se och net hei wunnen.



Dat kéint een alles nach eng Kéier iwwerdenken. Aus dëse Grënn stëmme mir dëse Posten net mat.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP - SCHÄFFIN): Ech wëll nach eppes dozou soen. Mir mussen eis awer eng Kéier eens gi wéi dat hei soll goen. Mir hunn eng Verkéierskommissioun a mir informéieren d'Bierger. Wa mer bis eppes Konkretes hunn, da kënnt et hei an de Gemengerot fir et ze stëmmen.

Mir si momentan elo mol op deem Wee, mer haten Enn Juni Verkéierskommissioun, wou mer en éischte Projet gewisen hu fir och hir Iddie mat eran ze huelen, an du wollte mer héiere wat d'Bierger dozou soe wëllen. Dovunner profitéiere mer de Mëtten am Kader vun der Mobilitéitswoch. Dat ass keng Informatiounsversammlung an och kee Workshop an et brauch een net de ganze Mëtteg présent ze sinn. D'Leit kommen dohinner, do steet eise Service de circulation an eis Beroderfirma Komobile an da kënnen d'Leit op de Pläng kucken, hir Froe stellen, op Käertercher hir Suggestioune matdeelen. An duerno kënnt natierlech nach eng Kéier, wa mer eis alles duerch de Kapp goe gelooss hu wat vun de Bierger koum, eng Verkéierskommissioun zesummen, genee esou wéi dat nach ëmmer hei war. Ech weess wierklech net firwat een dat elo soll änneren.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Da froe mer eis just, wa mer nach fir d'éischt sollen op de Bierger lauschteren, firwat musse mer dann elo schonn dee Poste schafen?

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP - SCHÄFFIN): Dat kann den Här Reding Iech erklären, wéi laang dat dauere wäert, mä en attendant musse mer dat maachen. Déi Leit musse jo och en Exame maachen, packen a mir mussen d'Resultater ofwaarden an dann nach eng Kéier an de Gemengerot. Vun deem Moment wou mer de Poste schafe bis dee Mënsch hei ass, do verginn 9 bis 10 Méint. Dat ass et. Wa mer d'nächst Joer domat ukommen, dann hu mer besser, mir kreéieren d'Posten schonns emol elo wéi dass mer noschéisse mussen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Ech wëll generell par rapport zum Fonctionnement vun de Kommissiounen, déi aus politesche Vertrieder vun de Parteie bestinn, dass déi de Message vun der jeeweileger Fraktioun mat eranhuelen, respektiv, déi Leit sëtze jo och hei am Gemengerot an dat ass de klassesche Wee, dee sech déi leschte Jore bewährt huet, dat hänkt ëmmer vun der Fraktioun of.

Ass de Gemengerot mat der Créatioun vun deem dote Posten averstanen? Wien ass domat averstanen. LSAP, Lénk an Déi Gréng. Wien ass net domat averstanen? Wien enthält sech? Dat ass d'CSV.

2 Deen nächste Punkt betrëfft eng Augmentatioun vu fënnef Stonne vun der Madame Azevedo an der Carrière vum Éducateur. Duerch déi Augmentatioun soll se da kenne flexibel tëschent 35 a 40 Stonne schaffen an dat ab dem 1. Oktober 2015. Den Ament huet se 30 Stonnen, et ass also fir do enger Situation de fait kënne Rechnung ze droen.

Ass de Gemengerot mat där Augmentatioun vu fënnef Stonnen averstanen? Dat ass unanime.

3. Beim drëtte Punkt geet et ëm d'Créatioun vun zwee Posten an der Carrière vum Éducateur diplômé am Statut vum Gemengebeamten. Domat befaasse mer eis och nach am Huis clos. Et geet ëm 40 Stonne d'Woch ab dem 1. Oktober 2015, dat ass am Kader vun eise Structure-d'accueille wou mer déi zwee Posten hei schafen. Nieft der Créatioun ass de Subventionnement 75-25 garantéiert.

Ass de Gemengerot domat averstanen? Dat ass unanime.

4. Dee selwechte Prinzip awer an engem anere Service, hei geet et ëm d'Carrière vun engem Éducateur gradué, 40 Stonne fir eise Service local de l'Emploi ab dem 1. Oktober 2015. Dat huet domat ze dinn, dass eng Mataarbechterin während enger längerer Zäit krank ass an et och net ausgesäit wéi wann et besser géif ginn. Déi aktuell Mataarbechter maachen hir Aarbecht mat mä an deene leschte Méint ass et esou, dass d'Belaaschtung vum Service local de l'Emploi net ofhëlt an ëmmer méi Koordinatiounsaarbecht op dee Service duerkënnt an dofir wëlle mer e Poste kreéieren an der Carrière vum Éducateur gradué an och dat op den 1. Oktober 2015.

Ass de Gemengerot domat averstanen? Dat ass unanime.

5. Créatioun vun engem Poste fir en Agent administratif an der Carrière C ënner dem Statut vum Ge-



mengebeamten, 40 Stonnen d'Woch ab dem 1. Oktober 2015. Dat fir de Service des sports, et ass haaptsächlech eng Persoun fir d'Réceptioun wann de Centre sportif René Hartmann de 6. November opgeet.

Ass de Gemengerot domat averstanen? Dat ass unanime.

6. Créatioun vun engem Posten an der Carrière vum Expéditionnaire administratif ënner dem Statut vum Gemengebeamten, 40 Stonen d'Woch ab dem 1. Oktober 2015, am Service de Protection de l'environnement et du développement durable an dat ass fir eise Service de l'environnement ze ënnerstëtzen, respektiv och fir eisem Bannhidder ënner d'Ärem ze gräifen a senger alldeeglecher Aarbecht. Deen ass de ganzen Dag um Terrain a brauch eng Persoun, déi sech ëm déi administrativ Aarbechte këmmert an d'Rapporte schreift an den néidege Suivi mécht.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Wéi eng Qualifikatioun froe mer dann, wa mer dee Posten do ausschreiwen? Gëtt dat e Garde-champêtre.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Neen, dat ass en Expéditionnaire administratif.

Ass de Gemengerot domat averstanen? Dat ass unanime.

7. Créatioun vun engem Posten als Expéditionnaire technique fir eise Service technique ënner dem Statut vum Gemengebeamten, 40 Stonnen d'Woch ab dem 1. Oktober 2015. Dat ass fir de Service resolut ze verstäerken am Kader vun Aarbechten um PAG, PAP an am Bautewiesen. Och do hëlt d'Aarbecht zou. Wat ee méi um Terrain ass, wat ee méi Constate mécht a méi Aarbecht muss maachen.

Ass de Gemengerot domat averstanen? Dat ass unanime.

8. Créatioun vun engem Posten als Expéditionnaire technique ënner dem Statut vum Gemengebeamten, 40 Stonnen d'Woch ab dem 1. Oktober 2015 am Service Gestion et maintien du patrimoine an eisem Service industriel.

Ass de Gemengerot domat averstanen? Dat ass unanime.

9. Créatioun vun engem Posten als Expéditionnaire technique ënner dem Statut vum Gemengebeamten, 40 Stonnen d'Woch ab dem 1. Oktober 2015 am Service Sécurité et santé au travail. Och do brauche mer en Expéditionaire technique fir haaptsächlech de Service Sécurité ze ënnerstëtzen, déi ganz Wartung an de ganze Controlling, deen an eise Gebaier gemeet gëtt. Et geet an déi Richtung vun der Obligatioun als Patron fir en Travailleur désigné ze hunn, wat ganz staark schonn a private Betriber gemaach gëtt an och elo hei op der Gemeng. Deen Travailleur désigné kontrolléiert och ob alleguerten d'Sécherheetsmossnamen agehal ginn.

MICHÈLE KAYSER- WENGLER (CSV): Hei war jo déi Diskussioun ëm d'Schafung vun deem Poste vum Ingénieur technicien, déi Geschicht mat deem Posten, dee mer eis virdru gebastelt haten, deen hu mer du confomiséiert an en Ingénieur technicien agestallt an dat hei, wann ech dat richteg verstanen hunn, ass dat en zweete Posten an dem Service fir de schrëftlechen Beistand dem Ingénieur ze ginn? Ass dat esou? Neen? Kënne mer dann net emol ee Poste fir en Expéditionairë schafe fir déi zwee Servicer, well dat iwwerschneid sech jo awer. Zweemol 40 Stonne kënnt mer e bësse vill vir an dofir wollt ech do nach Explicatioune froen.

HENRI REDING (CHEF VUM SERVICE DU PERSONNEL): Éischtens ass ze soen, dass déi Persoun, déi der elo virdru gestëmmt hutt haaptsächlech am Beräich ass vum techneschen Zeechner, dat heescht, déi hëlt d'Saachen op. Bei der Gestion du Patrimoine gëtt dat Ganzt graphesch opgeholl, wann eppes gemaach gëtt, muss eng Persoun do sinn, déi dat mécht. Déi éischt Persoun mécht d'Coordinatioun des chantiers, dee geet eraus, deen aneren, deen zweeten ass inhouse an zeechent dat Ganzt.

Wat elo derbäi kënnt, dat ass bei der Sécurité et santé au travail, dat ass en Ingénieur, deen eigentlech d'Fonctioun vum Délégué à la sécurité principal huet an dann ass virgesinn, dass deen d'Formatioun vum Travailleur désigné och mécht an awer een derbäi kritt, deen eraus geet well alles wat PAG a PAP ass, muss och en Avis vun der Sécurité et santé



au travail kommen. Et muss also ee sinn, deen déi kleng Chantieren iwwerwaacht. U sech ass et net en techneschen Zeechner mä eng Persoun, deen eigentlech eng handwierklech Capacitéit huet an awer am technesche verséiert ass, eng gewëssen Zäit do ass an de Betrib kennt. An dat ass vum Gesetz aus virgeschriwwen an et ass am Fong geholl komplementär an op dee Service de sécurité et santé au travail kënnt ganz vill Aarbecht zou.

Déi Iwwerschneidung déi ech gemengt hat ass, dass wann déi eng Cellule eppes mécht, muss déi aner informéiert ginn, mä et sinn zwou ganz verschidden Aarbechten. Den Accent läit um techneschen Zeechnen. Deen aneren Expéditionnaire braucht keen Technicien ze sinn. Fir d'Sécurité et santé au travail brauche mer en normalen Expéditionnaire technique. Dee virdru muss dat technescht Zeechne och kënne maachen.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): An deem Service ass jo deen ee Posten, dee gebastelte Posten, dee sollte mer jo ofschafen. Maache mer dat dann och? Well soss hu mer jo dann dee Posten, deen ale Posten, deen net ganz konform war, dann hu mer den Ingénieur an deen heiten, dat sinn dann dräi Leit.

HENRI REDING (CHEF VUM SERVICE DU PERSONNEL): Et ass net, dass en net konform war. De Gemengerot huet den Artikel 27 vum Reglement vun 2001 dee geschafen, dee Mann, deen haut déi Aarbecht assuméiert, huet déi Konditiounen erfëllt. Wann dee Mann an d'Pensioun geet, da gëtt dee Posten ofgeschaf.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Déi Persoun, déi an där Carrière ass, huet sech déi och ugëeegent iwwer eng ganz Rei vu Formation-continuen an huet elo den néidegen Know-how. Wann een dee Posten haut nach eng Kéier misst schafen, wier et an der Carrière vum Ingénieur technicien.

Ass de Gemengerot domat averstanen? Dat ass unanime.

10. Suppressioun vum Service provisoire vun der Madame Jennifer Geschwind, déi ass Éducatrice diplômée, ënner dem Statut vum Gemengenugestallten, ab dem 1. Oktober 2015.

Ass de Gemengerot domat averstanen? Dat ass unanime.

11. Verlängerung vum Service provisoire vun der Madame Nadine Grein, Rédactrice, 40 Stonne pro Woch ënner dem Statut vum Gemengebeamten, vum 1. Januar bis den 31. Dezember 2016 aus deem Grond well den Datum vun den Examen net bekannt ass a mir wëllen dofir eng Prolongatioun maache en attendant dass den Examensdatum bekannt gëtt. Mir wëllen eis gutt Mataarbechterin net an de Seeler hänke loossen.

Ass de Gemengerot domat averstanen? Dat ass unanime.

12. Créatioun vun zwee Poste fir Schwammmeeschter, Carrière vum Artisan, ënner dem Statut vum Gemengebeamten, 40 Stonnen d'Woch, ab dem 1. Oktober 2015. Och dat schreift sech an an de Plan pluriannuel. Dat muss mat de Beetebuerger gekuckt ginn, wéi de Fonctionnement vum Centre sportif Renl Hartmann koordinéiert gëtt.

MICHÈLE KAYSER- WENGLER (CSV): Och do eng Fro. Mir haten eis Schwammmeeschtere jo ausgeléint u Beetebuerg, déi komme jo elo erëm. Da kommen déi Beetebuerger och mat heihinner well jo och hir Schwemm den Ament zou ass. Firwat musse mer dann déi Posten elo scho kreéieren?

HENRI REDING (CHEF VUM SERVICE DU PERSONNEL): Et ass esou, dass mer wëssen, dat hate mer am informelle Gemengerot schonn duergestallt, dass mer eng Zuel vu Beamte brauchen, déi dat Ganzt assuréieren. Mir hunn a ville Gespréicher mat de Kollege vu Betebuerg gekuckt wat si eis kënnen zur Verfügung stellen. Do sinn zwee Schwammmeeschteren, déi kommen. Mä si huelen och Schwammmeeschtere fir hire Chantier ze betreien an hir Klasse selwer ze encadréieren. Insofern kommen eis erëm a mir kréien der vun hinnen, mä mir mussen awer gewappnet si fir de Fall, datt si hir Leit éischter ofzéien. Deen Datum kenne mir awer net a mir wëssen net präzis wéi hire Chantier weider geet. Mir wëssen, dass mer se brauchen, mä net wéini.

MICHÈLE KAYSER- WENGLER (CSV): Ech hunn nach eng zousätzlech Fro. D'Piscine ass jo elo net méi grouss ginn, et ass jo keen neie Moment do, ausser wa mer, a mir géifen dat begréissen, d'Öffnungszäite



vun eiser Schwemm extrem ausweiten. Da bräichte mer vill méi Leit. Firwat net emol een neien Instrukter astellen, firwat der dann elo direkt zwee astellen?

LORIS PINA (LSAP – SCHÄFEN): Engersäits huet d'Reglement iwwert den Encadrement vun de Kanner geännert, et ass net méi sou dass den Accompagnant do kann d'Surveillance maachen, et muss e Schwammeeschter mat derbäi sinn. Et ass och esou, das mer engersäits e bësse méi Schwammstonnen dem Public ubidden a mir hunn och méi Veräiner, déi op d'Schwemm zeréck gräifen. Gläichzäiteg hu mer och méi Coursen, déi mer ubidden, déi ënner anerem vun eise Schwammeeschtere gehale ginn an dofir gräife er op deen dote Schlëssel zeréck. De Besoin, d'Aarbecht huet nettement zougeholl well mer och wollte profitéiere vun deenen neien Infrastrukture fir dem Public, de Veräiner an de Schoule méi unzebidden.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Ass de Gemengerot domat averstanen? Dat ass unanime.

13. Rekonversioun vun engem Posten an der Carrière vum Maître d'éducation physique, de Jean-Luc Meisch ass jo den 31. Dezember 2013 an d'Pensioun gaangen, an de Poste vum Instructeur de natation, 40 Stoen d'Woch, ab dem 1. Oktober 2014.

Ass de Gemengerot domat averstanen? Dat ass unanime.

14. Créatioun vun enhem Posten an der Carrière vum Salarié (Carrière A – Aarbechter), 40 Stonen d'Woch, fir eisen Département administratif, Service Fêtes et manifestations publiques , ab dem 1. Oktober 2015. Dat ass och e Service, dee ganz vill solicitéiert ass wat déi ganz Manifestation-publiquen hei zu Diddeleng betrëfft, sief et Saachen, déi d'Gemeng selwer organiséiert, sief et all déi Saachen, déi d'Veräiner maachen, virum Stadhaus. Dëse Service soll persouneméisseg verstäerkt ginn.

Ass de Gemengerot domat averstanen? Dat ass unanime.

15. Créatioun vu véierzéng Posten an der Carrière vum Agent de nettoyage (Carrière A – Aarbechter), ab dem 1. Oktober 2015, déi Poste gi progressiv ausgeschriwwen.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Sécher huet eng Gemeng eng sozial Aufgab fir Posten ze schafen och fir net qualifizéiert Leit awer all Créatioun vun engem Posten huet en immensen Impakt op eise Budget. Als klenge Rappel, d'Personalfraisen an der Diddelenger Gemeng maache 57% vum Budget aus, als Schoulpersonal abegraff. D'CSV fuerdert, dees Käschten ze reduzéieren. Mir hunn all Création de poste kritesch hannerfrot an och haut nees, a mir hunn net all Poste matgestëmmt. Mir fuerderen en intensive Screening vun de Servicer an d'Schafe vu Synergië vun de Servicer. Bis elo huet sech awer an der Personalpolitik näischt, awer och guer näischt geännert.

Net ee Poste gouf ofgeschaaft a wäert och net ofgeschaf ginn, obwuel eis heibannen öfters gesot ginn ass, dat géif gemaach ginn. Eisen Appel fir Synergienschafe gouf mat fadenscheinegen Argumenter zeréck gewisen.

Zu Diddeleng, dat muss ee sech mol virstellen, hu mir eng Equipe Nettoyage am Service industriel an eng zweet Equipe Nettoyage am Service des sports. Mir krute gesot, dass een déi e Service-de Nettoyagen onméiglech kéint zesumme leeën. Mir hate jo och Botzpersonal an der aler Schwemm, déi Leit goufe während dem Chantier an d'Schoule geschéckt fir do d'Turnsäll ze botzen. Elo wou den Hartmann nees opgeet, kënnt dëst Botzpersonal net nëmmen net zeréck, mä mir sollen en plus véierzéng nei Poste kreéieren.

Eis Botzpersonal besteet insgesamt aus 60 Posten. Mir kruten erkläert, dass en Agent de nettoyage 95 Quadratmeter pro Stonn botzt.

Insgesamt ginn elo bei déi 12.600 Botzfläch an den Turnsäll, Piscinnen, Sanitären a Vestiairen nach 10.500 Quadratmeter duerch d'Opgoe vum neie Centre Hartmann derbäi gerechent. Also, gëtt eis gesot, brauche mer nach 14 Leit derbäi fir eis Equipe Nettoyage am Service des sports.

Ech hu mer erlaabt, mech anerwäerts ze renseignéiere wéi eng aner Méiglechkeet mir zum Beispill hätten. Mir berechnen, dass 1 Agent de nettoyage 95 Quadratmeter pro Stonn botzt.

Ech hunn 2 Firmae kontaktéiert, an ech krut vum Responsabele vun der Firma Dussmann gesot, si rech-



nen 250 Quadratmeter pro Stonn fir normal Surfacen, 200 Quadratmeter pro Stonn fir d'Duschen a mir si bei 95 Quadratmeter pro Stonn. Iwweregens ass dat déi selwecht Firma, déi och am CNA botzt.

Dann hat ech och e ganz flotten Entretien mam Direkter vun Netto-Service an déi berechnen Sportshalen 300 Quadratmeter pro Stonn, genau och wéi d'Schoulen, d'Vestiairë gi mat 120 Quadratmeter pro Stonn berechent. 75 bis 100 Quadratmeter pro Stonn, dat ass virgesi fir den Nettoyage terminal vun Douchen, Toiletten, Sanitaire an enger Schwemm. Dat ass den Nettoyage terminal no de Bauaarbechten. Déi zwou Firmaen hu mer gesot, wann een 1 bis 2 Botzfraen de ganzen Dag an enger Schwemm huet, déi dertëschent botzen, kann ee roueg op en Taux vun 200 Quadratmeter fir eng Schwemm goen.

Dann hat ech och nach déi aner Tauxe vun eisem Diddelenger Service Nettoyage - Bâtiment gekuckt, do komme mer op eng Frequenz vun 140 Quadratmeter, respektiv 105 Quadratmeter pro Stonn. An anere Gemenge kommen se op en däitlech méi héijen Taux.

Et ass net nëmme vun deenen zwou Firmaen, wou esou Virgabe gi sinn, mä ech hunn och en offiziellt Schreiwen aus Däitschland an déi rechnen net 100 Quadratmeter, mä fir Leit, déi a Schoule botzen eng Aarbechtsintensitéit vun 312 Quadratmeter pro Stonn. Ech huele jo un, dass dës Zuelen dem Schäfferot bekannt sinn. Dir musst eis awer elo mol erkläeren, firwat dass mir zu Diddeleng méi lues schaffen ewéi an anere Gemengen?

Déi zwou Firmae, déi ech untelefonéiert hunn, botze säit längerem an de Gemenge Miersch, Koplescht, Mamer an och Steesel, eng Gemeng mat och engem sozialistesche Buergermeeschter!

Déi Firmae bidden un, duerch all Gebaier ze goen, si maachen en Devis, an déi Firmaen hunn efficace Material, si schoulen hiert Personal sur place, si maachen d'Gestioun an de Remplacement ass och assuréiert. D'Stad Lëtzebuerg gräift oft och op esou eng Firma zeréck fir all hir Iwwerstonnen ze remplacéieren.

Firwat soll een net op dee Wee goen? Et ass och interessant, déi Informatiounen hei ze soen. Eng vun deenen 2 Firmae botzt och zu Steesel a si hunn eng Klausel an hirem Kontrakt, dass si Personal iwwerhuele mat allen Anciennetéiten a Konditiounen. Zweetens kann een eng Klausel abauen. Dass se a priori Leit aus der Gemeng astellen. Da géife mer eiser sozialer Aufgab gerecht ginn an d'Leit ginn no engem Kollektivvertrag bezuelt. Et ass keng Dumpingfirma. De Kontrakt kann ee sur mesure ausschaffen.

Also, mir hunn eng Kadenz vu 95 Quadratmeter an der Stonn am Service Sports, 200-300 Quadratmeter krut ech ugi vun deene verschidden Firmaen, also, dat ass dat Duebelt a méi. Wann een d'Kadenz op 180 Quadratmeter pro Stonn eropsetzt, si mer nach ënnert der Kadenz vun de Botzfirmaen, mä mir kéinten d'Halschent vun de Botzfraen aspueren.

Kuck mer an d'Zukunft: Dat heiten ass nach net d'Enn vun der Geschicht. Et gëtt et neit Reglement betreffend d'Botzen an de Maison-relaisen an d'Crèchë vum Ministère de la Santé an d'Prozedure ginn ëmmer méi komplex. D'Personal muss ugeléiert ginn, mä dat ass keng Ursaach fir ze soen, elo brauche mer nach méi Personal. Firwat mussen zu Diddeleng 2 Botzéquipë bestoe bleiwen, déi net kënnen zesummegeluegt an ausgetosch ginn? Déi zwee Patrone vun de Botzfirmaen hu mir bestätegt, dass hiert Personal z.B. moies de Cactus botzt an owes en Crèche. Si hunn absolut net verstane firwat zu Diddeleng zwou Botzéquipë musse sinn, déi net kënnen zesummeschaffen a wou d'Personal net kann ausgetosch ginn. Wann d'Leit gutt ugeléiert ginn an adäquat Material zur Verfügung steet, kann een duerchaus Synergië schafen.

D'Argument, wat Dir eis hei sot, dass mir nei Botzfrae brauche well mir eis Leit aus der Sports-Botzéquipe huele fir an deenen eenzelne Schoulen d'Turnsäll an d'Vestiairen ze botzen an net déi Botzéquipe, déi souwéisou an der Schoul schafft a botzt , ass absolut onverständlech ! Dat géif jo bedeiten, dass mer jo d'Leit vum Turnsall an der Schoul A bei den Turnsall an der Schoul B mussen transportéieren ! Dat kascht Zäit- déi och muss bezuelt ginn- an och nach wa méiglech en Auto a firwat net och nach e Chauffer. Dobäi ass jo an all Schoul eng Botzfra sur place, déi kéint den Turnsall dach gutt mat botzen. Ewéi esou eng schlecht Organisatioun vun der Aarbecht méiglech ass, ass mir e Rätsel !

Är Argumenter kënne mir net novollzéien. Loosst Iech meng Propose mol duerch de Kapp goen, eng Offer bei de Botzfirmaen unzefroen, beim Personal ze kucken,



wei eng Synergië méiglech sinn, en Unzéie vun der Kadenz an Erwägung zéien. Domat kéinte mer eis Personalfraisen an och eise Budget besser an de Gréff kréien.

Et kann een och Synergië mat enger Firma maachen an deels mat enger Firma botzen an deels mat eegenem Personal. Zum Beispill, wéi déi eng oder aner Gemengen et maachen, oder wéi mir et elo och am CNA maachen, deels mat enger Firma, deels mat eegenem Personal fueren. Zum Beispill an der Schwemm kéint een 2 bis 3 Botzfraen astellen, déi dertëschent den Entretien maachen an awer leit vun enger Firma komme loossen, déi mat hire Maschinnen – well déi misste mer jo och nach kafen – d'Hal, de Gang, d'Douchen, d'Vestiairen etc. owes am Fong botzen. Dat misst jo machbar sinn, well am CNA hu mer jo och just annerhallwe PostenBotzpersonal an de Rescht iwwerhëlt d'Firma Dussmann.

Mir wäre frou, wann Dir eis d'Rechnung kéint presentéiere wat déi eng oder aner Offer eis pro Joer géif kaschten. Dir verstitt sécherlech elo och firwat d'CSV d'Créatioun vu 14 Posten op ee Coup an ouni d'Synergie vun deenen 2 Botzsericer vun der Gemeng an d'A ze faassen an ouni mol fir d'éischt dat alt Botzpersonal ze reaffektéieren an den Hartmann an ouni iwwer eng Erhéijung vum Botztempo ze diskutéieren, absolut net kënne matdroen.

RENÉ MANDERSCHEID (LSAP – SCHÄFFEN): Ech dinn elo d'Kap vum Gewerkschaftssekretär op a muss soen, dass mär bäi deem flamenden Appel vun der CSV, Outsourcing zu dausend Prozent ze bedreiwen, d'Hoer zu Bierg stinn. Ech kann iech aus Erfahrung soen, dass d'Aarbecht bei deene Botzfirmaen, déi mat esou héijen Tauxe schaffen an dann och nach soen, dass hir fäi Leit esou flexibel sinn an ouni Problem moies do an owes do botzen, dass déi Aarbecht um Terrain eng reng Sklavenaarbecht ass.

Dat ass op jiddwer Fall net esou wéi mir hei an der Diddelenger Gemeng mat de Leit verfueren a wéi mir eis Leit behandelen. Op guer kee Fall maache mir bei esou Dumpingmethode mat.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Här Manderscheid, wann déi Firmaen esou schrecklech sinn a Sklavenaarbecht bedreiwen, wéi konnt Dir dann Är Ënnerschrëft ënnert de Kontrakt mat der Firma Dussmann sëtzen, déi jo awer den CNA botzt ?

HENRI REDING (CHEF VUM SERVICE DU PERSONNEL): Ech wollt just eng Präzisioun ginn. Ech hu relativ vill Erfahrung an Ausschreiwungen am Botzsecteur. Dir kënnt e Präis an eng Kadenz kréien, déi all Recorder schléit a wann een dann awer nokuckt, mir hunn d'Obligatioun an där CNAsgeschicht, déi ugeschwat gouf, déi ass komm well mer mam Staat zesummen an enger Synergie sinn, soss hätt Diddeleng dat deemools net gemaach a mir hunn dunn e Cahier des charges opgestallt, dee konform zur Legislatioun dat heescht mir hu genee gekuckt, wéivill Stonnen do gebraucht ginn, Leit mer brauchen, wat de Stonneloun ass well een angeblech esou gudde Kollektivvertrag, do maachen ech mer Suergen.

Op alle Fall hu mir, well dat sinn déi schwaachste an der Leitung, dat sinn déi Leit, déi mam Mindeststonneloun kréien, sech mat hirem Privatauto mussen déplacéieren an da kucken dass se nach eens gi mat der ganzer Saach. Mir hunn och den Test gemaach, wéi mer ausgeschriwwen hu fir d'Alliance. Mir haten e Budget festgeluegt vu 50.000,00 Euro an et huet sech erausgestallt, dass d'Firma bei 56.000,00 Euro war. Dunn huet de Schäfferot dee Marché casséiert well dee Budget war vill ze héich.

Et hänkt och alles vun de Raimlechkeeten of, déi ee botze muss. Et si Leit, déi mussen d'Eemeren an d'Botzgeschir d'Trapen erop droe well et net méiglech ass, dat anescht ze transportéieren an dat ass relativ schiedlech. Als Medeziner wësst der wat dat vu Problemer mat sech bréngt. Am private Secteur heescht et dann, mir musse méi jonk Leit huelen, mir hunn awer duerchgezunn, dass mer bis haut nach ëmmer déi Leit innerhalb vun eise Servicer gehalen hunn a mat der Aarbechtsmedizin gekuckt, datt mer e Poste de travail kreéiert hunn, wou déi Leit en Aménagement kritt hunn. Dat setzt natierlech viraus, dass mir eng aner Kadenz hunn. Da geet d'Kadenz erof. Déi Firmaen, déi Dir genannt hutt, kréien oft Problemer am Bankesecteur well do ganz bëlleg muss geschafft ginn an do maachen d'Employéen d'Eemeren eidel an esou weider. Do ginn se extrem gedréckt.

Si hunn hei ganz gutt Konditiounen, wéi och déi Leit schaffen. Et ass wichteg, dass mer anstänneg mat der Firma fueren an deen Dumping net matmaachen.





Deemools wéi mer ugefaangen hu mat där Firma, déi de Marché remportéiert huet, ze schaffen, hu mer gekuckt, dass déi mat eisem Service d'Emploi zesumme geschafft huet fir Diddelenger ze embauchéieren. Dat geet awer net ëmmer, net all Marché ass d'selwecht.

Bei der Alliance hu mer et zum Beispill fäerdeg bruecht mat manner Stonnen eens ze ginn, wéi d'Firma gesot huet, well mer Synergië mat der Schoul haten.

Weiderhi gëtt et Hygiènesnormen, déi am Beräich vun de Sportsinfrastrukturen, Vestiairen a Sanitairen sinn, mussen agehale ginn an déi hunn och zougeholl. Fir d'Beispill vun der Maison-relais ze huelen, wann déi Dammen, déi do botzen an och d'Iessen erausginn, dat ass eng Ménagèresfonctioun an net en Agent de nettoyage. Dat huet mat der Sécurité alimentaire ze dinn. An et huet och mam Botzen ze dinn.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci der CSV fir hier flamboyanten Appel fir den Dumping an den Outsourcing. Mir sinn och Patron als Gemeng mä mir hunn och eng sozial Aufgab.

Déi Leit, déi mir astellen, si Leit an enger prekärer Situatioun, dat si Leit, déi am Chômage sinn, net qualifizéiert sinn. Déi Leit wëlle mer stäerken an net nach weider schwächen. D'CSV mécht sech staark fir d'Patronat. Um Niveau vun de nationalen Kollektivvertragsverhandlungen ass immens vill soziale Sprengstoff a Konflikter. Hei op der Gemeng Diddeleng hu mir eng ganz gutt Zesummenaarbecht mat de Gewerkschaftsvertrieder a mir fleegen de sozialen Dialog. Dat ass fir eis ganz wichteg a mir wëllen dat och bäibehalen.

Par rapport zu dem fir dat d'Madame Kayser sech hei staark mécht, hu mir de richtege Choix déi lescht Jore gemeet, well déi Leit déi mer hei als Botzpersonal agestallt hunn, déi maachen eng exzellent Aarbecht.

Dovunner gëtt hei net geschwat. De Feedback vun de Veräiner a vum Personal, vun de Leit, deen ass ganz positiv an dat weist also, dass mer ganz kloer hei de richtege Choix gemeet hunn an eis net leede loosse vun Outsourcing an Dumping. Dat ass e Wee, deen dës Majoritéit net wëll goen. An domat wëlle mer zur Ofstëmmung kommen.

Wien ass mat dëser Créatioun averstanen? Dat ass LASP, déi Lénk an déi Gréng.

Wien ass mat dëser Créatioun net averstanen? Dat ass d'CSV.

16. Créatioun vun zwee Posten an der Carrière vum Chauffer (Chauffer - Carrière D), ënner dem Statut vum Salarié, 40 Stonnen pro Woch, am Service Gestion et maintien du patrimoine, also an eiser Voirie. Mir brauchen hei Chaufferen. Déi am Alldag am Asaz sinn, well mer der net méi allzevill hunn an och dat ab den 1. Oktober 2015

Ass de Gemengerot domat averstanen? Dat ass unanime.

17. Créatioun vu sechs Posten an der Carrière vum Concierge (Carrière A1 - Concierge) ënner dem Statut vum Salarié, 40 Stonne pro Woch, am Service des sports an der Gemeng Diddeleng. Och dat schreift sech an d'Kontinuitéit vun der Diskussioun vu virdrun haten iwwer d'Ouverture vum Centre sportif René Hartmann, wou den Aarbechtsberäich vill méi grouss gëtt. Et fannen och elo méi Manifestatiounen do statt, och de Weekend. Schichte musse gemeet ginn, samschdes a sonndes gëtt do och geschafft, Training owes, dem Lycée Nic Biever seng Aktivitéiten. Do musse mer eis opstelle fir alleguerten déi Aktivitéiten esou gutt wéi méiglech och um Niveau vun der Conciergerie an der Surveillance kënnen ofzewéckelen.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Et muss ee wëssen – an dat ass eng traureg Realitéit - dass mer schonn 8 Posten hunn. Leider hu mer nëmmen 3 Leit, déi voll asetzbar sinn an déi aner net. Dat ass natierlech e leidegt Thema. Eis Fro: Firwat kënne mer déi Leit net anerwäerts affektéiere well bei der Job Description steet kloer " Le concierge ne doit pas présenter de restrictions quant à l'accomplissement des différentes missions lui incombant". Dat heescht, dass dee Mann Restriktiounen huet, net méi tenabel ass op sengem Posten. Firwat maache mer do kee Reclassement interne?

Déi zweet Fro ass: Firwat musse mer elo erëm direkt 6 Poste kreéieren? Firwat musse mer ëmmer esou héich gräifen? Firwat net am Ufank 3 Poste kreéieren? Et ass schéin a gutt, dass mir de Leit Aarbecht verschafen, mä mir si kontradiktoresch an eiser



Politik. Bei de Studente schwätze mer vum Fläiss a vum Mérite a vum Engagement an heiansdo huet een d'Gefill, dass op der anerersäits an eng komplett aner Richtung gaange gëtt. Ech sinn net asozial agestallt, mä firwat 6 Posten an net mol 3?

HENRI REDING (CHEF VUM SERVICE DU PERSONNEL): Mir hunn elo hei gekuckt, wéi d'Ouvertureszäite sinn, mir hu 7 Deeg op, dat heescht mir sinn am Kader vum Pan-Gesetz, mir mussen e Schichteplang maachen, deen ass erstallt, wou mer dee ganze Fonctionnement ronderëm d'Auer hunn, well et mussen d'Leit jo och hir Rouzäiten anhalen, do sinn dann zwee Deeg dertëschent, an dat bedingt, dass mer déi Zuel vu Conciergë brauchen, déi mer hei gesot hunn a mir hunn dunn awer elo gesot, mir ginn déi Saach graduell un. Mir starte jo elo eréischt, mussen awer, wa mer och elo wëssen dass mer laut deenen Obligatiounen déi mer gemiess dem Code du travail hunn. Musse mer déi Posten op der Plaz hunn a da probéiere mer elo mol fir d'éischt fir ze gesi wéi de Fonctionnement ass. Mir mussen awer e Backup hunn an e Poste kreéieren a wann dann elo fir d'éischt wann déi leit rekrutéiert ginn, kréie se fir d'éischt e CDD an da kucke mer, ob mer se an där Form brauchen an da ginn se agestallt. Mä wa mer elo scho wëssen, dass mer se brauchen, fir d'gesetzlech Obligatiounen ze erfëllen, musse mer e Réckhalt hunn. Dobäi kënnt d'Sécuritéit, deen se dann och si well se och mat Sécuritéitsaufgabe betraut sinn, besonnesch an deem dote Beräich. Mir hunn z B eng Kloterwand, wo een dann och e Concierge brauch. Ech hu mech mat de responsabele vum Service des sports zesumme gesat a mir hunn al Mënsch deen do an der Fonctioun ass an net esou belaaschtbar ass, si hunn alleguerten e Certificat médical a sinn duerch de Contrôle médical gelaf. An et handelt sech ëm Leit, déi e Reclassement interne mat Reduction de tâche gemaach hunn an et si Leit, déi da mat Restriktiounen do schaffen, wou mer keng legal Basis hu fir d'Tâche erofzesetzen, wa se dat net wëllen, Si hunn alleguerten en Aarbechtsfeld an dat ka méi eng sedentär Aarbecht sinn an et ass kloer dass wann dës Leit keng Permanence oder keng onregelméisseg Aarbechtszäit méi schaffen, och hi Prime d'astreinte ewech geholl kréien. Dat regele mer interne, mä mer kënnen se net aus der Carrière eraushuelen, dat léisst weder de Kollektivvertrag nach de Code du travail zou.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Ass de Gemengerot mat der Créatioun vun deene 6 Posten averstanen? Dat ass LSAP, Déi Lénk an déi Gréng. Wien ass mat der Créatioun vun deene 6 Posten net averstanen? Wien enthält sech? Dat ass d'CSV.

18. Suppressioun vun engem Posten an der Carrière vum Redakter mat Hallefzäit (20 Stonne pro Woch) Dat ass de Poste vum Här Romain Misteri dee jo an d'Pensioun gaangen ass an 20 Stonnen d'Woch am Office social geschafft huet. Et gëtt proposéiert, dee Posten ofzeschafen.

Ass de Gemengerot mat där Suppressioun averstanen? Dat ass unanime.

Ufank vum Huis-clos.

# Les séances du conseil communal en vidéo

## Die Gemeinderatssitzungen auf Video



CHÈRES LECTRICES, CHERS LECTEURS,

Nous tenons à vous informer que les séances du Conseil communal peuvent être visionnées dans un délai d'environ une semaine après les séances sur le site internet de la Ville de Dudelange à l'adresse suivante:

http://www.dudelange.lu/politique-et-administration/seances-du-conseil-communal

Le collège des bourgmestre et échevins,
Dan Biancalana, bourgmestre
René Manderscheid, Loris Spina, Claudia Dall'Agnol, échevins

LIEBE LESERINNEN, LIEBE LESER,

Hiermit informieren wir Sie, daß Sie sich die Gemeinderatssitzungen in einem Zeitraum von etwa einer Woche nach der Sitzung auf der Internetseite der Stadt Düdelingen ansehen können:

http://www.dudelange.lu/politique-et-administration/seances-du-conseil-communal

Das Schöffenkollegium,
Dan Biancalana, Bürgermeister
René Manderscheid, Loris Spina, Claudia Dall'Agnol, Schöffen

DIDDELENG
VILLE DE DUDELANGE

BP 73 L-3401 Dudelange /// T 516121-1
ville@dudelange.lu /// www.dudelange.lu

/villededudelange
@villedudelange

DUDELANGE · CELTIC CELEBRATION ·

# Zeltik .LU

## DUDELANGE

18h30
Hall sportif LNBD annexe Alliance

**Sa. 12.03**

# CARLOS NÚÑEZ

# LEVELLERS

# DANCEPERADOS OF IRELAND

# BODH'AKTAN

## BALTIC SEA CHILD | SCHËPPE SIWEN

## BEOGA | LUXEMBOURG PIPE BAND

**11.03 Prélude celtique**
Église St Martin - 20h00

**Berlin Pipe Company,** scottisch pipes & drums
**Erik Hoeppe,** organ


Organisateurs

DIDDELENG
VILLE DE DUDELANGE
opderschmelz CENTRE CULTUREL REGIONAL DUDELANGE
CENTRE D'INTERVENTION DUDELANGE

Sponsors

BOFFERDING
SPUERKEESS
cruciani automobiles
GECKO GROUP
CODEX
NATURATA
LYCÉE NIC-BIEVER
emile weber
Entreprise Jules FARENZENA TRAVAUX PUBLICS ET PRIVES

Partenaires médias

Quotidien
RTL
L'essentiel
radio 100,7
Tageblatt
Eldoradio
ARA CITY RADIO
LE JEUDI SOYEZ EXIGEANT
RADIO DIDDELENG 103,6